

Ordre du jour

1. 4946 - Projet de loi relative aux effets légaux de certains partenariats  
4162 - Proposition de loi sur la réforme du mariage  
4110 - Proposition de loi sur l'union libre  
*(Rapport de la Commission juridique - Présentation des propositions de loi - Discussion générale - Lecture du texte du projet et des propositions de loi - Votes et dispense du second vote constitutionnel)*
2. 5315 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1<sup>er</sup> mars 1973 autorisant le Gouvernement à accorder la garantie de l'État et une aide financière au profit de la «Société des Foires Internationales de Luxembourg», Société anonyme à Luxembourg (suite)  
*(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
3. 5256 - Projet de loi modifiant la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques (suite)  
*(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
4. 5159 - Projet de loi relative à la coordination de la politique nationale de développement durable  
*(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
5. Dépôt d'une motion relative à la politique d'embauche du groupe Arcelor
6. 5313 - Projet de loi portant approbation de l'Amendement à l'article 1<sup>er</sup> de l'Accord portant création de la Banque européenne pour la reconstruction et le développement, adopté par le Conseil des gouverneurs par une résolution du 30 janvier 2004  
*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
7. 5201 - Projet de loi relative à la Société d'investissement en capital à risque (SICAR) et portant modification de  
- la loi modifiée du 4 décembre 1967 relative à l'impôt sur le revenu  
- la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune  
- la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal  
- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée  
- la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif  
*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
8. 4754 - Proposition de loi portant  
1. révision des articles 11, paragraphe (6), 32, 36 et 76 de la Constitution;  
2. création d'un article 108bis nouveau de la Constitution  
*(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de loi - Premier vote constitutionnel)*
9. 5047/5039 - Proposition de révision des articles 63 et 65 de la Constitution - Second vote constitutionnel  
*(Discussion générale - Lecture du texte de la proposition de révision de la Constitution - Second vote constitutionnel)*
10. 5213 - Projet de loi ayant pour objet d'augmenter le taux de compétence en premier et dernier ressort des justices de paix et de modifier certaines dispositions:  
- du Nouveau Code de procédure civile;  
- de la loi modifiée du 18 février 1885 sur les pourvois et la procédure en cassation;  
- du Code d'instruction criminelle;  
- de la loi modifiée du 14 février 1955 portant modification et coordination des dispositions légales et réglementaires en matière de baux à loyer;  
- de la loi modifiée du 21 avril 1908 concernant les vices rédhibitoires des animaux domestiques;  
- de la loi modifiée du 10 juin 1898 concernant les dégâts accidentels causés à la propriété superficière par les travaux d'exploitation des mines, minières et carrières;

- de la loi du 15 mars 1979 sur l'expropriation pour cause d'utilité publique  
*(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
11. 5232 - Projet de loi portant modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu et de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs  
*(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
- Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Michel Wolter et Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres.
- (Début de la séance publique à 9.04 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.  
Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?  
***(Négation)***  
Dat ass net de Fall.  
Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4946 zesumme mat de Propositions de loi 4162 vun der Madame Renée Wagener a 4110 vun der Madame Lydie Err iwwert d'Partnerschaften. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Mosar, d'Madame Err, déi Här Bettel an Henckes, d'Madame Wagener an d'Madame Arendt. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4946, den honorablen Här Claude Wiseler.

1. 4946 - Projet de loi relative aux effets légaux de certains partenariats
- 4162 - Proposition de loi sur la réforme du mariage
- 4110 - Proposition de loi sur l'union libre
- Rapport de la Commission juridique***

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi all gesellschaftspolitesch Fro huet och diesen Text eng ganz Rei Passiounen ausgeléist, eng ganz Rei Diskussiounen ausgeléist. An dëst nach méi wéi eng ganz Rei aner Froen, well et u sech e Projet ass, deen am Zentrum vun eisem Zesummeliwen am grouse Ganze steet, wou sech d'Fro stellt wat fir eng Form vun Zesummeliwe mir, eis Famillje kënnen hunn a wéi de Stat haaptsächlech - an dat ass d'Fro - domadder ëmgeet a wéi en déi Formë vun Zesummeliwe gesetzlech encadréiert.  
Dës Diskussioun, déi mer haut de Moie féieren, ass net nëmmen eng Diskussioun, déi zu Lëtzebuerg stattfënn. Et ass och eng Diskussioun, déi an all den europäesche Länner ronderëm eis scho stattfonnt huet. Et ass eng Diskussioun och mat ganz villen Aspekter. Op där enger Säit ass et eng Diskussioun ëm déi Koppelen, déi sech net wëlle bestueden, op där anerer Säit ass et eng Diskussioun iwwer homosexuell Koppelen, déi mat esou engem Projet wéi deem hei eng juristesche Unerkennung kënnen fannen.  
Et ass eng Diskussioun, déi sech och an den europäesche Kontext aschreift, wou ee muss kucke wéi an anere Légsliatiounen esou Partenariater geregelt sinn, ob där enger Säit, an op där anerer Säit och, wéi mir hei zu Lëtzebuerg mat Lé-

gsliatiounen, déi am Ausland bestinn, ëmginn, wéi mer déi regelen, wéi mer se considérieren a wéi mer hei, wéi gesot, mat esou Partenariater, déi am Ausland gemaach sinn, ëmginn.  
Et ass och eng Diskussioun, déi schonn a verschiddene Formen zu engem Deel hei an der Chamber war, well mer eng Rei Propositionen de-loien hu vun der Madame Wagener, vun der Madame Err, déi och duerno mat wäerten diskutéiert ginn an déi déi Froestellung zu engem Deel vun enger anerer Säit uginn an aner Léisunge virschloen.  
Fir eis ass d'Fro, wéi Leit hiert Zesummeliwe gestalten, prioritär och emol eng Fro vun der privater Sphär. Bis elo ass am Code civil just de Mariage virgesinn. Am Mariage ginn duerch d'Gesetz d'Rechter an d'Flichte vun deem engen a vun deem anere Partner kloer an dätlech festgeschriwwen. Am Code civil an an anere Gesetzer gi Schutzmoosssname virgesi fir déi Partner, déi déi manner staark, déi déi schwach an enger Koppel sinn, an den Artikel 212 vum Code civil - an all déi, déi an de Gemengen täteg sinn an déi Hochzäiten an de Gemenge maachen, liesen dee jo och méi wéi eng Kéier virseet, datt déi Leit, déi sech matenee bestueden, Trei, Hëllef a Bäistand, fidélité, secours et assistance, een deem anere schëlleg sinn.  
Et ass also eng Relatioun, déi Solidaritéit a Responsabilitéit festschreift, wat zwou Saache sinn, déi zwar einfach gesot sinn, mä déi an enger Welt wou mer haut liewen, eng Welt voller Egoismus, voller Individualismus, awer keng esou Evidenz sinn. Also eng Relatioun, wou Solidaritéit a Responsabilitéit an de Vierdergrond gestallt sinn an domat eng Relatioun wou an eiser Gesellschaft den eischte Verantwortungstissu opgebaut gëtt. De Mariage ass eng fest Verbindung. D'Opléisen an d'Scheedung sinn zwar an deene leschte Jorzénge manner schwéier wéi dat nach virun 30, 40 Joer de Fall war, mä et ass awer nach haut ganz sécherlech eng contrainnant Prozedur.  
Mir stellen haut awer fest, an ouni wëllen Zuelen ze nennen - well ech mengen et ass elo net d'Plaz fir hei op Prozenter anzegoen -, datt vill jonk Leit haut ouni Bestiednis zesummeliwen. Mir stelle fest, datt d'Zuel vun de Scheedungen héich ass. Mir stellen och fest, datt d'Zuel vun deenen Elteren, déi eleng erzéien, konstant an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen ass. Mir stellen och fest, datt ganz vill vun homosexuelle Koppelen haut froe fir eng Unerkennung ze kréien an déi Unerkennung wëllen och an engem juristesche Kader festgeluecht kréien.  
Firwat ass dat esou? Firwat datt vill jonk Leit ouni Mariage haut zesummeliwe maach vill Grënn hunn, déi och ganz variabel sinn. Déi eng, well se wëlle länger Fräiheet hunn, déi aner, well se wëllen e Versuch maachen, e gemeinsaamt Zesummeliwen an enger eischerter

Etapp ouni Bestiednis ze hunn a fir duerno an e Bestiednis eranzegoe wa se méi sécher sinn an hirer Zesummegehéieregkeet, vun dem Fait, datt se d'Zesummeliwen och iwwert d'Méint, iwwert d'Jore ronn kréien. Déi aner, well se Angscht virun engem Engagement hu fir d'Liewen oder zumindest fir eng länger Zäit, déi aner, well se wëllen, wann et drop ukënnt, eng schwéier Scheedungsprozedur évitéieren.  
Wat och ëmmer d'Grënn sinn, op jidde Fall war et esou, datt 1999 an deene verschiddene Wahlprogrammer an duerno och an der Regierungserklärung kloer zum Ausdrock komm ass, datt soll e juristesche Kader geschaaft gi fir déi Leit, déi net wëllen an de Mariage goen, an och fir homosexuell Koppelen e juristesche Kader ze schaffen.  
An do si mer, wéi gesot, vun zwou reellen Demandë vu baussen ausgaangen. Op där enger Säit déi vun den heterosexuelle Koppelen, déi e Mariage refuséieren, wou awer duerch de Fait, datt se net an de Mariage eraginn, sech eng Rei praktesch Froe vun hirem Zesummeliwen an eiser Gesetzgebung, esou wéi se haut nach ass, gestallt hunn, eng Rei Problemer sech opgedrängt hunn, eng Rei Problemer no Léisunge gesicht hunn an och eng Rei vu soziale Rechter a Flichten net do waren, notament wat Problemer gestallt huet fir déi, loosse mer soe méi Schwach oder déi manner Staark an enger Koppel, déi heiansdo bei der Trennung da Schwiereregkeeten ausgesat waren, well dann awer och guer keng Ofsécherung do war. An zweetens vun homosexuelle Koppelen, déi wéi gesot keng Unerkennung an der Rumm vun hirem Zesummeliwen haten.  
Den Text, dee gemaach gouf, hat dann och dräi Haaptobjektiver. Deen eischten Objektiv am Kader vum Droit civil fir eng Rei Minimalregele vun der Solidaritéit a vun der Responsabilitéit anzeféieren, fir d'Rechter an d'Flichten haaptsächlech en matière patrimoniale festzesetzen. Deen zweeten Objektiv war fir deene Leit, déi net selwer sozial ofgesécheret waren, minimal Sozialrechter ze ginn an eng Rei Aspekter vun der Sécurité sociale ganz kloer ofzesécheren. Deen drëtten Haaptobjektiv war eng Rei vu fiskale Rechter ze ginn, eischstens wat d'lérschaftsrechter ugeet an zweetens och wat d'Akommessteieren ugeet.  
Dësen Text schreift sech noutgedrongereweis, evidentereis an en internationale Kontext an. Ech wëll e wéineg dorobber agoen. Eischstens well selbstverständlech dee Projet de loi hei sech vun aneren Texter, déi mer an eisen Nopeschlänner kennen, deelweis inspiréiert a well och de Fait, wéi dësen Text sech an déi europäesch Gesetzgebung aschreift, net neutral ass fir de Fait wéi mer duerno mat den europäesche Gesetzgebungen ëmginn a respektiv wéi och aner Länner mat eisem Partenariat wäerten ëmgoen.  
Wann ee ronderëm sech kuckt, dann huet an deene leschte Jore sech ganz villen beweegt, an et kann ee grosso modo déi Légsliatiounen, déi mer am Ausland hunn, an dräi grouss Typen andeelen. Den eischten Typ, dat sinn déi Länner, déi aner Formë vun der Unioun, aner Formë wéi de Mariage festgeluecht hunn, fir dann engersäits heterosexuell an andersäits homosexuell Koppelen. Deen zweete groussen Typ vu Légsliatioun ass deen, deen e juristesche Statut à part fir homosexuell Koppelen mécht, an den drëtten Typ vu Légsliatioun sinn déi Länner, déi eng Ouverture vum Mariage fir homosexuell Koppelen maachen, mat oder ouni Adoptioun. Dat hänkt da vun deenen eenzelne Länner of. Dat ass schematesch an elo ouni vill Detailer gesot a wat fir eng grouss Richtungen d'Ausland gaangen ass.



Vläicht fir e wéineg méi am Detail ze soen, 1989 huet zum Beispill Dänemark ugefaangen andeem se eng Union civile fir homosexuell Koppelen gemaach hunn, wou ähnlech Rechter wéi am Mariage gi sinn, ausser d'Adoptioun. Ähnlech Type vu Législatioun sinn an deene Joren duerno haaptsächlech an den nordsche Länner entstanden, 1993 an Norwegen, 1994 a Schweden, 1996 an Island/Grönland an 1999 a Finnland.

Däitschland huet spéider e Partenariat enregistre, en enregistrierte Partenariat just fir homosexuell Koppelen a seng Gesetzgebung ageschriwwen. Dobäi ass geregelt d'Hëllef an d'Ennerstëtzung, de Secours alimentaire, och d'Méiglechkeet vun der Wiel vun engem gemeinsamen Numm an den Droit oder d'Recht fir d'Autorité parentale vun de Kanner ze iwwerhuelen, wann de Partner aner Kanner mat an d'Koppel erabruecht huet. Et ass also hei en enregistriert Partenariat, keng Homo-Ehe, wéi et ganz oft an der Press fälschlecherweis betitelt gëtt.

A Frankräich hu mer 1999 e PACS kritt, e Pacte civil de solidarité, dat souwuel fir heterosexuell wéi fir homosexuell Koppelen, wou haaptsächlech déi verschidden Aspekter notament vum Steuerrecht geregelt ginn an do ähnlech Dispositiounen wéi am Mariage agefouert ginn.

An dann d'Belsch an Holland, dat si Länner, déi u sech zwee Type vu Législatiounen hunn. An Holland zum Beispill ass niewent dem enregistrierte Partenariat da spéider d'Ouverture vum Mariage gemaach ginn an an der Belsch, wou mer och 1998 en Text fir d'legal Cohabitation hatten, an dat souwuel fir homo- an heterosexuell Koppelen, déi eng minimal Protektioun ofgesécher huet, ass vu Juni 2003 un och d'Ouverture vum Mariage civil gemaach gi fir homosexuell Koppelen, déi op e Pied d'égalité, also gleichgestallt gi si mat deenen heterosexuelle Koppelen. Mat der Ausnahm, datt d'Adoptioun net erlaabt ginn ass, also mat der Ausnahm vun all deenen Effekter, déi un d'Filiatioun gebonne waren.

Dat Ganzt huet och an der Belsch bei eisem Noper ganz vill juristesche Polemik, haaptsächlech mam belsche Conseil d'État, sengerzäit ausgeléist, deen et u sech fir inkohärent fonnt huet, datt op där enger Säit e Mariage mat alle Rechter an op där anerer Säit e Mariage mat engem Deel vun de Rechter net, dat heescht mat de Filiationsrechter net, e Semi-mariage, wéi de Conseil d'État belge et déi Zäit genannt huet, geschäfe gi sollt, an en huet och doran zu engem Deel eng Diskriminatioun gesinn, oder zumindest huet e keng Diskriminatioun gesi fir de Mariage heterosexuelle Koppelen ze reservéieren, well en dovunner ausgeet, datt dee Fait, déi Situatioun anescht ass.

Et ass an déi europäesch Diskussioun wou mer elo eis Situatioun aschreiwen. Déi éischt Décisioun, déi hei geholl huet misse ginn, dat ass a wat fir eng Richtung mer mat dësem Text ginn. An d'Zil war ganz kloer an ass och esou vun der Regierung ugi ginn, fir d'Protektioun vun all deene Koppelen ze maachen, oder eng Protektioun an déi Koppelen anzuschreiwen, déi net bestuet waren, an dat souwuel fir homosexuell wéi fir heterosexuell Koppelen. E Wee also wéi am Frankräich oder an der Belsch, oder an der Belsch zumindest déi éischt Etapp, '98 gemaach ginn ass.

Dat hätt den Advantage all déi praktesche Problemer vum Alldeeglechen ze léisen, déi sech am praktesche Liewe stellen, an et hätt och den Advantage fir eng juristesche Unerkennung fir homosexuell Koppelen ze sinn.

Et muss awer kloer sinn, datt d'Fro sech gestallt huet, wéi een dat soll maachen, fir u sech déi Rechter un all déi Koppelen, déi zesummelie-

wen, ze ginn, ob se elo deklaréiert sinn oder net. An do hunn eng Rei Problemer sech gestallt an déi Diskussioun ass esou ausgaangen, datt net konnt en Text gemaach gi fir all déi Koppelen, déi zesummeliewen, mä datt huet missen eng Deklaratioun agefouert ginn, eng Déclaration de partenariat, aus zwee Argumenter.

Well et ganz schwéier gewiescht wär, 1. jiddferengem, deen einfach zesumme wunnt, eng Liaison vum Partenariat opzedrängen, och wann dee se net géing wellen, an 2. wann ee Sozialrechter gëtt, an hei gi ganz vill Sozialrechter ginn, dann ass et ëmmer wesentlech, datt een iergendzwoch an iergendengem Moment definéiert, wéini déi Relatioun, déi eben e Recht zu enger Rei soziale Rechter opmécht, ass an datt ee ganz genau definéiert de Moment wou déi Rechter ufänken, fir se duerno och kënne korrekt ze considérieren a korrekt an d'Realitéit ëmzesetzen.

Dat sinn dann och déi Haaptargumenter gewiescht, firwat an dësem Text eng Deklaratioun, also en offiziellen Akt fir de Partenariat ageschriwwen ginn ass.

Dann hate mer och eng Diskussioun iwwert de Fait, ob ee soll dee Partenariat esou wéi de Mariage an de Code civil aschreiwen. Et ass awer kloer festgehalen, datt et hei géing drëm goen, eng Rei praktesche Problemer do ze léise wou se wieren, dat heescht an deene Législatiounen wou se sech exactement och géinge stellen, an datt d'Komplexitéit vum Code civil dat géing ganz schwéier maachen. D'ailleurs muss ee soen, wann een elo deen Text kuckt, gesäit een, datt hei eng ganz Rei vu Législatiounen hu missen ëmgeännert ginn. An och wann een et an de Code civil ageschriwwen hätt, sou wéi d'ailleurs de Conseil d'État et proposéiert huet, hätt een nienwdrun nach missen eng ganz Rei aner Législatiounen ëmänneren. An et war e groussen Advantage fir all déi Mesuren, déi de Partenariat betreffen, hei gemeinsam an engem Text vum Partenariat ze hunn, deen dann all d'Effets légaux, all déi legal Konsequenze vun deem Partenariat gemeinsam regelt.

D'Fro, déi de Conseil d'État opgeworf huet, firwat net eng Diskussioun gefouert gi war fir de Mariage opzemaachen, respektiv firwat een net géing op dee Wee goen. Do, muss ech soen, huet de Conseil d'État am Ufank vu sengem éischten Avis eng ganz Rei interessant Gedanken entwéckelt. Mä no ville Säite vun Développement doriwwer kënnt en zu engem Deel op eng ähnlech Konkusioun wéi de belsche Conseil d'État, an ech liesen lech déi Konkusioun vir, well se mir essentiel an der Argumentatioun schéngt.

D'Konkusioun ass: „il ne saura être fait abstraction de la problématique liée à la filiation (au sens large) au regard notamment de l'article 3.1 de la Convention relative aux droits de l'enfant, adoptée par l'Assemblée générale des Nations Unies le 20 novembre 1989 et approuvée par la loi du 20 décembre 1993 qui prévoit expressément que „dans toutes les décisions qui concernent les enfants, qu'elles soient le fait des institutions publiques ou privées de protection sociale, des tribunaux, des autorités administratives ou des organes législatifs, l'intérêt supérieur de l'enfant doit être une considération primordiale“.“

A genau dat ass jo och an eisen Aen an dësem Kontext déi essentiel Fro, déi sech gestallt huet, a mir hate schonn eng ähnlech Diskussioun den 21. Abrëll, dat heescht virun e puer Wochen, wéi mer iwwert d'Proposition de loi vun der Madame Wagener hei op dëser Plaz diskutéiert hunn, déi proposéiert huet, eis Législatioun iwwert d'Adoptioun ëmzeänneren. A fir just an e puer Wieder dorobber anzegoen a fir u sech déiselwecht Argumentatioun hei ze widderhuelen,

wéi ech dat schonn den 21. Abrëll gemaach hunn, ass et esou, datt effektiv déi Argumentatioun vun der Convention internationale des droits de l'enfant hei priméiert huet, déi u sech den Intérêt supérieur de l'enfant daitlech ënnersträicht, wat och an der Cour européenne des droits de l'homme an den Interpretatiounen, déi se a verschiddenen Arrêté ginn huet, notament an der Affär „Fretté géint Frankräich“, wou se kloer seet, datt: „L'adoption est de donner une famille à un enfant et non un enfant à une famille. Les droits de l'enfant limitent le droit à l'enfant.“

Ech kënnt och nach eng Rei Citatiounen weiderféieren. Wéi gesot, ech hunn dat schonn den 21. Abrëll gemaach, mä dat ass och déi Gedankeféierung, déi eis hei dorobber gefouert huet, fir u sech dësem Text eng Primautéit ze gi virun all deenen anere Gedanken iwwert d'Ouverture vum Mariage, well d'Ouverture vum Mariage ëmmer an deem Fall och deen Deel vun den Adoptiounen mat bënhalt hätt.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Här President, däréf ech eng Fro stellen?

■ M. le Président.- Jo.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Ech wollt dem Här Wiseler d'Fro stellen, well en den Arrêt Fretté ugeschwat huet, ob en da mengt, dass den Intérêt supérieur vum Kand dee wär, datt et muss heterosexuell Elteren hunn. Gëtt et do wierklech een Ennerscheed fir den Här Wiseler, ob d'Elteren homosexuell sinn oder heterosexuell?

■ M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Also, ech mengen, ech liesen lech hei elo och nach, well mer scho vun deem Arrêt schwätzen, dat wat u sech d'Cour européenne des droits de l'homme an deem Fall seet. Citatioun: „...la différence de traitement résulte, en l'état actuel des connaissances, des incertitudes pesant sur le développement d'un enfant élevé par une personne homosexuelle et privé de la double référence maternelle et paternelle.“

Et gëtt hei festgehalen, datt weder d'Spezialisten, nach eis demokratiesch Gesellschaft op déi Fro, déi Dir elo stellt, eng definitiv Äntwert ginn hunn, an ouni definitiv Äntwert soe mer den Droit de l'enfant ass primär, dofir wëlle mer elo déi Diskussioun vun hei net ofschléissen. Dat ass d'Äntwert, déi ech wollt op Är Fro ginn.

Ech wëll awer dann, andeems ech weiderfueren, och nach op déi wichtegst Froen agoen, déi mer eis an der Kommissioun a laangen Diskussiounen, muss ech soen, gestallt hunn an deem ganze Kontext, a vläicht déi eng an déi aner Argumenter belichten, obwuel ech weess, datt verschidde Leit wahrscheinlech hir Argumenter duerno selwer wäerten développéieren, mä ech probéieren - ech huelen un, Madame Err, datt Der dat selwer maacht - nach eng Kéier als Rapporteur, dee fidèlement wëllt dat hei reproduzéieren, kuerz déi Argumenter zréckzehuelen.

Dat éischt, dat ass d'Definitioun vum Partenariat, wou deen éischten Text „communauté domestique“ a „relations stables et continues“ virgesinn hat. Dat ass herno ëmchangéiert ginn a „communauté de vie“, well et jo net nëmmen eng Communautéit ass, déi als Finalitéit huet zesummen ze wunnen. An d'„relations stables et continues“ sinn erausgeholll gi mat der Argumentatioun, datt et am Moment vun der Deklaratioun ganz schwéier wär ze definéieren, wat dann elo stable wär a wat continu wär, well jo am Fong déi Relatiounen

eréischt géingen dee Moment ufänken.

Eng aner Diskussioun hate mer iwwert d'„vie en couple“, ob dat eng Nécessitéit ass fir an de Partenariat eranzegoen, wou och deen een oder anere Member gesot huet, datt haut d'Koppelen net méi onbedéngt zesumme wunnen. Do huet d'Kommissioun awer kloer an daitlech gemengt, datt d'Zesummewunnen ee vun den Haaptelementer vum Partenariat sollt sinn. Well d'Partenariat sech ganz oft charakteriséiert vu Leit, déi mateneen hiert Liewe verbréngen, déi mateneen wunnen. D'Kommissioun huet also deen Aspekt bäibehalen.

Aner Konditiounen fir d'Partenariat, sou wéi se am Text sinn, sinn, datt déi Leit, déi an e Partenariat eraginn, vertragsberechtegt sinn, 18 Joer hunn, kee Mariage hunn, keen anert Partenariat hunn, datt se och net Famill mateneen sinn. An déi lescht Konditioun war och eng Diskussioun iwwert de Fait, ob d'Fratrië kënnten an ee Partenariat eragoen, mä do, och well hei Rechter a Flichten am Sozialrecht definéiert ginn a well och tèschent Familljemeembereen aner Rechter a Flichten am Sozialrecht definéiert ginn, ass sech hei limitéiert ginn op déi, déi net Famill mateneen sinn.

Dann huet d'Kommissioun eng lescht Konditioun agefouert, déi am Ufankstext net stoung, an dat ass déi Konditioun, datt déi Leit, déi an ee Partenariat eraginn, legal um Territoire vu Lëtzebuerg misste residéieren, ganz einfach, well et an den Ae vun der Kommissioun wichteg wär, datt ee géing déi Problemer évitéieren, déi sech oft beim Mariage stellen, wa mer vu Mariage-blancë schwätzen, fir net hei e „Partenariat blanc“ ze kréien a mir dësen Text net als en anere Wee fir d'Legaliséierung vun der Immigration solle maachen. Dofir ass eng véiert Konditioun ageschriwwen ginn, no villem Hin an Hier mam Conseil d'État a verschiddene Versiounen, déi da gesot huet, datt wéi gesot déi Leit misste legal um Territoire vu Lëtzebuerg wunnen, wa se ee Partenariat aginn.

De Conseil d'État huet gemengt, dat wär implizit am Text. D'Kommissioun huet awer gesot, si géing et gär ganz prezis dra schreiwen, ganz einfach well d'Applikatioun vun deem Text jo duerno Gemeng fir Gemeng gemaach gëtt, a fir ze évitéieren, datt do verschidden Interpretatiounen vum Text sinn, an dofir ass eng véiert Konditioun an aller Kloecheet an dësen Text eragi ginn.

Da war och eng wichteg Fro, wou de Partenariat géing gemaach ginn. De Regierungstext hat am Ufank virgesinn, datt dat de Greffe vun der Justice de paix sollt sinn. An do hate mer eng laang Diskussioun, notament mat de Leit vu Rosa Lëtzebuerg, déi eis gesot hunn, datt d'Gericht an den Uert, fir um Gericht eng Deklaratioun ze maachen, ëmmer en Hannergeschmaach hätt, dee fir Leit, déi am Fong nach ni eppes mam Gericht ze dinn hatten an déi u sech d'Gericht ëmmer considérieren als eppes mat engem pejorativem Hannergrond, wou een higeet, wann een e Problem huet oder wann een eppes falsch gemaach huet, datt dat net dee richtigen Uert wär fir just esou eng Deklaratioun ze maachen, déi eng positiv Deklaratioun an hirem Liewen ass; an op där anerer Säit, well och net vill Greffen hei am Land sinn an d'Leit och net ëmmer wëssen, wou déi sech befannen.

Dofir ass do eng Propositioun gemaach ginn, fir dat vum Greffe vum Tribunal eriwuerzehuelen op d'Gemengen, bei den Officier d'état civil vun der Gemeng, wou och déi normal Akte vum Liewe gemaach ginn, wéi zum Beispill den Dépôt vum Acte de naissance oder vum Acte de décès. Dat huet dann net déi virgeschriwwen Feierlechkeet wéi dat beim Mariage am Code civil virgesinn ass, well och vill Leit

dat net onbedéngt wëllen, mä en administrativen Akt op enger Plaz, wou awer all déi Akte gemaach ginn, déi d'Normalitéit vum Liewen ugin, dat heescht beim Officier d'état civil vun deenen eenzelne Gemengen. Wann ech dat europäesch kucken, da gesinn ech, dass dat a Frankräich beim Greffe ass, während et an der Belsch zum Beispill beim Officier d'état civil ass.

Deen Text hei, dee soll och haaptsächlech einfach sinn an e soll och deene Partneren, déi wëllen an ee Partenariat goen, dat esou einfach wéi méiglech maachen. Dofir ass einfach virgesi ginn, datt fir e Partenariat ze maachen, eng einfach Deklaratioun vum Officier d'état civil géing duergoen, a wann een déi Deklaratioun mécht, da kann een direkt bénéficiéiere vun all deene Rechter a Flichten, déi am Régime primaire vum Partenariat festgeschriwwen sinn. Et kann een, wann ee wëllt, awer zousätzlech eng Konventioun maachen, wéi et am Patrimonialrecht festgeschriwwen ass.

Mir hatten eng Diskussioun an der Kommissioun mat der Madame Err, déi proposéiert huet, datt ee sollt beim Partenariat ëmmer en Inventaire maachen. Wéi gesot, d'Madame Err erkläert lech hir Iddi sécherlech besser wéi ech virdrun, mä fir lech ze erklären, firwat mer déi net ugeholl hunn, muss ech awer a kuerze Wieder erklären, wat hir Propositioun war - wann Dir erlaabt, Madame Err.

■ Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Selbstverständlech.

■ M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Merci.

Et wär u sech fir bei all Partenariat en Inventaire ze maachen, well et logesch ass, wann een en Inventaire mécht, datt, wann duerno Problemer kommen, och dann d'Auserneegoe vill méi einfach gëtt. Si huet Erfahrungen als Affekot an als Médiateur, déi dat sécherlech kënne beschteens illustréieren.

Mä d'Iddi vun der Kommissioun ass awer hei gewiescht, fir dat Instrument vum Partenariat esou einfach wéi méiglech ze gestalten, fir kee vum Partenariat ofzehalen, deen eent wëllt maachen, well eng Rei administrativ Prozeduren da virdu sinn, wéi zum Beispill d'Opstelle vum Inventaire, wéi zum Beispill d'Mathëllef vun engem Affekot, deen engem déi Konventioun dann zuesammestellt. D'Einfachheet vum Instrument sollt de groussen Prinzip sinn. Dofir huet d'Kommissioun vun där doter Iddi, déi ee ka verstoen, trotzdem ofgesinn.

Déiselwecht Einfachheet ass, fir aus dem Partenariat erauszekommen. Do geet et duer, datt eng Person oder zwou Persounen bei den Officier d'état civil geet/ginn, fir de Partenariat opzeléisen. De Partenariat ass selbstverständlech jo och opgeléist, wann ee vun deenen zwee Partner stierft, oder wann en ee Mariage mécht. Och do hat d'Kommissioun en Amendement gemaach, deen doranner bestanen huet, datt de Partenariat misst virun engem Mariage opgeléist sinn, well mer ganz einfach komesch fonnt hunn, datt ee Partner einfach géing gewuer ginn, datt säin anere Partner sech bestuet hätt an datt domat säi Partenariat opgeléist wär. Do hu mer gesot, ma wann een e Mariage mécht, da muss en en Zertifikat bréngen, datt en net schonn e Partenariat huet, well dat eis einfach de bon sens geschéngt huet an am Respekt vun deenen zwee Partner normal geschéngt huet.

De Conseil d'État huet awer gesot, datt domat géing eng nei Konditioun fir de Mariage geschäfe ginn, eng Condition préalable fir de Mariage, deen e fundamentaalt Recht ass, an huet op dës Propositioun vun der Kommissioun eng Opposition formelle gemaach. Mir hunn also op déi Propositioun als Kommissi-



sioun verzicht, obwuel se eis richteg geschéngt hätt, mä aus juristesche Grënn net gaangen ass.

Ech maachen et elo ganz kuerz fir de Rescht. Wat sinn d'Effekter vum Partenariat? Mä eng ganz Rei patrimonial Effekter, wou e primäre Regime agefouert gëtt, deem d'Aide matérielle definéiert, deem exceptionnellement Alimenter erméiglecht - déi ware fir eis wichteg, och doriwwer hate mer eng Diskussioun an der Kommissioun -, deem Alimenter erméiglecht dann, wa schwierig Situatiounen optauchen, dann, wann ee vun de Partner net d'Méiglechkeet huet fir an enger kuerzer Zäit iwwert d'Ronnen ze kommen, muss deem aneren nach opkommen - mä wéi gesot an exceptionnellé Fall a wann eng Décision de justice do ass.

Et ass selbstverständlech och an deem Text e Schutz vun dem Logement, wou u sech Décisionen iwwert de Logement, och wann ee Partner e Kontrakt ënnerschriwwen huet, gemeinsam musse geholl ginn, wou och deem anere Partner geschützt gëtt, wa se gemeinsam am Logement sinn.

Da gëtt am Kader vun der Sécurité sociale de Code des assurances sociales esou adaptéiert, datt de Partenariat u sech gläichgestallt ass mam Mariage, wat d'Rechter a wat d'Flichten ueegt. Dat ass sécherlech ganz wäit gaangen. Dat ass méi wäit gaange wéi an eisen Nopeschlänner. Eng ganz Rei fiskal Moosname sinn do, wou am Ierfschaftsrecht och d'Part fir d'Partner déiselwecht ass wéi déi Rechter, déi déi Bestueten hunn. Den Ënnerscheid ass just, datt d'Partnerschaft muss dräi Joer lafen, fir Abusën ze vermeiden, ier ee ka vun den Ierfschaftsrechter bénéficiéieren.

Da sinn och eng Rei Avantagen am Steuerrecht agefouert ginn, wou e System vun Abatementer proposéiert gëtt, wann ee vun de Partner deem aneren à charge ass, 9.780 Euro pro Joer plus 1.020 Euro pro Kand. Ech ginn elo net an d'Detailer. Do muss ech soen, datt Frankräich an d'Belsch méi wäit ginn. A Frankräich ass eng gemeinsam Versteigerung, an der Belsch ass eng Assimilatioun un de Mariage. An Däitschland ass et awer esou, datt dee Volet am Text net traitéiert gëtt.

D'Regierung hat een Amendement gemaach, deem iwwert den Abatement extraprofessionnel gaangen ass, deem och sollt am Kader vum Partenariat agefouert ginn. Och do huet de Conseil d'État eng Opposition formelle gemaach, well e gesot huet, an domat hat e Recht, datt keng gemeinsam Impositioun an deem Fall war an datt den Abatement extraprofessionnel awer sech géing charakteriséieren, datt en nëmme géing ofgezu ginn, wann eng gemeinsam Impositioun gemaach gëtt. En hat juristesche Recht. Eis deet et Leed, datt mer deem Amendement extraprofessionnel, deem d'Regierung proposéiert hat, net konnten duerchsetzen. Mir hunn awer aus deene juristesche Grënn dorobber misse verzichten.

Wesentlech an deem Text ass also haaptsächlech déi sozial Ofsecherung, déi déi zwee Partner ee par rapport zu deem anere kréien, déi finanziell Hëllef iwwert d'Steiere fir déi, déi net schaffen a keng Ressource selwer hunn.

D'Konklusioun - well meng Zäit hei ofgelaf ass -, dat ass: Dësen Text ass dat, wat am Koalitiounsprogramm virgesinn ass, ass dat, wat d'Majoritéit wollt maache fir Koppelen, déi sech net wëlle bestueden, fir homosexuell Koppelen, fir hinnen ee juristesche Kader ze ginn, fir hinnen eng juristesche Unerkennung ze ginn, fir Rechter a Flichten kloer ofzestiechen, fir eng Solidar-gemeinschaft ze definéieren a fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn am Kader vum Partenariat ee fir deem anere Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Berichterstatterin vun der Proposition de loi 4110, déi honorabel Madame Lydie Err.

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi mäi Virriedner op dëser Tribün scho gesot huet, gëtt et och zu Lëtzebuerg ëmmer méi Leit, déi zesummeliewen ouni bestuet ze sinn, déi eng, well se net wëllen, an déi aner, well se net kënnen.

„De Stat muss en individuelle Choix vu senger Bierger respektéieren, en dierf déi Leit, déi e getraff hunn, net muttwëlleg diskriminéieren, en dierf se net gesellschaftlech dénigréieren, doduerch dass en se an engem eidele rechts- a flichtefraie de facto Raum beleisst.“ Ech iwwerloossen lech, fir erauszefanne wien ech hei zitéiert hunn, mä ech si sécher, dass Der bal alleguerten den Originaltoun an de Stil vun eise Premier erëmmerkannt hutt. Eise Premier, deem deemools am Fréijoer 2001 nach net op Tour war, mä op Héichtouren hei op der Tribün ugetrueden ass, fir gesellschaftspolitesch Émwälzungen hei unzekënnegen; wéi se eigentlech vun der CSV och deemools, an där Zort vu Froen, hei net erwaart goufen.

Déi gesellschaftlech Reformen - huet de Premierminister och deemools gesot - géife vun der Regierung an nächster Zukunft ugeknéngt ginn a besonnesch de Justizminister géif derfir suergen, deene Gesellschaftsreformen en neien Driff ze ginn.

Dir an ech, mir sinn eis bewosst, dass d'Resultat vun deem neien Driff, de Wëllen a gesellschaftspolitesche Froe weiderzekommen iwwerdriwwer war an en erënnert mech un en anert Gebitt, dat vun der Bildungssoffensiv op där bloer Säit: op jidde Fall wann een d'Versprechen engersäits mat de Realisatiounen anerersäits huet.

Ech wëll just preziséieren, dass ech als Spriecher vun de Sozialisten de Justizminister hei uschwätzen als Spriecher vun der Regierung an net a senger Persoun. An ech halen och drop ze soen, dass dat de Fall war anlässlich den Debatten zur Lag vun der Natioun, wou ech herno d'Impressioun hat falsch verstane ginn ze sinn.

De Statsrot seet a sengem Avis vun 2000 zu deenen zwou Propositions de loi: „Parlant de droits de la personne et de la famille, un espace infini d'interrogations se pose.“ An e schwätzt vun der europäescher Mënscherechtskonventioun vun där ech hei wëll zwee Artikelen zitéieren an zwar den Artikel 12, dee seet: „L'homme et la femme ont le droit de se marier et de fonder une famille selon les lois nationales respectives sur l'exercice de ce droit“ an den Artikel 8 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun schwätzt vum „Secret de la vie privée“ a bornéiert sech net nëmmen op d'Famill am Sënn vun der traditioneller Famill, sou wéi d'Jurisprudenz vu Stroossbuerg an engem Arrêt vun 1979 komm ass, sou datt de Statsrot, deem am Joer 2000 zu de Propositione leider um Fong zu kenger Konklusioun komm ass, trotzdem folgende Saz seet, dee fir mech awer och ganz wichteg ass: „Le législateur national reste libre d'ouvrir ou non le mariage aux couples homosexuels, en s'y refusant, il ne violerait pas la Convention européenne des Droits de l'homme.“ Ob e sech da géif der Incriminatioun vun enger Diskriminatioun aussoen oder net, seet en net, mä en droit jiddefalls schéngt dat mir ganz kloer.

De Statsrot huet och 2000 nach weider gesot: „L'oeuvre de réforme devrait être conduite en vue de la conclusion d'un débat aussi large que possible sans moralisme et en

toute sérénité, car le débat n'est pas politique, le débat est juridique.“ Dixit, de Statsrot am Joer 2000. A mat deenen Aussoen oder där Konklusioun, well zu méi detailléierte Konklusiounen ass et do net komm, sinn ech op jidde Fall d'accord.

Ech fanne leider, dass déi Debatt, déi mer haut hei féieren, net esou breet ugeluecht war wéi et néideg gewiescht wär. Well zu kengem Moment ass de Versuch gemaach ginn d'Famillerecht a sengem Gesamtkonzept ze iwwerdenken, ugefaange bei de Konditiounen fir de Mariage, bei de Rechter a Flichten iwwert de Régime primaire, iwwert d'Convention matrimoniale, iwwert den Numm vun de Kanner, d'Konditiounen vun der Trennung a vun der Scheedung an iwwer Adoptioun a Kannerrecht.

Dat Ganzt hätt ee missen an ee Kader setze fir eng Optique d'ensemble ze kréien. Wat mer hei an deem Exercice gemaach hunn entsprécht op jidde Fall net där Suggestioun, déi de Statsrot am Joer 2000 gemaach huet. Et ass kloer wann een d'Famillerecht am Ganzen iwwerduecht hätt, hätt een et natierlech am Prinzip vun der Gläichheet misse maachen, dat heescht vun der Gläichbehandlung net nëmmen tëschent Männer a Fraen, mä och vun hetero- an homosexuelle Koppelen; och da wa mer et nach ëmmer net fäerdeg bruecht hunn dëst elementaart Mënscherecht an eis Verfassung anzeschreiwen an dat no praktesch jorzéngtelaanger Aarbecht.

En passant, dann hei zu deem Thema e grouse Merci der DP fir hir konsequent Haltung an dëser Fro an och hir kompetent Erklärung zu dëser Haltung, déi am leschte Moment geännert huet.

Une voix.- Mengt Dir dat eescht, Madame Err?

M. Xavier Bettel (DP).- Also, déi ass nach ëmmer méi kloer wéi Är während 15 Joer, Madame Err.

Une voix.- Wëllt Der merci soen?

(Interruptions)

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Selbstverständlech.

M. Xavier Bettel (DP).- Dat war awer nach ëmmer besser, wéi dat, wat Dir während 15 Joer hei gemaach hutt. Kee Komma ass iwwert dee Sujet hei diskutéiert ginn.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Bettel, Dir sidd jo och zum Sujet ageschriwwen. Dir kënnt duerno soe wat Der ze soen hutt.

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Ech wollt am Fong och domadder beweisen, datt Kompetenz a Konsequenz net ee Monopol vum ADR hei sinn - Här Bettel, dat zu Ärer Berouegung.

Weiderhi wollt ech och nach soen - an do adresséieren ech mech, Här President, méi speziell un den Här Mosar -, dass d'Bestuede vun homosexuelle Koppelen net eng Fro vum Trend ass a wann d'CSV op aneren Tribüne op eng iwwerhiefléich Aart a Weis behaupt huet, si wär net fir d'Opmaache vum Mariage fir homosexuell Koppelen, well si net géif all Trend matmaachen, sou wëll ech dat hei kontestéieren an, wann Dir wëllt, Här President, dem Här Mosar soen, dass - au contraire - déi heiten Debatt mir ganz kloer just eng Saach vun Trend schéngt ze sinn, deem d'CSV à propos matmécht, an dobäi minimal Virschléi mécht, well et och an dësen Zäite fir eng konservativ Partei an engem Europa wou bal all Land eng Législatioun huet, net in-

definiment tragbar ass ze maachen, wéi wann et déi Problematik do net géing ginn.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- De Projet, deem haut virläit, läit dofir fir mech absolut am Trend vun der Zäit oder vill méi et misst ee soen, e louch eigentlech am Trend vun der Zäit, allerdéngs sinn dat elo zéng Joer hannendrun an eigentlech misst den Trend am Fong am Moment méi wäit kënnen goen, wéi dat hei um Pabeier vum Regierungsprojet steet.

Ech wëll drop hiweisen, datt de Moment an der EU vu 15 Länner, Lëtzebuerg mat zwee anere Länner eleng ass, wat nach net eng Législatioun um Gebitt vum Partenariat huet a wann net all meng Erwaardungen täuschen, da wäert et och an zéng Joer esou sinn, dass Lëtzebuerg, Irland a Polen déi eenzeg wäerte sinn, déi och op der Fro vum Mariage nach net légiféiert hunn; et sief dann et géing e Regierungswissel ustoen.

Plusieurs voix.- Très bien.

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Wat de Regierungswissel ubelaangt - a Gott weess jo trotz de Sondagen, wéi deem ausgeet -, wollt ech hei awer dervunner profitéieren, fir en Opruff un all d'Parteien ze maachen, déi heibanne setzen an déi sech beruff fillen an déi Koalitioun eranzegoen, fir opzepasst, dass dee Koalitiounsprogramm, deem dann do ausgeschafft gëtt, nëmme Saache begräift, déi déi Regierung, déi untrëtt, wëllt maachen, ouni vun deene Saachen ze schwätzen, déi se net soll maachen.

Mir hunn een eenzege Präzedenzfall an dëser Legislatur gehat, wou am Koalitiounsprogramm ganz kloer drastoung, dass a Saache Stierfhëllef näischt géif erfollegen. A mengen Aen ass dat onhaltbar, well d'Regierung wëllt do op jidde Fall vermeintlech dem Parlament d'Hänn bannen an dofir wëll ech vun hei aus en Opruff maachen, fir vläicht scho geplangte Virstellungen zur Fro vum homosexuelle Mariage fréizäiteg ze erkennen an als dat ze entlarven, wat se da wierklech sinn, wa se an d'Tentatioun géif kommen; dat heescht eng onugemiessen Amëschung vun der Kierch an d'Politik engersäits, mä anerersäits och en Emprisonnement vun der Latitude vun der Chamber par rapport vun der Regierung.

Ech erënnere a Saache Stierfhëllef drun, dass d'Chamber do mat enger Stëmm ze mann, bal de Programm vun der Regierung op deem Punkt gekippt hätt an dass am Fong dat d'Eenzeg war, wat déi Liberal hei invoquéiert hunn, fir ze erklären, dass se net kënnit méi wäit goe wéi dat am Koalitiounsprogramm géing stoen.

Ganz kuerz zu menger Proposition selwer, well si ass vun 1995 a si ass a mengen eegenen Aen entre-temps largement dépasséiert. Si war u sech e ganz bescheidenen Antrag zu enger Diskussioun, déi dee Moment nach net zu Lëtzebuerg gefouert ginn ass. Si hat absolut keng finanziell Inzidenzen an trotzdeem hunn e puer Deeg nom Dépôt vun dëser Proposition am „Wort“ Artikelen gestanen, déi beispillsweis intuitéiert waren: „Eine unheilvolle Initiative.“

1995, Dir Dammen an Dir Hären, wou ech am Fong mat där Proposition Konklusiounen presentéiert hu vun engem Aarbechtsgrupp vu Juristen aus der sozialistescher Partei, dee sech zwee Joer laang mat der Problematik an allen Detailer auserne gesat huet, déi d'Liewe vu Koppelen, déi net bestuet sinn, stellt, besonnesch dann och wann déi Unioun sech opléist. Ech wëll och hei en passant deene Kollegen aus deem Aarbechtsgrupp e grouse Merci soen a vläicht och erklären, well mir eis deemools -

dat heescht 1992, 1993, 1994 - intern net genau, net unanime eens waren, wat genau missten d'Konsequenze vun engem Partenariat sinn, hunn ech mech och an engem éischte Stadium drop limitéiert, am Fong nëmmen de perséinleche Statut vun der net bestuetener Koppel ze mentionnéieren, sief et eng homosexuell oder eng heterosexuell. Et war eis wichteg...

M. le Président.- Jo, Här Bettel.

M. Xavier Bettel (DP).- Ech wollt just der Madame Err eng Fro stellen. Si sot, si hätt '95 eng Proposition de loi déposéiert. Si war jo awer, wann ech mech nach gutt erënnere kann, bis '99 an der Regierung. Firwat huet si sech net duerchgesat kritt, a si war jo selwer an der Regierung? Wat war dann den Impakt vun der Madame Err an hirer Partei oder op jidde Fall vun hirer Partei an där Regierung, fir dass tëschent '95 an '99 näischt iwwert de Sujet dann debattéiert ginn ass?

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Dat ass eng relativ einfach Fro, Här Bettel, an zwar hate mer keen Avis vum Statsrot, an Dir wësst jo, dass ouni Statsrotsavis an deem Haus hei näischt leeft. Ofgesinn dovunner, et ass d'Prozedur, ech mengen dat steet an iergendengem Buch wat mer hei an eisen Tiräng leien hunn.

(Interruptions)

Iwwert de Statsrot sech ewechsetze kann een à la rigueur, wann de politesche Wëllen do ass. Mä wat een op kee Fall ka maachen an a kenger Hypothees, dat ass hei e Projet diskutéieren a stëmmen loosse, zu deem de Statsrot keen Avis ginn huet. Déi Prozedur misst...

(Interruption)

Net méi.

(Interruptions)

Deemools jiddefalls net.

M. le Président.- Ënnerbriecht d'Madame Err net dauernd. Loosst se schwätzen. Dir sidd alleguerten agedroen an Dir hutt d'Méiglechkeet herno och Är Meenung ze soen. Wann een dauernd ënnerbrach gëtt, da komme mer net vum Fleck an dann ass et net gentil vis-à-vis vum Riedner. Et brauch keen eppes ze soe wa mol een eng Fro stellt, mä fir een ze ënnerbrieche mat iergendwéi Bemierkungen, ech mengen dat soll een net maachen. Mir sollen hei eis Aarbecht seriö maachen, fir dass mer eise Programm erleedegt kréien. An, wéi gesot, jiddfreee kënnt hei zu Wuert.

Madame Err, fuert weider, an déi aner sollen nolauschteren.

Mme Lydie Err (LSAP), auteur.- Ech mengen och, dass een haut muss soe mat engem Recul vu bal zéng Joer, dass dat, wat deemools meng Iddi war, haut largement och a menger eegener Meenung dépasséiert ass, well ech deemools der Meenung war, well ech et net als Avantage emfonnt hunn de Mariage opzemaachen, wier dat en Argument wat gutt genuch wier, sech mat engem Partenariat oder mat enger Union libre ze begnügen. Ech hu mech op deem Punkt op jidde Fall zënterhier vun der Initiativ vun der Madame Wagener largement iwwerzeege gelooss. Iwwregens leien déi zwou Propositionen an enger gemeinsamer Logik, déi dorops higeeft fir éischens d'Gläichstellung zwëscht homo- an heterosexuelle Koppelen hierzustellen engersäits, mä awer och anerersäits all Diskriminatiounen an all Konfusiounen zwëscht deenen zwee verschiddene Statuten opzehiewen.

Meng Proposition de loi huet am Fong drop berout, dass ech als Afekotin festgestallt hunn, dass bei Koppelen, déi zesumme gelieft



hunn, meeschtens een deen Dommear wann et eriwwer war, well ee sech virdru rensignéiert hat an deen aneren net, an dräimol därft Der roden ob dat normalerweis de Mann oder d’Frau war, well dat ware jiddefalls déi praktesch Fäll, déi mir bekannt waren. Jiddefalls ass et esou, dass d’Gesetz bis dato näischt gesot huet iwwert d’Zesummeliewe vun enger onbestuetener Koppel an dass d’Jurisprudenz kee Wee fonnt huet, obschomer hir der puer proposéiert hunn, fir d’Carcencé vun deem Vide juridique do ze paréieren.

Et ass also kloer gewiescht, an och dat war ee vun den Uspréich vu menger Proposition, dass ee Gesetz noutwendeg ass. Engersäits fir deenen onbestuetene Koppelen e Statut ze ginn a fir anerersäits awer och ze soen, dass dat eng prinzipiell Revendication wier, déi mat kenger Zort vu finanzielle Revendicationen oder mat kengem Coût verbonne wier. Ech denken duerfir, dass et eigentlech hätt misse ganz einfach sinn, déi Proposition de loi do virunzedriewen. Deem war, wéi Der alleguerten heibanne wësst, net esou.

Zum Contenu selwer vu menger Proposition de loi e puer Wieder. Si gesäit grosso modo vir eng Déclaration d’union libre, déi beim Préposé vum Bureau de la population sollt gemaach ginn. Deeselwechten Artikel seet och d’Konditionen, déi ee muss erfüllen, fir kënnen déi Union libre ze deklaréieren. Dat heescht, et muss ee capabel, majeur sinn, célibataire, veuf, divorcé an och keng Union libre mat engem anere Partenariat hunn. Et hätt ee missen en Acte de naissance matbréngen, en Inventaire d’huissier obligatoresch, an ech wëll op deem Punkt vläicht preziséieren, firwat dat eng Obligation war a menger Proposition de loi.

Mir hunn haut net nëmme beim Partenariat, mä och beim Bestiednis, bei der Deelung, souguer bei Leit, déi eng Konvention hunn, déi den Notaire geschriwwen huet, ganz oft e Beweisproblem, wann do steet beispillsweis eng Gütergemeinschaft fir dat wat d’Koppel uschaaft während dem Bestiednis. Well wann net gläichzäiteg derbäi steet, wat déi Koppel hat wéi d’Bestiednis ugaangen ass, dann ass et normalerweis esou, dass een ex post net méi ka beweisen, wat weem gehéiert huet am Ufank, esou dass praktesch dann alles an d’Indivisioun fällt, wann net een deem anere gentillerweis zougesteet, dass dat eent oder dat anert deem anere perséinlech gehéiert huet.

Et wier wichteg gewiescht, dass mer deen Inventaire obligatoire menger Meinung no och am Projet vun der Regierung iwwerholl hätten, an d’Argumentation vun eise Rapporteur, deen elo grad hei op der Tribün stoung, ass natierlech erstaunlech, wann e seet, meng Argumentation hätt hinnen agelicht, mä si hätten trotzdem aus juristesche Grënn déi Proposition do net kënnen unhuelen.

Ech hunn och nach probéiert an et ass am Fong interessant, vum prozedurale Standpunkt hier, meng Proposition vun Inventaire dohigehend ze amendéieren, dass et net méi den Dierwiechtechakt wär, deen obligatoresch wär, dat hätt ee missen ofginn, mä eventuell en Inventaire, deen ee selwer geschriwwen huet an iwwert d’Existenz vun deem den Dierwiechter am Fong hätt just kënnen eng Deklaratioun maachen. Eng Deklaratioun, déi den Advantage gehat hätt, dass deen Inventaire do net méi hätt kënne contestéiert ginn, weder zu sengem Contenu, nach zum Datum wou e gemaach gi wär.

Och en Enregistrement, dee gratis gewiescht wier vun engem Inventaire sous seing privé war net méiglech an den Text eranze kréien. An déi eenzeg Argumentation, déi mir dozou afält, dat ass, dass et net ka sinn, dass an deem

Fall vun engem Partenariat d’Leit, wat déi materiell Opdeelung vun hirem gemeinsamen Hausstand ubelaangt, besser dru wiere wéi am Mariage, well eng aner Erklärung gëtt et wierklech net.

Wat d’Enn vun der Union libre ubelaangt, esou gëtt et do Ähnlechkeete mat der Proposition, déi d’Regierung hei virleet, an zwar géing et goen iwwer eng Déclaration conjointe oder eng Déclaration unilatérale, wou an där zweeter Hypothees den Effet eréischt géif ugoen ee Mount nodeem dee Partner, deen net selwer d’Initiativ vun der Trennung geholl huet, déi Iddi signifiéiert huet.

D’Idée de base war jiddefalls, an dat wëll ech hei ofschléissend zu dëser Proposition de loi soen, fir näischt ze schafen am Kader vun der Union libre oder am Partenariat, wat kënnit verwieselt gi mat den Dispositionen am Mariage. Dat heescht, et war ganz kloer gewollt, dass dat Partenariat oder déi Unioun keng Incidence sollt hunn op den Numm, keng Incidence sollt hunn op d’Communauté des biens de régime primaire wéi beim Bestiednis an a priori och keng Incidence sollt hunn op d’Sécurité sociale oder op d’Imposition.

Ech war der Meinung op jidde Fall, an ech sinn dat och haut nach, dass et logesch wier am Kader vun engem Partenariat wierklech op d’Individualisation vun de Rechter a vun de Pflichten ze setzen, besonnesch da wann ee weess, dass enger Etüd vun 2000 no nëmmen 8% vun deene Koppelen, déi zesumme liewen an net bestuet sinn, net zu zwee schaffe ginn. Dass et also esou gesinn e bësselchen iwwerflësseg ass, fir an engem Gesetz vun 30 Säiten 27 Säiten iwwer Sécurité sociale a Steuerbestëmmungen dran ze hunn an nëmmen dräi Säiten oder 10 Artikelen iwwert d’Sstatuten.

Ech mengen, dass et kloer ass, dass d’Basis vu menger Proposition de loi an aller Hinsicht eng aner ass wéi d’Basis oder de Fondement vun der Proposition vun der Regierung, op déi ech dann herno zesumme mat mengem Kommentar iwwert der Madame Wagener hir Proposition de loi wäert zrëckkommen, fir lech ze erkläre wéi eis Haltung dann ass zu deenen dräi Texter, déi mer hei zur Ofstëmmung virleien hunn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D’Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi 4162, déi honorabel Madame Renée Wagener.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.**- Merci, Här President. Ech wëllt fir d’éischt e puer Wuert zur Prozedur lass ginn. Mir haten an der Commission juridique zu dësem Thema ganz vill Diskussionen a Kontroversen, mä op e puer prozedurale Punkte ware mer eis am Fong eens, an dat war, dass mer géifen d’Proposition de loi fir d’Ouverture vun Mariage virhuelen, well déi Diskussion an och dee Vote am Fong géifen déi zwee aner Texter préjudiciéieren, dat een eigentlech schlecht kéint iwwert de Partenariat diskutéieren, wann een net fir d’éischt seng Position kloer gemaach hätt iwwert de Mariage.

Dat huet de Kommissionspräsident esou gesinn, dat huet d’Kommission och esou gesinn an dat huet de Justizminister och esou gesinn. D’Fraktionspräsidenten vun CSV an DP an hirer Weisheet hunn dat awer anescht gesinn, an dofir hu se dat einfach ëmgepucht. Ech huelen Akt vun där Zort Émgank mam niddere Parlamentsvollek.

Ech kéim dann awer elo zur Proposition de loi, wou ech ee schréffleche Rapport virgeluecht hunn, deen ech versicht hat esou sachlech wéi méiglech ze halen, mä deen awer net d’Gnod vun der Commission juridique fonnt huet, déi dergéint gestëmmt huet. An

deem Sënn fillen ech mech elo fräi, fir an dee Rapport och méi politesch Considérationen afléissen ze loosse.

Här President, wéi ech 1996 meng Proposition de loi déposéiert hunn, war d’gesellschaftlech Realitéit zu Lëtzebuerg vläicht nach e bëssen eng aner wéi haut. D’Madame Err huet schonn drop higewisen, dat se en Editorial zegutt hat am „Lëtzebuerger Wort“. Mir ass et zimlech ähnlech gaangen. Ech krut e geharneschte Leitartikel vum Här Zeches am „Lëtzebuerger Wort“ als Äntwert, an deem meng Propositionen als „hirnissig, Verbohrtheit, unreif, oberflächlich“ an esou virun qualifizéiert ginn ass.

An eent vun den Zitater wëll ech lech awer net virethalen: „Homosexualitéit ist nun einmal nicht die Norm in der Natur und ist damit stricto sensu nicht normal. Sie ist zwar nicht unnatürlich, da sie nun einmal in der Natur vorkommt...“ - dat war ëmmerhi schonn eng Erkenntnis - „...“, sie ist aber sehr wohl eine Abart der Natur.“

Här President, haut si mer e bësse méi wäit, och wann et ëmmer nach Ënnertéit vun Homophobie an der Diskussion ronderëm d’Homobestiednis ze héiere gëtt. Ech wäert beim Partenariat och nach dorop zrëckkommen. Trotzdem stoungen déi Gréng deemools net eleng do mat hirer Initiativ, déi huet sech ageschriwwen an ee breede Gesellschaftsbewegung, deen zënter de 70er Joren an Europa an och an den USA am Fong sech entwéckelt huet.

A mengem schréffleche Rapport hunn ech versicht, e bëssen déi Entwécklung ze beschreiwen an hunn do och festgestallt, dass et am Fong zwee parallell Weeër gi sinn, déi een net ka lassgeloest vunenander gesinn; engersäits dee vun der Emanzipationsbewegung vun den homosexuelle Leit, déi revendiquéiert hunn, fir mat den heterosexuelle gläichgestallt ze ginn, souwuel gesellschaftlech wéi och rechtlech - dozou huet dann och den Accès zum Mariage gehéiert -; an anerersäits déi vun deene Koppelen, hetero- oder homosexueller, déi d’Institution vum Mariage a Fro gestallt hunn an no Alternativen am Zesummeliwesen an an der Partnerschaft gesicht hunn.

Meng Proposition war deemools duerfir och ganz kloer als Ajout oder Complément zu där vun der Madame Err iwwert d’Union libre gemengt. Et ass eis éischstens drëms gaangen, fir dee Choix tëschent Mariage an Union libre fir jiddferee méiglech ze maachen an anerersäits awer och duerch dës Fuerderung d’Gläichstellung an d’Unerkennung vun den homosexuelle Koppelen ze revendiquéieren.

Mir hunn awer och betount, an dat ass haut och nach richtig, dat et eigentlech an der Praxis vill méi einfach wier, fir de Mariage opzemaachen, wéi fir e PACS anzeféieren. Ech mengen deen Text, dee mer herno nach wäerten diskutéieren, ass e gudder Beweis fir déi Komplexheet, déi an deem Beräich herrscht.

Leider huet sech d’Regierung deemools deem Pragmatismus net ugeschloss a wollt also net op dee Wee goen. Mir hunn och gesot deemools, dass eis Proposition net sollt verstane ginn als Forderung vum Mariage a vun de Privilegien, déi sech dorausser erginn, mä dass mir déi Privilegie wëllten ofbauen a fir Individualiséierung géifen anrieden, fir eng individuell Unerkennung an Ofsécherung vun alle Persounen, onofhängeg vun hire Relationen oder Liewensformen, ob dat elo am Steuerberäich, an der Sécurité sociale oder am Pensionsrecht ass.

Just ganz kuerz e puer Remarques zum Inhalt vun där Proposition de loi. Ech hat déi och schonn am schréffleche Rapport gemaach. Éischstens hunn ech d’Fro opgeworf vun der Unerkennung vun den auslännesche Mariagen. Dir wësst, dat et méttlerweil schonn zwee Länner an Europa gëtt, Holland an d’Belsch, wou déi méiglech sinn. Laut Circulaire vum Här Wolter vun 2001 sinn déi awer hei zu Lëtzebuerg contraire à l’ordre public a ginn net unerkannt. Do misst onbedéngt eng Reform kommen.

Zweetens, d’Fro vun der Noutwendegkeet fir den aktuellen Text vum Code civil hei zu Lëtzebuerg ze änneren. Dir wësst, dass mer eng ähnlech Situation hu wéi a Frankräich. Mir hunn e Code civil, deen am Fong a priori net ausschléisst, dass homosexuell Persounen, Koppele sech bestueden. Den Text ass guer net explizit a géif dat eigentlech duerchaus méiglech maachen.

Do vläicht och eng Klamer. Dir hutt vläicht matkritt, dass zënter e puer Wochen a Frankräich eng hefteg Diskussion leeft an dass e grénge Buergermeeschter gesot huet, hie géif Ufank Juni eng homosexuell Koppel bestueden. Et hu sech aner sozialistesche Buergermeeschteren, mengen ech, a kommunistesche Buergermeeschteren ugeschloss. Dat ass e ganz interessante Mouvement, wou ech mer am Fong géif wënschen, dass dee vläicht zu Lëtzebuerg och géif stattfannen, fir där ganzer Diskussion do e bësse méi - wéi soll ech soen - déi e bësse méi ze konkretiséieren an d’Regierung och vläicht e bësse méi an Zuchzwang ze bréngen.

Drëttens hunn ech d’Feststellung gemaach, dass de Code civil awer och ouni déi heite Proposition de loi onbedéngt misst geännert ginn. Dat huet elo näischt direkt mam Thema ze dinn. Mä et besteet ëmmer nach eng Diskriminéierung tësche Fraen a Männer, wat de Mindestalter ugeet, wéini ee sech därerf bestueden.

A véiertens hunn ech déi selbstkritesch Fro opgeworf, ob déi Formulatioun, déi ech deemools gewielt hat - ech hunn nämlech vun „de même sexe ou de sexe opposé“ geschwat -, ob déi esou treffend wier an ob se all Eventualitéite géif ofdecken, déi sech kënnen am Fall vun engem Mariage stellen. Et ass jo esou, dass bisexuell an transsexuell Leit och hir Rechter revendiquéieren an dat stellt am Fong d’Konzept vun der Dualitéit vun de Geschlechter ëmmer méi a Fro. Vläicht sollt een dann duerfir och méi eng allgemeng Formulierung sichen, déi net méi vun dem Sexe opposé oder même sexe géif schwätzen, mä déi eben all méiglech Forme vu sexueller Identitéit géif beinhalten.

Dir Dammen an Dir Hären, déi grouss Parteien hu bis elo net vill Ustrengunge gemaach, fir sech mat der geltender Diskriminéierung vun homosexuelle Koppelen auseneen ze setzen. Ech zielen lech näischt Neits, wann ech feststellen, dass homosexuell Leit an eiser Gesellschaft jorhonnertelaang diskriminéiert goufen. Wéi fréier de Frae wéinst hirem Geschlecht, ginn hinnen op Grund vun hirer sexueller Identitéit eng Rei vu Rechter verpaart, a wéi bei de Fraen ass och bei den Homosexuellen eng Emanzipationsbewegung entstanden, déi sech géint dës Diskriminationen a fir eng Gläichstellung mat alle Membere vun der Gesellschaft asetzt.

Wat fir d’Fraen déi politesch an ekonomesch Rechter waren als Symbol fir Onofhängegkeet a Selbstbestëmmtheit, déi hinne laang Zäit virenthale goufen, dat war fir d’Homosexuellebewegung d’Ofschafe vun der Kriminaliséierung vun der Homosexualitéit an eise Gesetzter, an dat ass haut den Zougank zum Mariage, d’Symbol vun der Unerkennung vun hirer sexueller Identitéit.

Ech wëllt do d’„Libération“ vum 26. Abrëll zitéieren, wou ee Partner vun enger homosexueller Koppel seet: „Le plus important, c’est le droit à l’indifférence, le droit d’être en couple au quotidien et de ne pas être rejeté.“

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.**- Här President, Homosexualitéit bleift en Tabu. Dat weist net nëmmen d’Tatsaach, dass d’Regierung, obwuol se dat 1996 ugekënnegt hat, ni eng Prise de position zu där heite Proposition de loi geliwwert huet, mä och d’Diskretion, mat där se an hirem eegene Projet de loi iwwert de Partenariat mat där Fro ëmgeet. Ech wäert herno nach op dee Punkt zrëckkommen. An dat huet schlussendlech och virun e puer Wochen d’Stellungnahm vun der CSV op meng Proposition de loi iwwert den Accès zur Adoption gewisen.

Soulaang, Här President, wéi Homoen net ze vill Tammtamm maachen, ass ee jo nach bereet, hinnen e puer Grimmelen ze ginn an Toleranz ze weisen, mä wann et ums Eingemachte geet, ëm déi sakrosankt Institution vum Mariage, ech zitéieren als „Keimzell vun der Famill“, wéi dat an de kathouleschen Texter jo ëmmer heescht, dann ass d’Reformpartei CSV net méi dobäi.

Dobäi ass et falsch ze behapten, wéi dat vun CSV-Säit ëmmer erëm geschitt, dass den zivile Mariage esou en Usproch géif verfolge, well soss missten et jo Konditiounen vu Kannerkréien am Code civil ginn, soss missten déi jo doran ageschriwwe ginn. Et gëtt awer keen esou en Artikel, dee seet, dat e Mariage doduerch géif ongültig ginn, well keng Kanner do sinn.

■ **Une voix.**- Da wären der vill ongültig.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.**- Et gëtt och ëmmer méi absurd, deen Dualismus Mann-Fra an der Elterenschaft wëlen héich ze halen - an dat ass da vläicht eng Äntwert op dem Här Wseler seng Ausféierungen zum Arrêt Fretté, dee jo och ganz controverséiert war, wou et keng Eenegkeet an der Richterschaft zu deem Uerteel ginn ass a wou et och Avis minoritaires gi sinn -, wann ee weess, dat deen Dualismus guer net déi eenzeg Realitéit ass an där d’Kanner grouss ginn; an dat ass keen neie Phänomeen.

Et gëtt ee jorhonnertenalen Erzéiungsmodell an deem d’Pappen haaptsächlech eng Roll als Ernährer zougestane kruten an d’Mamm d’Erzéiungsaarbecht octroyéiert krut. Et si Kanner a Kricher groussgezu ginn, déi hir Pappe kaum gesinn hunn. Et si Kanner vun hire Grousselteren oder anere Membre vun der Famill groussgezu ginn. Et si Kanner an Internater oder vu bezuelten Erzéier gezillt ginn. Et ginn ëmmer méi Kanner vu gescheeten a getrennten Elteren, déi hir Pappen all 14 Deeg gesinn. Et gi Familien, wou sech ee vun den Elteren iergendwann als schwul oder lesbesch out oder wou e säi Liewelaang seng Homosexualitéit verstoppt. An et gi Patchworkfamilljen, wou haut schonn zwee Männer oder méi heefeg zwou Frae mat Kanner an engem Haushalt liewen, wou dat eent Kand dann eben d’Kand vun där enger Fra oder deem enge Mann ass.

Dat alles just fir lech ze weisen, dat d’Realitéiten eigentlech ganz aner sinn an dass déi Schwierigkeet, déi d’CSV huet, fir do op dee Wee matzegoen, eigentlech net nozevollzéien ass a sech nëmme kann aus ideologesche Grënn erklären.

Mä och déi aner zwou etabléiert Parteien hunn nach e puer Hausaufgaben ze maachen. D’LSAP huet als Regierungspartei bis 1999 net vill Damp gemaach, fir d’Saach vum Mariage virunzebréngen...



M. Xavier Bettel (*DP*).- Très bien.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- ...an d'Madame Mutsch huet souguer nach 1996 gemengt, dass hir Partei d'registriert Partnerschaft géif vis-à-vis vun der Ouverture vum Mariage virzéien. An d'DP huet als jëtzeg Regierungspartei - do kënnst Der och „très bien“ soen, Här Bettel - ausser Lippebekenntnisser nach näischt hei gebueden.

Ech hu mer awer d'Wahlprogrammer ugekuckt, vu datt ee jo ëmmer muss an d'Zukunft kucken: D'LSAP seet jo zum Homobestiednis an och zur Adoptioun an d'DP trëtt ëmmerhi fir d'Ouverture vum Mariage an; zur Adoptioun steet am DP-Wahlprogramm näischt, mä ëmmerhin. Et freet ee sech, wéi et wäert an där neier Legislaturperiod goen. Wéi vill datt ee sech fir déi nei Aussoen - well si sinn tatsächlech nei, an deenen ale Wahlprogrammer war dat nach net esou kloer - an där Matière ka kafen? Well dat waren zwou Parteien, déi elo als Regierungspartei konnte weisen, wéi eescht et e mat deem Thema gemengt war. Op alle Fall ass et jo dann elo e bëssen anescht, et si kloer Aussoen do an d'Fro stellt sech, ob dat da fir déi zwou Parteien en Essenzial wär an enger neier Koalitioun mat der CSV nom 13. Juni.

Une voix.- Très bien.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- An ech mengen och, dass dat d'Gretchefro eigentlech ass, déi een hei onbedéngt misst klären.

Just nach ee Wuert zum Statsrot, Här President, deen am Joer 2000 en éischter kritisches Toun zu der Madame Err a menger Proposition de loi ugeschloen huet. Bei der Madame Err huer Proposition huet e fonnt, dat géif net wäit genuch goen a meng ass hinnen ze vill wäit gaangen. Interessant ass dann awer, datt e sech a sengem Avis vum Januar vum dësem Joer zum Partenariat e gudden Krack méi fortschrëttlech gëtt. Vlächcht huet et domat ze dinn, datt méttlerweil aner Leit an deem Gremium sinn, au point, dass e mengt, den Débat iwwert d'Ouverture vum Mariage fir d'Homokoppele misst hien elo, also de Conseil d'État, initiéieren. Ech hunn dat schonn e bësse staark fonnt...

Une voix.- ...falsch Bescheidenheet.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Dat ass effektiv keng falsch Bescheidenheet.

..., nodeems e selwer d'Geleeënheet verpasst huet, fir zur Proposition de loi vu 1996 méi e seriösen Avis ze maachen an domat vlächcht och de Kader, an deem sech de Projet de loi vun der Regierung iwwert de Partenariat aschreift, schonn am Virfeld e bëssen aneschtens ze setzen.

Et sief, deen Débat zitt domat ëmmer méi breet Kreesser a wéi an anere Länner ass d'Entwécklung a Richtung Ouverture vum Mariage net opzehalen; och wann et zu Lëtzebuerg alt nees zéng Joer méi laang dauert, wéi an eisen Nopeschlänner. Ech soen lech merci an ech wäert herno nach op de Partenariat an op der Madame Err hir Proposition agoen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (*CSV*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut, esou wéi de Koalitiounsaccord dat virgesäit an esou wéi de Statsminister et virun e puer Joer am État de la nation ugekënnegt huet, iwwert de

Gesetzesprojet zu der agedroener Liewenspartnerschaft. Mir schafen domadden e gesetzleche Kader fir Liewenspartnerschaften, déi keng Bestiednisser sinn. Dausende vu Stéit uechtert d'Land, déi ouni Mariage fonctionnéieren, kréien elo e Kader offréiert an deem se hiert Zesummeliewe kënne strukturéieren.

D'Gesellschaft huet sech am Verlaf vun der Zäit gewandelt an de Mënschen hir Gewunnechten och. Wann nach virun 30 Joer en Zesummeliewen ausserhalb vun engem Bestiednis eppes Aussergewöhnlech war, wourop dacks mam Fanger gewise gouf, dann ass dat haut völeg normal. Déi allermeeschte Koppele wunnen eng Zäit zesummen, ier se sech bestueden. Vill Studente wunne während hirer Studienzäit zesummen. Och homosexuell Koppele ginn haut méi a méi dee Wee vum sichtbar gemeinsame Liewen an darselwechter Wunneng. Doriwwer eraus ginn haut zu Lëtzebuerg - an et ass schonn an enger Rei vu Riede vu menge Virriednerinnen a mengem Virriedner ugeklongen - am eenzelne Joer bal 60% vun der Zuel vun deenen an deem Joer ofgeschlossene Mariagen erëm gescheet.

Mir stinn domat an der europäescher Scheedungshitparad méttlerweil ganz uewen um Treppchen; an der Europäescher Unioun gëtt et just a Finnland méi Scheedunge wéi bei eis. Scheedunge bedeuten ëmmer vill Leed a Misère, wa se net am géigesäitegen Accord iwwert d'Bühn ginn, besonnesch fir déi méi schwach Partner an natierlech ganz besonnesch fir Kanner.

Dësen Entwécklungen a soziale Realitéite muss d'Politik Rechnung droen. Dat huet näischt mat Verëierung vun de Sitten an onzoulänglecher Moral ze doen an et kann ee sech politesch an enger demokratescher Gesellschaft net amësche wéi d'Leit wëlle mateneen an zesumme liewen. Dat steet der Politik, dat steet dem Stat net zou. Et ass awer hir Aufgab dee gesetzleche Kader ze schafen, fir datt och déi méi modern Forme vum Zesummeliewen a geregelte Bunne kënne verlafen a fir datt d'Liewenspartner, déi dat wëllen, aus hirem Zesummeliewen och kënne Rechter a Flichten ofleeden. Et geet och net drëms politesch all Zort vu sozialen Erscheinungen ze sanktionéieren. Mir huldegen net prinzipiell a permanent dem Zäitgeescht, mä mir wëlle grouss strukturell Bewegungen an der Gesellschaft net léns leie loossen.

Ech wëll et gläich am Ufank soen, well et nämlech esou ass, a well eng Partie Kollege vun der Opposition nees wäerte behaapten, et wier net esou. Dat Gesetz, wat mer deemnächst also wäerte stëmmen, ass a Saache Rechter a Flichte vun enger agedroener Liewenspartnerschaft eent vun deene fortschrëttlechen op eisem Kontinent.

(Interruption)

Deen ass och net ëmmer Mooss vun alle Saachen, mä an dësem Fall schonn; ausserhalb vun Europa gëtt et iwwregens kaum e Gesetz, wat d'Liewenspartnerschaft regelt. Mir si vir bái an Europa an domat och an der Welt. Ënnert de Partnerschaftsgesetzer ass eist dat, wat déi vollstännegste Regeln etabliert an déi wäitestgoend Rechter vergëtt. Mat deem Text, iwwert dee mir haut hei diskutéieren, brauche mer eis néierens ze verstoppen. Grad dat schéngt och eis Opposition ze chagrinéieren, där den Text op eemol ze wäit geet.

(Interruption)

E fortschrëttlechen Text mat engem kohärente Regelwierk vu Rechter a Flichten, dat geet der Opposition ze wäit. Dat ass also méi wéi en erstaunleche Virgank, wann ee weess, datt dëse Projet sécherlech Modellcharakter, net nëmmen an Europa, mä iwwer Europa ewech wäert hunn. Natierlech ass et en Text iwwer Partnerschaften an net

iwwert de Mariage; dee bleift a senger ziviler Erscheinungsform esou bestoen, wéi mer en haut kennen. E gëtt net, wéi mer d'Gewunnecht hunn ze soen, opgemaach - dozou elo gläich nach méi.

De Rapporteur Claude Wiseler huet den Detail vum Text duergeluecht. Ech wëll him och am Numm vu menger Fraktioun fir dëst excellent Stéck Aarbecht félicitéieren a merci soen. A well de Rapporteur sech esou exhaustive mat der Substanz vum Projet befasst huet, wëll ech d'Geleeënheet notzen, fir e puer méi grondsätzlech Iwwerleeungen dozou ze maachen. Virun allem där, déi domat ze dinn hunn, woufir de Projet esou ausgesäit wéi en elo ausgesäit an net aneschtens. Ech wëll dann awer och a mäi Merci aschleissen, déi zwou Autricë vun deene Propositions de loi, déi Dammen Err a Wagener, och wann ech um Fong, a meng Fraktioun natierlech och, net mat deene Propositions de loi averstane sinn.

De Projet, iwwert dee mer elo schwätzen, ass eigentlech en orthodoxe Projet zu agedroener Partnerschaften; dat heescht, deen en Zesummeliewe vu Koppele regelt an och nëmme vu Koppelen. Déi Leit, déi hiert gemeinsaamt Liewen am Kader vun esou enger Partnerschaft wëlle liewen, dierfen net virum Besigle vum Partenariat Famill matenee sinn. Dat ass e Choix, dee gemaach ginn ass; et hätt och keen anere kënne gemaach ginn, deen zum Beispill d'Fraternien an de Champ d'application vum Text ageschloss hätt. Ech fannen awer, a meng Fraktioun mat mir, datt dee Choix, dee getraff ginn ass, dee richtegen ass.

Liewenspartnerschaften, déi mat där Panoplie vu finanziellen, sozialen a steierleche Rechter a Flichten ausgestatt ginn, déi de Gesetzesprojet virgesäit, setzen a mengen Ae viraus, datt déi zwéi Leit, déi esou eng Partnerschaft aginn, sech op Grond vu Gefiller a Verantwortungsbewusstsein ee fir deen aneren engagéieren; an zwar, et ass net evident dat ze beschreien, sou datt dës Gefiller, d'Vertrauen, dëst Verantwortungsbewusstsein tëschent hinnen, nei gewuess ass an net op Grond vu familiäre Banden ëmmer do war. D'Gesetz wäert sech op Partner applizéieren, déi d'Liewen zesummebruecht huet, net op déi, déi souwisou Famill matenee sinn.

Dësen Text mécht keen Ënnerschied tëschent Partner vun ënnerschiddlechem oder deemselwechte Geschlecht. En applizéiert sech gläichermoossen op heterosexuell an homosexuell Koppelen. Et ass awer keen Text fir Homosexueller. Esou eng Duerstellung vun den Ziler vum Gesetz ass falsch, well se nëmmen een Deel vun der Realitéit erëmgëtt. Tatsaach ass, dass et dausende vu Koppelen uechtert d'Land gëtt, déi aus deem engen oder deem anere Grond onbestuet wëllen zesummeliewen. Déi eng, well se sech net kënne bestueden, déi aner, well se sech net wëlle bestueden, erëm anerer, well se no engem éischte Mariage, deen an d'Bréch goung, déi schlecht Erfahrung duerch en anere Mariage net wëlle widderhuelen.

Et gëtt bal gradso vill verschidde Situatiounen a Grënn, woufir Leit sech net wëlle bestueden, wéi et onbestuete Koppele gëtt. Hinnen all wollt d'Regierung mat dësem Projet eng Alternativ zum Mariage offréieren, eng aner Manéier, eng manner contrainnant och, fir organiséiert zesummenzeliewen.

Bei dësem Projet goung et also vun Ufank un ëm all Fäll, an deene Koppelen zwar zesumme wunnen, awer net bestuet sinn. Selbstverständlech gehéieren och déi homosexuell Koppelen dozou. Hin-

ne gëtt de virleiende Projet, esou wéi d'Regierung an d'Kommissioun en amendéiert hunn, elo fir d'éischt d'Méiglechkeet, hiert Zesummeliewen an e gesetzleche Kader ze stellen. Natierlech kann och haut scho jiddfereen eng Konventioun ofschléisse virum Notaire, mat där e säin Zesummeliewe mat engem anere Mënsch organiséiert. Mä dës Konventioun ass inhaltlech komplett fräi, et gëtt keng Mindestbestëmmungen dofir a keng inhaltlech Virgaben duerch iergendee Gesetz.

Mam Vote vun dësem Projet gëtt dat anescht. Och d'Partenariat berout op enger Konventioun, déi d'Partner ënnertenee schléissen. Mä et ginn elo beim Partenariat Basisregelen agefouert, déi ëmmer gëllen: am Sozialrecht, am Steuerrecht, am Ierfrecht, am Besuchsrecht bei Krankheet, fir just emol déi Allerwichtigst ervirzeesträichen. De Wee iwwert d'Konventioun an also och iwwert d'Deklaratioun vum Partenariat ass och ee Choix.

Et hätt ee kënnen, sou wéi de Regierungstext dat a sengem alleréischten Entwécklungsstadium virgesinn hat, och souzesoen en „partenariat de fait“ schafen, wou et dann duergaange wär, wann ee bewise kritt hätt, wann dat gemeinsaamt Liewe schif gaange wär, wou de schwache Partner de Beweis vum gemeinsame Liewe während enger bestëmmter Zäit hätt kënnen untrieden, fir seng Rechter, déi aus där Partnerschaft resultéiert hätten, geltend ze maachen. Déi Iddi ass awer verworf ginn, zu Recht, wéi ech mengen, well de Stat net kann einfach imposéieren, dass d'Leit op eng bestëmmte Manéier zesummegelieft sollen hunn, wann déi dat net esou gesinn.

D'Partenariat gëtt also deklaréiert, beim Zivilstandesbeamten, deen déi Deklaratioun mat der Konventioun vun der Partnerschaft unhëlt. Domat ass d'Partenariat, wéi d'Gesetz et virgesäit, also eng fräiwëleg, eng voluntaristesche Démarche vun deenen, déi wëlle vun de gesetzleche Bestëmmungen, déi mer deemnächst wäerte stëmmen, profitéieren.

Eng Démarche awer och, déi net zum Mariage féiert. Gradsou wéineg wéi se fir Leit géeeigent ass, déi an engem rengen, onverbindleche Concubinage wëlle liewen. De Concubinage bleift fräi, well dat ass d'Wiese vun dëser Form vun Zesummeliewen, dass se ebe keng besonnesch Regeln huet ausser deenen, déi d'Partner sech selwer fräiwëleg wëllen operleeën. Och de Mariage ass vun dësem Text net betroff, hie gëtt a kenger Form a Fro gestallt oder verännert.

D'Partnerschaft wéi den Text se gesäit ass déi vun zwéi Mënschen, déi e Wee wëllen zesumme goen. Zwar kann eng Partnerschaft och nees opgeléist ginn, de Stat ka jo keen zwéngen, bis un d'Enn vu sengem Liewe bei engem aneren ze bleiwen, mä am Fong ass se op Dauer ugeluecht. An erausklammen ass, fir emol eng franséisch Expressioun ze benotzen, keng Sinécure. Dat soll et och net sinn.

Eng sozial Institutioun wéi d'Partenariat eng gëtt, déi mat ëmfaassende juristeschen Effekter ausgerüst ass, soll stabil sinn. Dat bedeit, dass een net einfach eng Kéier kann doheem erausgoen an dann net méi an der Partnerschaft sinn. Dofir beinhalt se och Schutzbestëmmunge géint iwwer deem Partner, deen net décidéiert huet, dem Zesummeliewen en Enn ze setzen. D'Rechter an d'Flichten, déi duerch dat neit Gesetz geschaaft ginn, sollen d'Zesummeliewe méi einfach maachen. Si sollen awer och als permanent Erënnung déngen, dass een, wann een esou e Partenariat ageet, Verantwortung wëllt iwwerhuelen an zu deem Engagement muss stoen.

Dowéinst sinn déi sozialrechtlech Dispositiounen am Text och esou ausgeluecht, dass dee Partner, dee sech an där méi schwacher Positioun befënn, besonnesche

Schutz soll erfueren. Dozou gehéiere virun allem déi alimentaire Obligatiounen, déi am Partenariat virgesi sinn, an de Schutz vun der gemeinsamer Wunneng. Mir wëlle sécherstellen, dass dee méi schwache Partner net ouni Wunneng an ouni Mëttele kann op d'Strooss gesat ginn, wann deen anere Partner wëllt senger Wee goen.

Fir d'CSV ass dës sozial Komponent besonnesch wichteg. Wien e Partenariat ageet, iwwerhëlt och eng gewësse Verantwortung fir säi Partner. Et kann net sinn, dass een an engem Partenariat nëmme Rechter a keng Flichte kritt. Mat der CSV gëtt et kee Partenariat à la carte.

Zum Inhalt vum Gesetz selwer soen ech net vill weider, well dat hei de Claude Wiseler ausféierlech a kompetent gemaach huet. Ech wëll mech also mat deem befaassen, wat den Text net regelt oder zouléist, a mat deem, wat d'Partenariat net ass.

Här President, d'Partenariat nom neie Gesetz ass kee Mariage „bis“ oder e Bestiednis zweeter Klass. Et ass iwwerhaupt kee Bestiednis, och kee Mariage „light“ oder een „à la carte“. Eenzelner hätten et léier gesinn, wa mer eng grouss Ouverture vum Mariage gemaach hätten amplaz dee Projet hei. Oder wa mer niewent deem Projet hei och nach de Mariage opgemaach hätte fir homosexuell Koppelen. Dat hu mer net gemaach, well mer et net wollte maachen, well et och vill méi schwéier ass, dee Wee ze goen.

Ech hunn et virdru scho gesot, dass d'Partenariatsgesetz sech un all Koppelen adresséiert, déi sech net kënnen oder net wëlle bestueden. Schrecklech vill vun deene betraffene Koppele wëllen dat nämlech ganz einfach net, an dowéinst geet et drëms, fir eng rechtlech Institutioun ze schafen, déi an hirem Ëmfank an an hirem Contrainanz net esou wäit geet wéi de Mariage, déi also kee Mariage ass. An da stellt sech d'Fro natierlech vun der Zouloossung zum Mariage, esou wéi mer e kennen, vun den homosexuelle Koppelen.

An ech wëll hei nach eng Kéier kloer d'Positioun vun der CSV resüméieren: Mir wëlle kee Mariage zweeter Klass. Mir wëllen och net, wéi déi belsch Kollegeen dee Wee begaangen hunn, e Mariage ouni d'Recht fir Adoptioun opzemaachen. Mir mengen, dass dat e falsche Wee ass. Fir d'CSV gëtt et also nëmmen e Mariage mat alle Rechter a Flichten. Am Moment schléisse mir awer eng Zouloossung zum Mariage aus, mir wëllen dat awer net prinzipiell op all Éiwegkeet ausschléissen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Laurent Mosar (*CSV*).- Mir sinn awer der Meinung an der Iwwerzeegung, dass et haut nach net de Moment ass, fir dee Schrott ze goen.

(Interruptions diverses)

Lauschtert no, Här Huss!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Dobäi geet et eis manner ëm déi betraffe Koppele selwer wéi et eis ëm d'Kanner geet an deenen hiert Opwuessen an d'Ëmstänn vun hirem familiäre Liewen. Well wie Mariage seet, seet och Kanner. An e seet Adoptioun. D'Kanner an hiert Wuelbefanne sinn an eiser Opfaassung do awer onbedéngt an den Zentrum vun den Iwwerleeungen a politesche Bestriewungen ze rëcken.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Wier dat dann net méi de Fall?

M. Laurent Mosar (*CSV*).- Mir sinn der Meinung, dass een de Mariage, Madame Wagener, net ka lassgetrennt vun der Filiatioun be-



truechten. Natierlech ginn et vill Mariagen ouni Kanner, alt erëm eng Kéier aus verschiddene Grënn. Mä et ass an et bleift dach esou, dass, wou e Mariage ass, d'Kannerkréien am Regelfall als Optioun oder eben als Wonsch ageplangt ass.

Nu kënnen eben homosexuell a lesbesch Koppele keng Kanner kréien, aus deene biologesche Grënn, déi eis jo all bekannt sinn. A well se keng kënnen selwer kréien, wëllte vill esou Leit Kanner adoptéieren. Genee do menge mir awer, datt dat, op d'mannst zu dësem Zäitpunkt, net geet.

Ech maache mer iwwregens guer näischt vir. Ech weess, an d'Kollee-ginnen an d'Kollegen an der Fraktioun wëssen et och, datt et ganz vill Leit an dësem Land gëtt, wou Kanner mat homosexuelle Partner zesummeliwwen. An deene meeschte Fäll sinn dat Fraen, déi bestuet waren, Kanner aus engem Mariage hunn, an duerno mat hirer Frëndin zesumme wunnen. Datt et dat gëtt, wësse mer. Datt et awer soll ideal si fir d'Kanner, bezweiflele mir.

D'Kanner hunn, der Kannerrechtskonventioun entspriechend, e Recht drop, hir Elteren ze kennen a si hunn e Recht op e Papp an op eng Mamm. Genee dëst Recht, dat op eng Mamm an op e Papp, kann awer am Fall vun enger Adoptioun - enger Adoption plénière, fir et prezis ze soen - ...

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Dat ass och bei Heterokoppelen de Fall. Do kennen se hir Elteren och net.

**M. Laurent Mosar (CSV).**- ...duerch eng homosexuell Koppel net respektéiert ginn. A mir mengen, datt dat den Haaptgrond ass, fir esou Adoptiounen a méi grousem Detail ze bedenken, an domat verbonnen och de Mariage nach net fir homosexuell Koppelen opzemaachen.

Sécher ass et esou, datt jidder eenzelne Mënsch kann eng Adoption simple maachen. Dat gëllt also selbstverständlech och am Fall vun homosexuelle Koppelen, wou e Partner am Fong ëmmer kann duerch Adoption simple e Kand adoptéieren. Mä et ass jo och esou, datt den Ennerscheid tëschent deenen zwou Zorte vun Adoptiounen net kleng ass. Bei där enger, där einfacher, bleift dem Kand eng substanzuell Relatioun mat senger biologescher Famill erhalen. Bei där anerer, der Adoption plénière, ginn all Relatioune gekappt.

An där Situatioun ass d'Kand also vollkomme vu senger biologeschen Elteren ofgeschnidden an et kéint sech an enger Situatioun erëmfannen, wou zwee Pappen oder zwou Mammae sech géifen ëm et këmmen. Mir soen net, datt dat noutgedronge misst schlecht sinn, ganz am Géigendeel. Mir mengen awer och, datt déi Zort vu Situatioun vum Prinzip hier net déi ass, an där ee Kand soll opwuessen.

Dat do sinn déi Froen, déi mer vläicht zu engem spéideren Zäitpunkt anescht kënnen beäntweren wéi haut. Mä op jidde Fall muss mer se am Detail préifen an déi konkret Situatiounen, déi sech kënnen presentéieren, mussen analyséiert ginn. Am Intérêt vun de Kanner, well ëm si geet et.

Wat do u psychologesche Risiko besteet, kënnen mer haut net mat Prezisioun aschätzen. A mir wëssen all, datt d'Kanner an engem gewëssenen Alter kënnen schrecklech grausam sinn, och dat wat et fir e Kand géif bedeuten, wann et weinst sengen zwee Pappen oder sengen zwou Mammen am Schoulhaff vun de Kolleginnen an de Kollege géif gehänselt ginn, muss ee sech virun Aen halen. Ech hunn haut nach e Bréif un d'Redaktioun am „Lëtzeburger Wort“ gelies, deem eigentlech op eng ganz schéin, déif Manéier beschreift, wéi schwéier, datt dës Situatioun fir

Kanner ass. An dee Bréif ass net redigéiert vun enger Persoun, déi menger Partei censéiert ass nozestoen.

Schlussendlech kann et duerchassinn, datt d'internationaalt Recht esou evoluéiert, datt en absolut Recht geschafe gëtt, opgrond vun deem d'Kanner mussen souwuel e Papp wéi eng Mamm als Elteren, biologescher oder faktescher, hunn. Mäi Fraktiounskolleeg Claude Wiseler ass schonn op déi international Jurisprudenz agaan, an ech mengen déi muss een och an Zukunft weider an den Aen behalen. Wann dat nämlech esou wier, dann hätt dat selbstverständlech op eis Iwwerleeungen eng wichteg Inzidenz. An esou engem Fall géif d'Adoptioun, op jidde Fall d'Adoption plénière, duerch gläichgeschlechtlech Koppelen um Niveau vun internationale Recht onméiglech gemaach. D'Entwécklung an dësem Beräich sollte mer also an alle Fäll mol genoe suivéieren.

Aus all dëse Grënn kann dofir och d'CSV-Fraktioun net déi Proposition de loi vun der Madame Wagener stëmmen. Här President, bien entendu wäert natierlech d'CSV-Fraktioun mat grousser Begeescherung de Projet de loi iwwert de Partenariat herno hei stëmmen.

Ech wollt och dës Appréciatiounen zu eenzelnen Aspekter vum virleiede Projet maachen, fir en an dat richtegt Liicht an a säi ganzt Liicht ze réckelen. Et ass e Partnerschaftsprojekt, deen de Mariage als solches net beréiert, en degradéierte Mariage dowéinst och net. D'Zielpublikum vun deem engen Instrument ass net datselwecht wéi dat vun deem aneren. De Mariage loosse mir aus deene genannte Grënn och esou wéi en ass, eng Institutioun, zu där e Mann an eng Fra eleng Accès hunn.

Déi Leit, déi hir Liewenspartnerschaft wëllen androen a formaliséieren loossen, egal ob dat Leit sinn, déi sech net kënnen oder där, déi sech net wëlle bestueden, kënnen dat an Zukunft maachen. An déi Partnerschaft, déi mer gesetzlech regelen, ass eng ëmfassend, an Europa eenzegaarteg vollständeg Partnerschaft, an där et ëm Gefiller, Verantwortung a Suerg ëm de Partner geet. E Rechtsinstrument, dat der Realitéit an eiser Gesellschaft Rechnung dréit, op eng adequat Manéier en Arsenal vu Rechter a Flichten tëschent Mënsche schafft, déi hire Liewenswee wëllen zesumme goen.

Esou, wéi de Projet elo ausgesäit, ass e gutt an e geet och wäit genuch. Fir all politesch Démarche iwwert den Inhalt vun dësem Projet eraus, stinn nach vill ongeklärte Froen am Raum, déi mer wëlle gekläert hunn, ier mer iwwerhaupt iwwer eppes anescht nodenke wéi dee Projet, dee mer elo wäerten zu engem Gesetz maachen. Fir eppes anescht ass d'Zäit nach net komm.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass elo d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

**Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt Stellung huelen zu der Madame Wagener hirer Proposition de loi an och do derbäi profitéieren, fir d'Positioun vun der sozialistescher Partei par rapport zum Adoptiounsvorschlag, dee sech jo och an dësem Kader stellt, ze soen. Ech war op der Riednerlésch deemools virgesinn an hu missen a leschter Minutt fortgoen, sou dass keen anere virbereet war fir heizou ze schwätzen. Ech huelen dat dann elo haut no.

D'Fro vum Mariage vun Homosexuellen, bei där geet et menger Meinung no net drëms ze wëssen, ob oder ob en net existéiere soll, well dass en existéiert, dat wësse mer. Mä et geet drëms, ganz ge-

nau ze wëssen, wat en implizéiert. Et geet och net drëms d'Theorie op de Proufstee vun der Tatsaach ze setzen.

**(Interruptions)**

Et ass net wichtig. Ech maache mer souwisou keng Illusiounen drëm, se hei ze bekéieren.

**(Interruption)**

Mä ech hunn donidden awer nogelauschtert. Ech hu mech jo net beklot.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Ech hu kee Problem dermat, dass en net am Sall ass, an och net mam Minister.

**(Interruptions diverses)**

**M. le Président.**- Also, ech menge mir sollen ophalen hei fir iergendwellech Commentairen een iwwert deen aneren ze maachen, a besonnesch iwwert déi, déi net hei sinn. Dat mécht een net. Dofir géif ech elo bidden nozelauschteren an d'Madame Err huet elo d'Wuert. Madame Err, fänkt un.

**(Interruptions)**

**Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Bon, ech fuere weider.

Et geet also beim Mariage vun Homosexuellen drëm, d'Theorie op de Proufstee vun der Tatsaach ze setzen, an net fir d'Tatsaachen an de Kader vun enger Theorie eranzéischen. An ech mengen, dass dohier déi grouss Differenzen an de Positiounen hei virkommen.

D'Sozialiste sti jiddefalls, an dat steet jo entre-temps och schwaarz op wäiss do, zum Mariage vu gläichgeschlechtliche Koppelen, mat deeneselwechte Rechter a Flichten. Firwat a wisou?

Éischtens emol ganz kloer aus juristesche Grënn vun der Gläichstellung vun alle Bierger a Biergerinne virum Gesetz. Duerfir geet et an den Aen vum eis net duer, fir d'Diskriminatioun zwëschent net bestuete Koppelen a bestuete Koppelen opzehiewen an duerch eng aner Diskriminatioun zwëschent homo- an heterosexuelle Koppelen anzeféieren, oder et kéint ee bal soen anzebëtonéieren, wann een den Här Mosar hei héieren huet. Mä et muss ee sech virun allem d'Fro stellen, wat de Mariage vun homosexuelle Koppelen an der Praxis bedeit. Wann een dat wëllt maachen, misst ee fir d'éischt emol kucken, wat iwwerhaupt de Mariage haut nach ass.

Et ass hei grouss vun Institutioun geschwat gi vu mengem Virriedner, net nëmme beim Mariage, mä och beim Partenariat an dat léisst een natierlech ganz erstaunt. Well, wann ee kuckt, wéi d'Evolutioun vum Phenomeen - fir et elo emol ganz neutral ze ëmschreien - ass, dann ass et ganz kloer haut sécherlech net méi déi feierlech gesellschaftlech praktesch imposéiert Zeremonie, déi ganz oft aus materiellen Ursaache begrënt war.

A mengen Aen ass de Mariage haut eppes wéi eng feierlech Liebeserklärung, déi leider oft net liewenslänglech dauert, an doriwwer eraus e Vertrag iwwert déi materiell Konditiounen vum Bestiednis, deen haaptsächlech wichteg ass am Fall vun der Opléisung, an dass dat oft ass, dat hu mir jo elo grad héieren: 60% vun de Mariagé ginn zu Lëtzebuerg gescheet.

Dat war och vläicht eng vun deenen Ursaachen, firwat meng Initiativ 1995 net op de Mariage gezielt huet, well menger Erfahrung als Afekotin no et net onbedéngt en Avantage gewiescht wär, fir en opzemaachen. Ech sinn awer mat der Madame Wagener d'accord, dass meng perséinlech Meinung an deem Kontext sécher irrelevant

ass, mä dass et drëm geet, dass all Mënsch déiselwecht Méiglechkeeten huet wéi déi aner par rapport zum Mariage, also d'Recht huet selwer ze decidéieren fir sech, ob e sech bestuede wëllt oder ob e sech net bestuede wëllt.

Wa mir vum Mariage schwätzen, da läit dat an der Loft, wat hei elo schonn a relativ - a mengen Aen oder a mengen Oueren - penibelen Téin ugeklongen ass, an zwar d'Adoptiounsrecht vun homosexuelle Koppelen, déi matenee bestuet sinn oder net. Déi lescht Trouvaille vun der CSV an deem Beräich ass jo déi gewiescht, dass se géint d'Opmaache vum Mariage fir homosexuell Koppele wären, well wa se géifen opmaachen, da kéinten se net mat der Adoptioun d'accord sinn, an da wären se net konsequent, well dat jo eng Diskriminatioun wär. Ob d'Diskriminatioun elo um Niveau vun der Adoptioun kënnt oder um Niveau vum Mariage, ass natierlech e qualitativ Sprong, iwwert deem seng Motivatioun ee sech muss eens maachen, déi jidde Fall alles anescht wéi kloer ass.

An deemselwechten Zesummenhang wollt ech awer och nach soen, dass et eng zweet Ursaach gëtt, firwat mir fir d'Opmaache vum Mariage sinn, an zwar eng soziologescher Natur.

Éischtens - an dat ass schonn hei ugeklongen - kommen ëmmer méi Kanner ausserhalb vum Mariage op d'Welt, oder ginn ausserhalb vum Mariage op jidde Fall erzunn, engersäits well d'Koppelen net alleguerte Kanner wëllen, an anersäits well et och Koppele gëtt, déi keng kënnen kréien - a leider ass dat déi Zort Diskriminatioun, géint déi mir duerch d'Gesetz net kënnen virgoen.

Well och bestuete Koppele keng Kanner kréien oder well se keng wëllen, ass et ganz kloer, dass an deene leschten Zäiten de Mariage sech dissociéiert huet vum Kannerkréien oder Kannererzéien. Et ass och kloer, dass en drëtte Facteur matspillt, an zwar deen, dass d'wëssenschaftlech Entwécklung et méiglech mécht, nei Eltereschafte - fir et elo emol sou ze soen - sech virzustellen, déi viru kuerzem et nach net ginn ass, sief dat duerch künstlech Befruchtung oder Kannererzéiung vun homosexuelle Mammen a Pappen oder/ an Elteren.

Et ass also och net ze vergiessen, dass am Kader vun all Adoptioun eng Enquête sociale virausgeet, wat beim Kannerkréie beispillsweis net de Fall ass bei heterosexuelle Koppelen. Dofir gëtt déi Argumentatioun, déi den Här Mosar hei uklänge gelooss huet, sécherlech nëmme dat hier, wat een dra wëllt gesinn.

Et ass kloer, och fir eis, dass d'Haaptmotivatioun net nëmme beim Bestiednis, mä och bei der Adoptioun a bei der Erzéiung vun de Kanner ëmmer den Interesse vum Kand ass an dass d'Kannerrechtskonvention muss respektéiert ginn. Et ass natierlech dat eng Saach vun Appréciatioun, ob ee feststellt, ob eng Adoptioun vu Kanner a sengem Intérêt ass oder net, mä dofir hu mir jo Experten, déi sech doriwwer kënnen ausschwätzen.

Et bleift, dass zum Beispill déi Proposition, déi d'Madame Wagener gemaach huet iwwert d'Adoptioun, d'Adoption plénière vun engem eenzelne Mënsch zu Lëtzebuerg net op ass, well dat wär du moins d'Méiglechkeet gewiescht, dass ee Partner kéint alleng e Kand adoptéieren, an da mat deem aneren zesummeliwwen. Et géif natierlech bliwen, dass dann de Liewenspartner vun deem, deen adoptéiert huet, praktesch kee Recht hätt op dat Kand, wat en eventuell mat erziit. Do gëtt et a Frankräich eng ähnlech Situatioun, an do gëtt et am Fong Méiglechkeeten, fir e Kand dono ze adoptéieren, wann e Kand vun engem Partner vun enger Koppel, déi zesummeliwwen,

adoptéiert ginn ass am Virfeld. Dat ass natierlech eng Aberratioun. Et wär u sech vill méi logesch, wann ee géif déi Saachen hei ganz normal ugoen, a kucke vu Fall zu Fall, ob et oder ob et net am Intérêt vun de Kanner wär.

Eppes ass op jidde Fall ganz kloer, an dat soen net ech, mä en Avis vun enger Psychoanalystin, déi heescht Handman Marie-Elisabeth, an déi seet Folgendes: „L'union entre homosexuels ne se heurte qu'à des tabous culturels et non pas biologiques. L'heure est venue de les faire sauter. Pour en arriver là, il faut surtout faire tomber les barrières homophobes, s'y opposer revient à l'absurdité qu'il y aurait à s'opposer aujourd'hui à la contraception.“

Et kann een do dobäifügen, dass och Sozialwëssenschaftler eppes festgestallt hunn, och wann et ëmmer Differenze gëtt iwwert d'Opportunitéit oder net vun der Adoptioun bei homosexuelle Koppelen, dass et ganz vill Famillje gëtt, wou d'Kanner schrecklech leiden, dass et trotzdeem och an deene Familljen nach ëmmer vun de Kanner als manner schlëmm erfonnt gëtt, iwwerhaupt eng Famill ze hu wéi guer keng. A wee wëllt sech haut schonn als Riichter etabliieren, fir ze kucken, ob eng Familljen oder net de Besoin vum de Kanner gerecht gëtt? Ech mengen, dat ass eng Fro, där jiddferree sech a senger Eier an a sengem Gewësse muss stellen a probéieren muss drobber eng objektiv Äntwert ze ginn.

Ech kommen dann am Kloertext zu der Konkusioun. Madame Wagener, Dir hutt et verstanen, d'Sozialiste si mat dem Contenu an der Ausrichtung vun Ärer Proposition de loi d'accord, an doriwwer eraus am Fong och iwwer Är Proposition zur Adoptioun, wou mir keng Stellung geholl haten, a mir wäerte selbstverständlech Är Proposition stëmmen.

Zum Text vun der Regierung, mengen ech, wär et normal, dass een de Rapporteur félicitéiert fir dee Rapport, deen e gemaach huet, och wann ee mam Inhalt net onbedéngt d'accord ass. Et war sécherlech net einfach an aus menger Siicht eraus gesinn och net normal, dass den Här Wiseler aus enger anerer Kommissioun huet missen asprangen, well anscheinend soss keen an der Commission juridique bereet gewiescht wär, als Jurist dee Projet do unzegoen. Säi Mérite gëtt doduerjer, mengen ech kënnen ze soen, nach méi grouss, well en huet sech daper mat deem Text do erëmgeschloen.

Zum Contenu ass natierlech eis Appréciatioun eng aner wéi zur Form vun dësem Rapport, deem ech iwwregens am Fong ee klengen Nodeel reprochéieren, an zwar deen, dass e praktesch op alle Punkten ëmmer d'Dispositiounen vun dem Projet de loi vergläicht mat, soit dem belsche Projet, soit dem franséische Projet, soit dem däitsche Projet, während dee Vergleich a kenger Hilsicht ubreucht ass, well an der Belsch beispillsweis et net nëmme d'Partenariat gëtt, mä doniewent de Mariage op ass, an dass et da logesch ass, dass am Partenariat mander drasteet wéi hei, mä et ass awer natierlech och esou, dass méi drasteet beim Mariage, dee mir jo hei net solle kréien.

Datselwecht ass de Fall a Frankräich, wou ganz oft eng Referenz op de PACS gemaach gëtt, mä och dee Vergleich ass a mengen Aen net gültig, well et a Frankräich niewent dem PACS och nach de Concubinage gëtt, an dass ee muss am Fong gesinn, dass ee Méiglechkeeten huet, déi d'Gesetz hei net opmécht, well hei am Fong alles vu virera feststeet, wat da méiglech soll sinn oder wat och net.

Ech mengen, dass de Projet hei eng ganz wichteg Bedeitung huet, och wann en net d'Begeescherung hei op de Bänken haut aus-



léist - aus zwou Ursaachen: Well eng Demokratie, déi sech respek-téiert, d'Flicht huet, net nëmmen d'Gläichheet vu senge Bierger a Biergerinnen ze deklaréieren, mä d'Gläichheet an der Praxis ëmze-setzen.

Et ass also e wichtege Projet an zwar net nëmme gesellschaftspol-itesch gesinn, mä och aus philoso-pheschen, reliéis, sentimentalen a juristeschen Ursaachen eraus. Et ass schonn hei gesot ginn, oder och net, ech erënnere mech net méi genee, dass et zënter 1989 an Dänemark eppes wéi de Partena-riat hei gëtt, 1993 an Norwegen, 1994 a Schweden an 1999 an Däitschland. An all deene Länner war et contrairement zu eisem Pro-jet hei nëmme fir homosexuell Kop-pele geduecht.

An ech kann der Tentatioun elo hei net widderstoën, den Här Paul-Henri Meyers ze zitéieren aus en-ger Sëtzung vum 5. Februar 2003, dee Folgendes gesot huet: „Si on prévoyait le partenariat seulement pour homosexuels, ceci poserait un problème de conformité avec le principe de l'égalité devant la loi“. Dass den Här Meyers an där Hin-sicht Problemer hat, dat éiert en natierlech. Ech wonnere mech, dass en déiselwecht Problemer net huet, wann et ëm d'Opmaache vum Mariage geet, mä hie kritt sé-cherlech nach d'Geleeënheet, wann e wëllt, sech dozou ze erklä-ren.

An darselwechter Sëtzung huet de Minister Frieden, stellvertretend fir d'Regierung, nach ëmmer gesot, op jidde Fall ganz kloer gemaach, dass d'Regierung net drun denkt weider ze goen, a kengesfalls de Mariage fir Homosexueller wëllt op-maachen. Dat ass natierlech och, denken ech, fir den Här Paul-Henri Meyers eng Diskriminatioun, et ass just eng op engem méi héijen Ni-veau, a vläicht deet se dofir nach méi wéi.

Et ass op jidde Fall kloer, dass och ouni Text am Ausland d'Saache bougéieren an och zu Lëtzebuerg bougéiere kéinten. Sou sinn - an d'Madame Wagener huet et am Kader vun der Virstellung vun hirer Proposition ugeschwat - Ustrengungen, fir dass homosexuell Kop-pele mat deem aktuellen Text Ge-menge sichen, déi si bestueden och ouni prezisen Text, well de Code civil - a mir hunn deesel-wechten - an de Konditiounen fir de Mariage net expressis verbis seet, dass een de sexe opposé misst sinn. Et ass awer am ganze Kon-zept kloer, dass sécherlech dee gemengt ass. Mä och ouni Text kéint ee sech also virstellen, dass Développement méiglech sinn.

Datselwecht ass iwwregens an Amerika de Fall, wou jo, wéi Dir wësst, d'Cour supérieure vu Kali-fornien de Buergermeeschter vu San Francisco huet missen opfuer-deren, d'Mariage vun homosexuel-le Koppelen ze stoppen, nodeems der 8.000 scho zelebriert gi sinn, well anscheinend d'Interpretatioun vum amerikanesche Gesetz op der Märei vu San Francisco net kon-form wier an dass dofir och do vum President vun de Staaten e constitu-tionellen Amendement era gaan-gen ass, dee soll verbidden, dass et e Mariage fir homosexuell Kop-pele gëtt. Mat deem Amendement gëtt ausganks 2006 gerechent, mä bis dohinner gëtt et nach aner Sta-ten an Amerika, déi déi Praxis aus Kalifornien virusetzen, sou dass och dat nach sécherlech fir Opree-gung wäert suergen.

1998 ass och an Holland, 2000 an der Belsch, de Mariage vun Homo-sexuellen opgaangen an d'lescht Woch hu mir an der Zeitung gelies, dass den neie Premier aus Spue-nien, den Zapatero, eng deklaréiert huet, dass en den homosexuelle Mariage wëllt opmaachen, mat al-lem wat dozou gehéiert.

Mir hunn also hei net nëmmen am Kader vum Benelux - mir kucke jo bei europäesche Froen ëmmer gä-ren op d'Benelux-Positiounen, mä ëmmer wann et ëm gesellschafts-

politesch Froen geet, da wëlle mir natierlech vu gemeinsame Bene-lux-Positiounen näischt wëssen -, mä och am Süde vun Europa Evo-lutiounen, deene sech och Lëtze-buerg op Zäit net entzéie wäert kënnen, mä wéi ëmmer wäerte mir a gesellschaftspolitesche Froen waarden, fir déi Lescht ze sinn: dat ass hei am Fong jo schonn eng Ge-wunnecht.

Zum Projet selwer ass et elo schwéier, dat erauszeseichen, wat am Fong nach net gesot ginn ass. Ech probéieren dat, andeem ech net den Text wëll explizéieren, mä d'Differenz vum Partenariat mam Mariage, fir duerno d'Inkohärenzen opzeweisen an domadder am Fong d'Haltung par rapport zum Vote vun der sozialistescher Frak-tioun ze erklären.

Ech wollt also mat den Objektiver vum Gesetz ufänken, wéi se am Rapport stinn, an do steet am Fong zum Projet selwer dran, wär d'Pre-tentioun net en neie Statut, ge-schweige dann eng Institutioun ze kreéieren, mä e puer Dispositioun-en am Code civil, Dispositiounen an der Sécurité sociale an am Droit fiscal ze änneren, sou dass e Ge-setzestext vun 30 Säite knapps dräi Säiten iwwert d'Leit begräift an de Rescht iwwer Steierfroen a Sé-curité sociale.

Firwat soen ech dat? Net well dat relevant ass, mä well et symbo-leesch staark ass. Dat beweist, dass hei soll probéiert ginn d'Kand mam Buedwaasser auszeschëdden, fir dass méiglechst wéineg iwwert dat Rieds geet, wat am Fong d'Es-sence vum Projet ausmaache soll an dass d'Leit sech kënnen mat De-tailer vum Sécurité-sociale-Gesetz erëmklappen, déi esou schwie-reg sinn, besonnesch dann, wann Arti-kelen nëmme geännert sinn, déi ausser dem Kontext eraus am Ge-setz isoléiert dräinstinn.

Op jidde Fall ass, menger Mee-nung no, déi Incitatioun oder déi gemeinsam Veranlagung bei der Sécurité sociale net grad geduecht fir d'Fraen ze incitéieren net weider schaffen ze goen. Ech mengen net, dass de Fraen en général an och net de Männer en particulier do-madden en Déngscht geleescht gëtt, well een oder deen aneren an eng Ofhängegkeet eran incitéie-ren, ouni dass eng Garantie do ass, fir dass déi Versuergung an der Zäit kann undauern, ass sé-cherlech eng ganz kuerzsiichteg Politik.

Ech wëll da probéieren déi Diffe-renzen tëschent dem Partenariat an dem Mariage hei opzezielen, fir duerno op déi Inkohärenze schwätzen ze kommen.

Éischtens, ass bei de Konditiounen praktesch alles d'selwecht, just dass implizit am Text beim Partena-riat hei steet, dass een de sexe op-posé oder och net kéint sinn, wat beim Mariage net drasteet, awer am Fong kënnt eragelies ginn.

Zweetens, bei den Obligatiounen vum Partenariat gëtt et zwar eng Obligation de solidarité, surtout matérielle, mä keng Obligation de fidélité.

Drëttens - an dat ass e Punkt, dee mech wierklech stéiert - gëtt beim Partenariat hei am Projet eng Rési-dence légale zu Lëtzebuerg gefrot fir deejeinegen net europäeschen auslännesche Matbierger, dee wëllt e Partenariat mat engem Lëtze-buerger agoen. Dat ass en-gersäits absurd, well beim Mariage wou sech de Problem stellt, et net esou ass, an dass an alle Froen, déi hei sollten nei gekläert ginn, am Fong misst gekuckt ginn, no bes-serem leschte Wëssen ze agéie-ren. Dat ass hei net geschitt, an dat war och net gewollt. Et gëtt also net nëmme gefaart, dass Mariages blancs gemaach ginn, fir zu Lëtze-buerg regulariséiert Pabeieren ze kreéien, mä et gëtt och évitéiert fir d'Partenariat, fir eng Regularisa-tioun kënnen ze benotzen.

Wat awer relativ infam ass, dat ass, dass sech dat erëm hei an den Text erageschlach huet, wat op dem

Statsrot seng Initiativ beim Partena-riat en général erauskomm ass, an zwar déi Relation stable et durable. Dobäi muss ee sech an der Praxis froen, wéi et méiglech ass, als net Europäer, beispillsweis als Chines, fir nëmmen een ze nennen, noze-weisen, dass ee mat engem Lëtze-buerger eng durabel an eng stabil Relatioun huet, wann ee keng Pa-beieren zu Lëtzebuerg huet an och keng anerer konnt kreéien, wéi bei-spillsweis en Touristevisa. Wann et also net als Primat geduecht ass, fir alles wat net aus Europa wëllt op Lëtzebuerg e Partenariat maache kommen, da wär e Minimum ge-wiescht, fir hei d'Konditiounen esou ze halen, fir net wierklech existéie-rende Relatiounen hei e Rigel vir-zeschieben.

Déi véiert Differenz ass, dass déi Notaireskonventioun, déi am Kader vum Partenariat ka gemaach ginn, all Moment ka modifiéiert ginn, während se am Kader vum Ma-riage nëmme ka modifiéiert ginn, wa se jeeweils zwee Joer al ass. Et ass och interessant hei ze wëssen, dass wann een déi Konventioun ännert, dass een da muss dem Of-ficier de l'état civil Bescheid soen, well ee soss riskéiert - an dat muss ee soen -, dass déi Konventioun deenen Drëtten net opposabel ass, an da géing se am Fong net ganz vill notzen.

Déi fënneft Differenz ass, dass eng Solidarité, eng Aide matérielle, besteet, net nëmme während dem Partenariat, mä theoretesch jidde-falls och duerno, obschonn déi So-lidaritéit, géint déi mir eis och for-mell ausschwätzen, nëmme maxi-mum ee Joer no dem Ophiewe vum Partenariat kann undauern an esou nëmmen eng Illusioun vun enger materieller Versuergung duerstellt, wann dann ee sollt do-robber spekuléiert hunn, fir hei an e Partenariat eranzegoen.

Dann, déi sechst Differenz: Am Droit successoral do ass a priori wann een den Text liest, alles am Botter, an et denkt een, dass déi Lëtzebuerger Gesetzgebung hei terribel generéis wär. Wann een awer méi genee kuckt, da gesäit een, dass deem net onbedéngt esou ass, well engersäits drasteet, dass zwar Partner sech kënnen Donatiounen oder Legs maachen, dat heescht en Testament oder Schenkungen iwwer en Testament, mä dass se net Héritier vun hirem Partner sinn, an dass also alles, wou se net kënnen bewiesen, dass et hinne perséinlech gehéiert - an dat ass ëmmer de Fall, wann ee keen Inventaire huet - censéiert ass an d'Indivisioun ze falen a mat betruuecht gëtt wéi eng Libéralitéit, wann et Kanner gëtt, déi hir Ré-serve héréditaire umellen.

Dat heescht, dass ee beispillsweis zu Liezfäiten net kann engem eppes verschenken, ouni dass dat ka mat a Kont geholl ginn, fir ze kucken, ob d'Reserv vun de Kan-ner schlussendlech net touchéiert ginn ass.

Déi siwent Differenz - an dat ass mengen ech e ganz positive Punkt -, dat ass, dass d'Séparatioun am Kader vum Partenariat vill méi eng einfach Prozedur huet wéi am Ma-riage. An ech wëll hei nach eng kéier den Här Paul-Henri Meyers aus darselwechter Kom-miss-iounssëtzung zitéieren, dee sech da gefrot huet, an ech schléisse mech dann där Froestellung un, fir-wat, wann et hei esou einfach ass eng Séparatioun ze kreéien, datsel-wecht net am Kader vun engem Bestiednis méiglech kënnt sinn, besonnesch am Kader vum Consentement mutuel, wou d'Leit sech jo theoretesch iwwer alles eens sinn, a wou et eigentlech och misst duergoen, wann een déi Konventioun bei den Officier de l'état civil géif droen.

Et ass eng gutt Fro, mengen ech, an ech mengen och, dass et scho

Länner gëtt, déi eng Äntwert do-robber fonnt hunn, esou Holland beispillsweis, dat net nëmmen d'Méiglechkeet duerch d'Gesetz opgemaach huet fir en homo-sexuelle Mariage a fir eng Partner-schaft, mä dat virgesinn huet, dass ee ka wiessele vun der Partner-schaft an de Mariage an ëmge-dréint. Dat heescht, dass Leit, déi bestuet sinn an déi sech wëlle scheeden, d'Méiglechkeet kreéien éischer den Divorce ëmzewandelen an e Partenariat, an dann do-madder d'Prozedur vun der Tren-nung kënnen op déi vereinfacht Aart a Weis maachen. Ech fannen, dass dat eng ganz gescheit Léi-sung ass, an och zu Lëtzebuerg hätt een du moins kënnen fir déi he-terosexuell Koppelen déi Méig-lechkeet opmaachen, fir deene Leit, déi sech eens sinn iwwert d'Modalitéite vun hirer Trennung, dee penible Prozess vun enger Scheedung ze erspuren.

Déi lescht Differenz op déi ech nach wollt hiweisen, dat ass den Officier de l'état civil, deen an en-ger Gemeng de Buergermeeschter ass. Normalerweis bei engem Ma-riage kann de Buergermeeschter seng Funktiounen als Officier de l'état civil weider delegéieren un d'Memberen aus sengem Schäf-fen- a Gemengerot. Hei kann en dat net, e kann nëmmen un e Fon-cionnaire vun der Gemeng déi De-legatioun ginn, an dat Ganzt soll natierlech dorobber eraus wirken, dass méiglech kee solennellé Cha-rakter un esou eng Zeremonie kënnt ugebonne ginn.

D'Praxis wäert weise wéi een dat doten trotzdeem kann hikréien, wann een dat wëllt, an ech men-gen, dass ee ka soen, ëmmer do wou e Wëllen ass, gëtt et wahr-scheinlech och e Wee fir déi Zere-monie dann och an deem Kader kënnen ze organiséieren.

Ech mengen, dass et wierklech wichteg ass op e puer Inkohärenze vun deem Text hei hinzeweisen. Den Text behaupt menger Mee-nung no zu Onrecht ëmmer nach kee Mariage „bis“ ze sinn, während alles wat ech lech bis elo opgezielt hunn, a wat mer héieren hunn, op déi Konkusioun eraus kënnt.

Éischtens steet kee Wuert dran iw-wert déi Manéier wéi d'Partena-riaten, déi am Ausland ofgeschloss gi sinn, zu Lëtzebuerg géifen uner-kannt ginn. An ech erënneren drun, dass de Justizminister an enger Sëtzung erkläert huet, senger Mee-nung no misste mir eng internatio-nal Konventioun kreéien, fir iwwert déi Froen kënnen ze äntworten, a fir mat der Madame Polfer hire Wier-der ze schwätzen, géing ech soen, dat kann dach net sënn, wa mir hei e Partenariat maachen, wou et ganz kloer ass, dass alles wat an déi Richtung geet net méi contraire zum Ordre public zu Lëtzebuerg ka sinn, ass et am Fong a mengen Aen nëmme eng Saach vun Uner-kennung a vun Interpretatioun fir dat unzekerennen, an ech hoffen och, dass de Minister eis zu där Ausso, déi 2002 geschitt ass an enger Kommissiounssëtzung, kann dat eent oder dat anert erklärend Wuert soen.

Ech mengen och, dass et ganz kloer ass, dass de Régime matri-monial oder de Régime primaire, deen agefouert ginn ass duerch Gesetz, genau deeselwechten ass wéi am Kader vum Mariage, mat genau deeneselwechten Nodeeler, während mir hei, nodeem mer wës-se wou d'Nodeeler sinn, hätte kë-nnen iwwert den Inventaire dee Re-gime verbessern, mä och dat hätt net kënnen sinn. Eng zweet Inkohä-renz also.

Drëttens ass et kloer, dass de Fait, dass keen Inventaire zougeloooss ginn ass, beweist, dass kee Wëllen do war fir d'Deele vun engem Hausstand beim Enn vun engem Partenariat ze vereinfache par rap-port zu deem wat am Kader vum Mariage besteet. Ech fannen och, dat ass eng relativ inacceptabel Konkusioun.

Wat d'Steieren ubelaangt ass d'Si-tuatioun d'selwecht wéi beim Ma-riage, oder praktesch wéi beim Ré-gime matrimonial. Dat Eenzezt wou ee ka soen, dass eng Verbesse-rung do ass par rapport zum Ma-riage ass d'Séparatioun an och déi ass nach net opgemaach gi fir he-terosexuell Koppelen, déi bestuet waren an déi sech hätte kënnen op méi en einfache Wee iwwert d'Transformatioun vum Mariage an d'Partenariat trennen. Och dat war net méiglech.

Similituden also op där enger Säit, ze vill fir ze behaapten et wier kee Mariage, Inkohärenzen op där ane-rer Säit, esou dass et ganz kloer ass, dass d'sozialistesche Fraktioun déi zwou Propositions de loi stëmmt, déi hei virleien, an aus deenen Ursaachen, déi ech elo probéiert hunn ze erklären, ken-gesfalls bereet ass de Partenariat mat ze stëmmen, mä sech dobäi wëllt enthalten.

Eng lescht Ursaach dozou wollt ech awer nach soen. Déi hat ech elo bal vergiess. Dat ass, dass ee vun deene grouse Feeler vum Text a mengen Aen doranner besteet, dass näischt an deem Text virge-sinn ass fir d'Trennung vu Koppe-len, déi keng Deklaratioun ge-maach hunn. An dat wäerte muer mat deem Gesetz nach ëmmer déi meescht sinn.

An ech wollt fir d'Inkohärenz nach just eng kéier de Premierminister zitéieren am Fréijoer 2001, wou en iwwert déi Projekte vun der Regie-rung, iwwert dee grouse Ruck a Saache Gesellschaftsfroe ge-schwat huet. En huet an engem Saz gesot, onofhängeg dovun, ob d'Partner hire Wëlle fir d'Zesummel-iewe schréfflech dokumentéieren oder net, muss dat neit Rechts-instrument, dat muss geschafe ginn, eng Rei vu wichtige Froen vum Zesummeliewe klären. Och do kann een nëmme bedauern, dass dat wat ugekënnegt ginn ass sech net am Text erëmfënnt an eng Ur-saach méi duerstellt, fir dass mir eis bei deem Projet wäerten entha-len.

**M. le Président.-** Den Här Minister Frieden freet d'Wuert.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.-** Här President, fir déi puer Leit, déi dës Debatt heibanne suivéieren, wollt ech just zwou Pre-zisiounen ginn, opgrond vun deem wat d'Madame Err gesot huet, fir dat Ganzt e bëssen ze coloréieren an ze komplettéieren.

Se huet am Kontext vum Mariage vun deenen Homosexuellen eng a mengen Ae juristesche falsch Ausso gemaach. Si huet gesot, och wann eist Gesetz dat net virgesäit, dass de Mariage tëschent Mann a Fra ass, wollt ech just hei den Artikel 75 vun eisem Code civil, rappeléieren, dee ganz kloer seet, dass wann d'Leit bestuet ginn, duerno den Of-ficier de l'état civil muss eng Dekla-ratioun entgéinhuelen, déi seet, dass déi zwee Leit sech huelen als Mann a Fra. „L'officier de l'état civil recevra chaque partie l'une après l'autre, la déclaration qu'elles veulent se prendre pour mari et femme“. Ech wollt just hei soen, contrairement zu deem wat ëmmer erëm gesot gëtt, an eisem Code ci-vil stéing dat net, dat steet am Code civil.

Dat zweet wat ech der Madame Err wollt soen, just fir och d'Debatt ze beräicheren, dat ass, wat déi fran-séisch Justizministerin Elisabeth Guigou, déi der sozialistescher Partei ugehéiert, gesot huet an der Debatt iwwert d'Partenariatsgesetz a Frankräich, ech zitéiere wat si an der Assemblée nationale gesot huet: „Le PACS est radicalement différent du mariage, parce qu'il n'est pas question, ni aujourd'hui, ni demain, que deux personnes de même sexe puissent se marier. Quant à l'adoption par deux hommes“, Madame Err, elo kënnt de Saz, ech wollt just dat komplet-téieren, Dir hutt gesot et ass just zu Lëtzebuerg, a just esou konservativ Leit wéi zu Lëtzebuerg an der



Regierung sinn, déi hei Bedenken hunn, do wollt ech just soen, wat d'Madame Gigou vun der sozialistescher franséischer Partei du gesot huet iwwert d'Adoption par deux hommes et par deux femmes, dat war den 9. Oktober 1998 an der franséischer Assemblée générale, an d'Madame Guigou ass och haut an deene rezenten Debatten, déi se hat, och doriwwer mam aktuelle franséische Justizminister sech eens, wou déi Debatt a Frankräich och erëm gefouert gëtt, se huet gesot: „Je le dis avec la plus grande fermeté: un enfant a besoin pour sa structuration d'avoir face à lui un modèle de l'altérité sexuelle, un référent homme et un référent femme“. Ech wollt dat just hei an d'Debatt ginn.

Jidderee kann eng aner Meinung hunn, dat ass ganz kloer, mä et soll een hei net maachen, wéi wann dat eng Meinung wär, déi just déi eng Partei hätt, contrairement zu enger anerer. Et ass eng ganz schwierig Fro, an et soll een all Elementer, och déi Debatten, déi se am Ausland féieren, a Considération zéien. Ech wollt virdrun, Här President, d'Madame Err net ënnerbriechen, dofir hunn ech dat op dëser Plaz gemaach. Op aner Observatione ginn ech selbstverständlech a menger Interventioun herno an.

Merci.

■ **M. le Président.**- D'Madame Err freet nach d'Wuert.

■ **Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Ech wollt just op déi Aussoe vum Minister äntwerten, dass et sécherlech der Madame Guigou hiert Recht ass 1998 oder 1999 dat dote gesot ze hunn, mä wann de Minister haut de Moien de Radio gelauschert huet, dann huet en héieren, dass déi franséisch Sozialiste sech gëschter Owend net nëmmen ausgeschwat hu fir d'Opmaache vum Mariage homosexuel, mä och fir déi global Diskussioun iwwert d'Adoptioun ausgoend vun homosexuelle Koppelen, woumadder ech nach ëmmer net wëll der Madame Guigou d'Recht ofstreiden, och haut nach datselwecht ze denken, wéi dat wat se virdru geduecht huet.

Ech wollt dann awer och schlussendlech soen, dass et a mengen Ae kloer ass, dass all Dossier evoluéiert, an dass eng global Diskussioun sécherlech ubruecht ass, och wann et kloer ass, dass verschidde Meinungen op deem dote wéi op allen aneren Dossiere selbstverständlech méiglech sinn.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.**- Wann ech richtig héieren hunn, Madame Err, dann huet déi franséisch sozialistescher Partei gesot: Mir wëllen doriwwer diskutéieren. Ech mengen, déi Diskussioun féiert d'Lëtzebuerger Parlament a féieren d'Lëtzebuerger Parteien och. Et ass also net esou wéi wann all déi aner Parteien, y compris déi, déi Der elo grad zitéiert hutt, dat décidéiert hätten. Just datt jiddferree weess, wat gëschter Owend apparemment do a Frankräich diskutéiert ginn ass.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Här Henckes, Dir hutt elo d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Neen, den Här Henckes sinn ech net!

**(Hilarité)**

■ **M. le Président.**- Ah, entschëllegt, Här Bettel! Oh, et ass keng grouss Differenz, mengt Der net?

**(Hilarité)**

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech fannen dat net fein!

**(Interruptions diverses et hilarité)**

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Als President vun der Frak-

tioun vun der Demokratescher Partei protestéieren ech heftegst géint dat wat Der elo gesot hutt.

■ **Plusieurs voix.**- Oh!

■ **M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Am Spaass!

**(Interruptions)**

■ **M. le Président.**- Ech hunn dat net gemengt. Ech hu méi gemengt wat déi Diskussioun ueget, déi mir elo hei bevirsteet.

**(Interruptions diverses et hilarité)**

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Oh, Här President, ech sinn awer guer net darselwechter Meinung!

**(Coups de cloche de la Présidence)**

■ **M. le Président.**- Also da fänkt elo un, Här Bettel.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, ech sinn awer guer net darselwechter Meinung wéi déi vum ADR an ech wäert dat och développéieren. Här President, dowéinst huelt mer et net iwwel, mä mech als Här Henckes ze bezeichnen huet mech e bësse marléiert.

**(Interruptions diverses)**

Här President, erlaabt, dass ech den éischten Artikel zitéiere vun der Déclaration universelle des Droits de l'Homme vum 10. Dezember 1948, dee seet: „Tous les êtres humains naissent libres et égaux en dignité et en droits.“ 2004 kann ee behaupten, dass mer haut mat deem heite Gesetz op jidde Fall méi no zu deem Artikel kommen, andeem mer enger gewëssener Kategorie vu Leit Rechter ginn, déi et bis haut net gi sinn. Den Här Juncker huet gesot, verschidde Leit wëilten net bestuet ginn a verschidde Leit kéinten net bestuet ginn. A verschidde Leit géife keng Rechter unerkannt kréien an hirer Partnerschaft, well se sech net wëllte bestueden, an déi aner kéinte keng kréien.

Deen heite Projet de loi ass eng wichteg Etapp op jidde Fall, déi an déi richtig Richtung gemaach gëtt. Ech weess et hätt ee kënne méi wäit goen, et hätt ee kënne soen, d'Hochzäit soll opgemaach ginn. D'Demokratescher Partei hat och op hirer Journée parlementaire virun zwee Joer gesot, dass d'Ouverture vun der Hochzäit fir homosexuell Koppelen eppes wär, woumat mir averstane wäeren.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- An dunnt?

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Déi belsch Regierung huet en Text gemaach an deem se seet, d'Ouverture vum Mariage, jo, mä Adoptioun vu Kanner, neen. Begrënnung zéro, keng Begrënnung dobäi. Ech sinn der Meinung, Här President, wann een hei de Mariage opmécht, da soll een en net hallef opmaachen, well dann ass et eng Diskriminatioun vis-à-vis vun heterosexuelle Koppelen, déi bestuet ginn. Entweder et mécht een alles oder et mécht een näischt. A wann een d'Hochzäit opmécht, da soll een och d'Adoptioun vu Kanner fannen ech si mir haut bei eis hei am Land wierklech net au courant an eis net bewosst wéi d'Evaluatioun kënne sinn a wéi dat Ganzt sech kann entwéckelen.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Firwat schwätzt Der net vum hollännesche Projet?

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech schwätzen elo vum belsche Projet, Madame Wagener, an deem hollännesche Projet, dee kennen ech net, wat do alles drasteet, mä do dierf ee just Kanner aus Holland adoptéieren.

**(Brouhaha général)**

■ **M. le Président.**- Ech mengen, et soll een den Här Henckes seng Meinung virdroe loosse! Madame Wagener, Dir sidd och nach agedroen. Dir kritt och nach d'Geleeënheet.

■ **Une voix.**- Nach eng Kéier!

**(Hilarité)**

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Et ass den Här Bettel! Ech sinn net den Här Henckes!

**(Hilarité)**

■ **M. le Président.**- Et ass awer schlëmm!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech nennen lech och net Här Buergermeeschter, also!

■ **Une voix.**- Den Här Bettel schwätzt dann elo!

**(Hilarité)**

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, d'Hollänner hu gesot, et dierf ee Kanner adoptéieren, mä d'Hollänner dierfen nëmmen hollännesch Kanner adoptéieren. Firwat mécht een dat da mat där Limitatioun, wann ee bei den heterosexuelle Koppelen dat net mécht? Entweder et gëtt een déiselwecht Rechter oder et gëtt een net déiselwecht Rechter, awer et mécht ee keng esou Zwitterprojeten, wou een dat eent an dat anert esou erauspickt. Entweder mir maachen d'Hochzäit op mat der Adoptioun oder mir maachen se net op.

Ech si fir d'Ouverture vum Mariage, an ech hätt awer dann an deem Fall och gären d'Adoptioun, mä da muss een awer ganz genau kucken, an haut ass et verfréit, fir de Mariage opzemaachen, wann een net weess wéi d'Evolution vum Kand ass, an ech fanne perséinlech, dass een etappeweis soll virgoen, an ech fannen, dass déi heiten Etapp scho wichteg ass, obwuel - an ech kommen herno nach drop zréck - aner Punkten hätte roueg kënne méi wäit goen, déi perséinlech a mengen Aen net wäit genuch ginn.

Op jidde Fall sinn ech ganz zefriden, dass mer schonn op dës Positioun komm sinn, well wéi ech am Februar 2001 mam honorabelen Här Meisch eng Question parlementaire gestallt hat iwwert d'Reconnaissance justement, also d'Unerkennung vun den Hochzäiten a vun de Partenariaten aus dem Ausland, hat ech gesot kritt: „On peut admettre qu'en état actuel de notre législation, la validité d'un mariage célébré entre personnes du même sexe sur base de la nouvelle législation votée par le parlement néerlandais, telle qu'elle devrait entrer en vigueur à partir du 1<sup>er</sup> avril 2001, voire même sur base d'une autre législation étrangère, ne serait pas reconnue au Luxembourg, car un tel mariage serait considéré comme contraire à notre ordre public.“

Dat war d'Äntwert, a wéi ech d'Äntwert kritt hunn, du war ech paff. Wat ass den Ordre public? Bon, een deen net Jurist ass, deen huet geduecht, dat ass géint d'Moral! Dat ass net de Prinzip. Den Ordre public ass eppes Juristesches, wou een dann d'Gesetz kuckt aus engem Land an da kuckt ob dat kompatibel ass mat den allgemenge Bestëmmungen.

Haut awer hu mer eng Etapp, well ech sinn iwwerzeegt, an ech wär frou wann den Här Frieden mer duerno nach kéint drop äntworten, ech sinn iwwerzeegt, well et war jo och geäntwert ginn op eng Question parlementaire vun enger aner Deputéierten heibannen, dass de PACS zum Beispill a Frankräich hei jo net géif unerkannt ginn. Mä dat heescht, elo mat deem heite Projet kann ee jo net soen, dass e PACS

contraire zu eiser Législatioun ass, an dat heescht indirekt de facto, dass haut mat deem heite Projet de franséische PACS oder déi aner Partenariaten um zivile Plang hei zu Lëtzebuerg wäerten och unerkannt sinn an hir Effete mat sech droe wäerten.

An elo nach ganz kuerz e kleng Punkt. Et ass virdru geschwat ginn, mir wäeren net Précurseur, et wäeren nach zwee Länner, déi et net hunn. Ech muss lech et soen, Madame Err, et sinn aner Länner, déi et an deene leschten zwee Joer gestëmmt hunn, an eise Projet de loi ass net nei! Mir hunn iwwer annerhalleft Joer op den Avis vum Conseil d'État gewaart! D'Leit hunn ëmmer gefrot: Wéini kënnst et dann endlech, wéini kënnst et dann endlech? Mä de Conseil d'État huet keen Avis ginn. Den Avis vum Conseil d'État war certes ganz komplett a si haten och ganz gutt Aarbecht gemaach, mä ils se sont fait attendre. A mir hunn et awer elo ganz spët kritt. Et huet ee sech nach bal d'Fro gestallt: Mä kréie mer et nach iwwerhaupt dës Legislaturperiod gestëmmt?

**(Interruption)**

Madame Wagener, den Avis vum Conseil d'État huet een awer missen hunn. Ech mengen d'Madame Err huet et selwer virdru gesot, 1995 hätt si eng Proposition de loi gemaach a si wär bis haut jo net diskutéiert gewiescht. Wie muss ech nach erënneren? An et deet mer Leed, Madame Err, Dir sidd mir sécher ganz sympathesch an Dir hutt lech ëmmer ganz vill fir de Sujet engagéiert, mä wann Är Partei haut seet, dass deen heite Projet esou wichteg wär, wann Dir 1995 eng Proposition de loi gemaach hutt an et ass kee Pippcheswuert iwwert de Sujet an dëser Koalitioun mat lech an der CSV driwwer diskutéiert ginn, awer kee Pippcheswuert!

Dir sidd selwer an d'Regierung komm, dann ass et méi schwéier, mä kee Wuert ass driwwer diskutéiert ginn! Kee Wuert! An op eng Kéier gëtt gesot, deen heiten Text ass net gutt a mir enthalen eis. Et deet mer wierklech Leed. Wann een eng Partei ass, déi seet, et wëllt een an déi richtig Richtung goen, mä et géif net wäit genuch goen, dann enthält ee sech.

**(Interruption)**

Well esou hätt een haut nach guer näischt, Madame Err, haut hätt ee guer näischt wann Dir nach an der Regierung wäert mat der CSV, well dat ass d'Resultat vu 15 Joer CSV-LSAP-Regierung, a mat der DP no fénnef Joer hu mer haut op d'mannst en Text.

■ **Une voix.**- Dir gitt zur Saach.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, déi muss een awer oft ënnert d'Nues geriwwer kréien, a ganz oft, an et soll een de Leit d'Wourechte soen...

**(Interruptions diverses)**

...an et soll een elo emol d'Wourecht nach eng Kéier de Bierger soen. Dir interpretéiert ëmmer Är Saache wéi et lech gefällt, ech hunn lech datselwecht jo och scho beim Chômage gesot, mä et soll een de Leit och dat richtig soen esou wéi et ass an net ëmmer esou wéi Dir et gären hätt!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, wann Der elo erlaabt, géif ech iwwert de Projet de loi ze diskutéieren kommen, fir d'éischt iwwert d'Deklaratioun vum Partenariat.

Selbstverständlech freeë mir eis als Demokratesch Partei, dass d'Deklaratioun vum Partenariat op der Gemeng ass an net um Gericht. Um Gericht gi Problemer geleist, do geet ee sech scheeden, do ass een ze séier gefuer, do hat een ze vill Promill, et huet een eppes falsch gemaach, et huet een e kommerzielle Problem, et huet ee

Problemer mam Noper, mä et geet een awer net, wann zwou Persoune gären eng Deklaratioun maachen, dass se eppes wëllen zesumme bauen, zesummen opstellen, einfach en commun liewen, um Geriicht an de Gank waarden, wou d'Poliziste sinn - also bestëmmt näischt géint d'Polizisten, mä et ass awer net déi Plaz, wou een offiziell...

■ **Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Dat ass kale Kaffi!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, Madame Err, et war awer am Ufank kee kale Kaffi, an et ass bestëmmt net mat Ärer Interventioun, dass et duerchgaangen ass. Et ass dës Majoritéit an nach eng Kéier net d'LSAP, déi dat doten duerchkritt huet.

**(Interruption)**

Also wierklech, wann ee 15 Joer näischt gesot huet, Madame Err, dann hätt ech an Ärer Plaz op d'mannst de Minimum Respekt haut keng Commentairen a keng Kritiken iwwert deen dote Projet ze maachen.

Ech sinn op jidde Fall ganz frou, dass dat elo op der Gemeng ass an net um Gericht. Ech war e bëssen enttäuscht, ech hat nämlech fir e bëssen Onrou gesuergt an der Commission juridique, well ech nämlech de Prinzip hat, dass, wann et an der Gemeng ass, de Buergermeeschter steet jo am Text oder sâin Officier d'état civil kéint jo d'Célébratioun maachen - et ass virdru gesot ginn, et soll keng Célébratioun sinn -, mä dann eben den Enregistrement vum Partenariat maachen. Ech hätt et méi flott fonnt, wann een an den Text geschriwwen hätt, de Buergermeeschter, e Schaffen oder e Conseiller, da wier een allgemeng fräi gewiescht.

Et ass virdru gesot, et ass keng Zeremonie, mä wann deen een et gäre mat méi Zeremonie, wéi ech d'lescht Kéier gesot hu mat Trallala gemaach hätt, wann een et eben ouni Zeremonie hätt wëlle maachen, dann hätt en et eben ouni Zeremonie gemaach.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Dir sidd awer schnell ëmgefall an der Kommission.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech net, Madame Wagener.

■ **Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Oh dach!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Kuckt de Rapport, ech net. Ech bleiwe menger Meinung trei.

Ech hu fonnt, dass een dat hätt kennen esou maachen. Ech hunn awer keng Majoritéit an der Kommission gehat, Madame Wagener. Ech hu mer awer d'Fräiheet ginn...

**(Interruption)**

Oh, Här Strotz, Dir sidd jo net méi laang Buergermeeschter. Da muss Äre Successeur et jo maachen.

■ **Une voix.**- Dat wësst Dir dach net.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ma ech hat geduecht, hie géif sech zréckzéien?

**(Interruptions)**

Loosst op jidde Fall, Här Strotz, wann an Ärer Gemeng Leit gären de Partenariat aginn...

**(Interruption)**

Gesitt Der, esou eng Positioun fannen ech net gutt. Ze soen: „Gott sei Dank.“

Wann Dir an enger Gemeng e Conseiller oder e Schaffen hutt, deen et gär gemaach hätt, da sidd Dir als Buergermeeschter certes um Hiewel. Dir hätt gesot: „Ech ginn dee Pouvoir kengem aneren.“ Et ass datselwecht zu Esch gewiescht mam fréiere Buergermeeschter. Dee wollt d'Hochzäiten alleguerte maachen. En huet se net



delegéiert, dat ass jo nach eng aner Saach. Mä hei, wann Dir eng Koppel hutt bei lech an der Gemeng, déi gär e Partenariat maache wëllt, an déi soss keng aner Méiglechkeet hu fir dee Partenariat ze feieren oder esou eppes ze maachen, an déi froen, well se een an der Gemeng oder een am Schäfferot kennen: „Hei, kanns De eis dat e bësse méi flott maachen“, wéi do einfach an de Büro ze goen, an de Gank waarden ze goen an dat ze ënnerschreiven, da soll een déi Méiglechkeet awer loossen, Här Strotz. An et soll een net direkt vu virera soen: „Niet, bei mir an der Gemeng net.“

E bësse Versteesdemech an e bëssen Overture d'esprit wier awer hei gefrot.

#### (Interruption)

Selbstverständlech, Här Strotz. Ech soen lech och meng Meenung. Ech akzeptéieren Är Meenung, mä ech deelen lech awer och meng Meenung mat.

#### (Interruptions)

Sou wéi den Här Wiseler et scho gesot huet, an den Här Mosar och drop insistéiert huet, ass deen heiten Text och wichteg, well et selbstverständlech Rechter gëtt, mä awer och Flichten. Et ass net nëmmen d'Korinthen, déi ee kann aus der Brìche picken, andeems ee seet et hätt ee gär méi Rechter, mä et sinn och Flichten. Dat heescht, wann een e Partenariat ageet, muss een och fir deen anere Partner do sinn, also net nëmmen an deene gudden Zäiten, mä wann et och méi schlecht geet, muss ee bereet si fir ze hëllefen.

Elo komme mer nach zu de Successionsrechter an zu deenen anere steierméisseg Texter. Bei den Donatiounen fält den Taux vu 14,4% op 4,8%, bei de Successiounen vu 15% op 5%, mat engem Abatement vun 38.000 Euro, a beim Droit de mutation par décès fält e vu 15% op 5%. Ech fannen dat ganz richtig. Et ass jo net normal, wann een zu zwee eppes kaf huet, eppes obgebaut huet, dass een duerno nach, wann deen ee vun de Partner stierft, nach besteiert gëtt, wéi wann et e ganz Frieme wier, ob dat elo du point de vue Successiounen ass oder bei den Donatiounen.

Déi Tauxé si selbstverständlech elo erofgesat ginn, wat och déi richtig Richtung war. Déi dräi Joer sinn do fir eben ze évitieren, dass Abusën do sinn. Ech war net begeeschtert vun där Iddi vun dräi Joer. Ech fannen et hätt ee kennen direkt soen, wann een et ënnerschriwwen huet, mä et ass awer elo zrëckbehale ginn, justement fir Abusën ze évitieren, mä mat der Possibilitéit et retroaktiv ze maachen. Dat heescht, wann ech bewiese kann, dass ech an enger Relatioun si mat engem méi wéi dräi Joer, dann zielt dat direkt vun deem Dag u wou ech dat Partenariat ënnerschreiven, an ech mengen dat wor schonn e Wee an déi richtig Richtung.

Wat mer e bësse méi Leed gedoen huet, dat ass dat wat steierméisseg iwwert den Impôt direct ass. Do war jo den Avis négatif vum Conseil d'État, soss wier jo eng Méiglechkeet do gewiescht fir e Steuerabatement fir déi zwou Persounen, déi e Partenariat aginn, do gewiescht, an elo ass dat nach just en Abatement extraprofessionnel, wann ee vun deenen zwee Partner elo net schafft.

Ech fannen et schued, dass am Joer 2004 nach just d'Méiglechkeet besteet fir den Abatement extraprofessionnel ze kréien, wann ee vun deenen zwee Partner net schafft geet. Ech hat déi aner Proposition vill besser fonnt. Ech sinn iwwerzeegt op jidde Fall, wann d'Demokratescher Partei an där nächster Regierung ass an an déi heite Richtung mat hirem Koalitionspartner schafft kann, dass op jidde Fall op deem dote Punkt Verbesserunge gemaach ginn, fir awer och iergendeng Vergéenschte-

gung vun der Situatioun bei de Steieren ze hunn.

Op jidde Fall, Här President, ech insistéiere wierklech nach eng Kéier: Deen heiten Text ass ee Schrëtt an déi richtig Richtung. Mir sinn elo bestëmmt net Précurseur. Am Rapport steet, d'Belsch wieren déi éischt, déi de Mariage opgemaach haten. Ech sinn, a bei eis an der Fraktioun och eng grouss Majoritéit, derfir, fir dass de Mariage soll opgemaach ginn. Mä nach eng Kéier, et kann een net einfach esou soen: Jo, mä mir sinn awer géint dat a géint dat a géint dat, wann ee wëllt eng Egalitéit tëschent de Koppele schafen.

Dir wäert jo net mengen, dass et einfach ass fir een, deen homosexuell ass, fir dat elo ze soen, an en plus offiziell, a fir dann nach op d'Gemeng ze goen a seng Koppel unzëerkennen. Et ass jo méi schwéier hei zu Lëtzebuerg an engem klengen Land, wat zimlech konservativ ass, wou een net gären iwwer esou Sujeten diskutéiert, ze akzeptéieren, an dann nach mat der Famill et unzëknengen a wa méiglech dann nach der Famill ze soen: „Hei, ech ginn elo e Partenariat ënnerschreiven.“ Fir verschidde Leit ass dat da scho ganz schwéier.

Ech si frou wann deesen Text hei eng grouss Majoritéit fënnt. Ech sinn enttäuscht iwwert d'Positioun vun der sozialistischer Partei, déi sech elo enthält an net dës Projéit stëmmt. Den ADR, do verstinn ech guer näischt méi. Am Ufank war den ADR fir d'Hochzäit, du géint d'Hochzäit, du fir d'Partenariat, du géint d'Partenariat. Fir dem ADR seng Positioun ze kennen, déi fënnt een net méi erëm.

■ **Une voix.**- Eis Positioun war vun Ufank u kloer.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Wéi eng dann?

#### (Interruptions)

■ **M. le Président.**- Dir héiert se dach elo eréischt.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Dir sidd fir de Mariage?

■ **Une autre voix.**- Neen.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Dir sidd géint de Mariage. Dir sidd géint d'Adoptioun. Dir sidd fir elo an oder, mä dofir hutt Der jo aner Saache vill léiwer, wann een de Feierkrop vu leschem Freideg liest.

#### (Hilarité)

Mä op jidde Fall, Här President, ech verstinn et net. Den ADR ass einfach géint alles, a wann der hire leschte Programm liest...

#### (Interruptions)

Ech schwätzen elo net hefir. Ech hunn lech et selwer gesot. Fir mech ass d'Adoptioun am Moment...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Sot net mir wiere géint alles. Mir si fir d'Kand!

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hu just an Ärem Programm festgestallt, dass all Punkt, dee fir ass...

#### (Interruption)

Dir sidd dann Expert. Huet den Dokter Colomera eng Expertise gemaach an dee kann lech soe wéi et geet.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Stellt d'Kand an de Mëttelpunkt, da kommt Der op aner Gedanken.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Här Gibéryen, ech hunn lech gesot, ech géif waarde bis mer ganz genau wéisste wéi d'Evolutioun vum Kand wär a wéi dat kéint goen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Op wat waart Der dann do gären?

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ma dass een dat ka kucken an dofir...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Wou kuckt Der dat gär?

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ma dat kann een analyséiere loossen. Et muss een d'Regierung froen dat ze maachen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dofir brauche mir keng Analysen ze maachen. Mir wësse wat fir d'Kand gutt ass.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président.**- Här Bettel, kommt zum Schluss. Den Här Henckes steet an de Startlächer.

■ **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hunn nach vill Zäit, Här President. Wann ech Loscht hunn nach eng hallef Stonn ze schwätzen, da schwätzen ech nach eng hallef Stonn.

#### (Brouhaha général)

Mä ech sinn an zwou Minutte fäerdeg.

Mä op jidde Fall, den ADR, ech hu just hire Programm gelies. Wa se fir eppes sinn, da gëtt dat net ënnerstrach. Wa se géint eppes sinn, da gëtt dat déck ënnerstrach a fett geschriwwen.

Här President, nach eng Kéier, ech soen der Regierung merci, dass mer an déi dote Richtung gaange sinn. Wéi gesot, et hätt ee kennen, mä et ass net eis Schold. De Conseil d'État huet eis verschidde Strécher duerch d'Rechnung gemaach. Op jidde Fall hat ech déi lescht Méint nach e bëssen Angscht, mir géifen den Text guer net méi ze stëmme kréien ënnert deser Legislaturperiod.

Op jidde Fall kann ech just nach eng Kéier soen: 15 Joer kee Pippcheswuert iwwert d'Partenariat an där viregter Regierung a fénnef Joer mat der DP an der Regierung, hu mer haut en Text, deen an déi richtig Richtung geet.

Ech soen lech merci a selbstverständlech wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei deen heiten Text och stëmmen.

■ **M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Ech soen lech merci, Här President.

An de leschte Jore gouf seelen esou vill an de Medien, mä och an de Parteien an am ganze Land kontrovers diskutéiert iwwert d'Bestiednis an iwwert déi aner, déi alternativ Forme vun Zesummeliwe vu Mann a Fra, vun zwee Männer oder zwou Fraen, iwwert d'heterosexuell oder d'homosexuell Koppelen.

Erstaunlech ass dobäi, dass déi Koppelen, wou Mann a Fra zesummeliwien, ouni bestuet ze sinn, sech asetzen, fir datt hir Gemeinschaft, hir Communautéit enger méi grousser Sécherheet ënnerworft gëtt, mä awer net wëllen an de Mariage kommen, während déi Homosexuell, déi gläichgeschlechtlech Koppele sech am Géigesaz dofir asetze fir d'Bestiednis, fir de Mariage, an dës Institutioun als den nec plus ultra ugesinn. Déi éischt wëlle kee Bestiednis, déi aner wëllen au contraire just d'Bestiednis.

De virleiende Gesetzesprojet iwwert déi legal Bestëmmunge vu verschiddene Partneriater reit sech an déi Diskussioun an. Erstaunlech ass, datt e wéi eng Dréps där anerer dem Mariage, dem Bestiednis gläicht. Et huet een d'Gefill, datt d'Regierung an d'Majoritéitsparteien, d'DP an nach méi d'CSV de Mariage fir homosexuell Koppele wëllen opmaachen, awer

net de politesche Courage hunn dës Schrëtt duerchezéien, andeem se soen, datt déi homosexuell Koppele sech och dierfe bestueden. Dat gëtt dann net gemaach an da gëtt hei just den Numm geännert, mä u sech si mer awer hei konfrontéiert mat engem Mariage „bis“.

Et ass och ganz kloer, datt mir net déi Eenzeg sinn, déi Bedenken hunn, déi soen, datt et hei an déi Richtung geet. Ech wëll nëmmen en Extrait aus engem Leitartikel vum 8. Mee aus dem „Lëtzeburger Wort“ zitieren: „Der Druck bestimmter Lobbys und die weichen Knie bestimmter Politiker wollten es nun anders und so wird, sollte das Gesetz denn so gestimmt werden, in Zukunft kein symbolhafter Unterschied noch bestehen zwischen einer normalen und einer gleichgeschlechtlichen Heirat.“

Et ass och am Bistum selwer, wou den Erzbischof an enger Stellungnahme vum 16. März 2004 Folgendes festhält: „Es ist jedoch genauestens darauf zu achten, dass die Bündelung dieser Maßnahmen zu einem Gesamtpaket nicht dennoch ungewollt zu einer neuen Rechtsinstitution führt. In diesem Zusammenhang ist der Vorschlag der zuständigen Kommission der Abgeordnetenversammlung, die Partnerschaftserklärung von der Kanzlei des Friedensgerichtes auf das Zivilstandsamt der Gemeinde zu verlagern, nicht unbedenklich. Denn durch die Symbolwirkung, die von der Identität des Ortes ausgeht, und durch die nicht auszuschließende zeremonielle Ausschmückung des Verwaltungsaktes entsteht leicht eine Schiefelage, die auf die Dauer zu einer Angleichung an die Heirat führen könnte.“

Et ass ganz kloer, datt et hei op dee Wee geet an et gesäit een, datt munch Schwieeregkeeten och waren innerhalb vun der CSV, datt och do kontrovers schéngt diskutéiert ginn ze sinn an datt een op jiddfer Fall muss feststellen, datt munchem CSV-Deputéierten et net geheier war, fir op dese Wee ze goen an de virleiende Projéit offen ze verteidegen.

Dat beweist d'Tatsaach, datt keen CSV-Deputéierten aus der Kommission juridique Loscht hat, fir fir de virleiende Projéit Rapporteur ze ginn. Entweder hate se keng Zäit, oder et war net dran, mä et muss ee just feststellen, datt ee Rapporteur huet misse gesicht ginn, deen net Member vun der Kommission juridique ass an deen do huet misse déi schwéier Aufgab hei iwerhuelen, an en huet dat och ganz gutt gemaach. Hien huet de Problem gutt ausenaner gesat, mä awer natierlech ëmmer drop insistéiert, datt dat heite jo nëmmen näischt mam Mariage ze dinn hätt.

Mä et muss een awer verstoen, datt dat e relativ schwéiert Ennerfaangen ass, fir hei ze soen, dass dat hei kee Mariage „bis“ ass, well et ass jo evident, datt d'CSV dës Punkt net an hirem CSV-Wahlprogramm 1999 hat. Et ass och kloer, datt et fir eng CSV speziell, déi den „C“ an hirem Numm huet, wann dat nach iergendeppes an hirem Numm wëllt soen, dann därerf se sech natierlech net mam Bestiednis vun Homosexuellen d'accord erklären, obwuel dat anscheinend elo fir d'CSV-Jugend net méi en Zeechen ass, datt dat och nach ugeet an datt och hei virdrun den Här Laurent Mosar och eng Overture gemaach huet, fir héchstwahrscheinlech no de Wahlen dee Wee do ze goen.

■ **Une voix.**- Et steet awer net am Wahlprogramm.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Et steet nach net am Wahlprogramm, mä vun deenen Aussoe muss een awer Akt huelen, datt se hei gemaach gi sinn, datt eng gewëssen Overture vu Säite vun der CSV an deem Sënn gemaach gëtt.

Et muss een och ënnerscheede zum franséische PACS, well ganz richtig huet de Rapporteur gesot: Dee virleiende Projéit iwwert d'Liewensgemeinschaften, iwwert d'Partneriater ass eng Oeuvre unique, déi vill méi wäit geet wéi de PACS. Ech wäert herno agoen op déi Ennerscheeder tëschent dem Lëtzebuergeschen an dem franséischen Text.

Well den Här Rapporteur a sengem mëndlechen a schrëftleche Rapport op all Aspekter vum Problem agaangen ass, wëll ech mech op e puer kuerz wesentlech Punkte beschränken an déi politesch Oppositioun an d'Diskussioun, déi mir als ADR mat deem Projéit hunn, ausenaner setzen.

Éischstens, den ADR wëllt d'Famill stäerken, well mir d'Kand schützen wëllen. An enger Zäit, wou déi zwou Institutiounen: Bestiednis a Famill, ni gekannte Belaschtungen an Zerrässprouwen ausgesat sinn, muss alles gemaach ginn, fir d'Urzell vun onser Gesellschaft, nämlech d'Famill, ze stäerken an ze festegen a virun allem, fir fir d'Kanner, déi ons Zukunft sinn, en optimaalt Ëmfeld ze schafen an hinnen déi bescht Chancen ze ginn, fir sech perséinlech ze entwéckelen.

#### (M. Nico Loes prend la Présidence)

Als ADR stelle mir mat Recht d'Kand an den Zentrum vun onsen Iwwerleeungen, souwuel fir déi bestuete Leit, wéi fir d'Alleinerzéier oder fir déi, déi zesumme liewen. All Signal dat dorobber higeet, d'Institutioun Famill opzeweichen, ass dofir e falscht Signal, an dat obwuel et fir verschidde Leit schéngt méi modern ze sinn, wann et an déi Richtung geet.

D'Bestiednis ass eng Institutioun, déi iwwer laang Jore juristeschen ausgeräift ass, an dat bis an de klengsten Detail. D'Jurisprudenz vun eise Gerichter huet deser Institutioun déi noutwendeg Upassung bruecht, esou dass haut d'Bestiednis déi beschte Garantie ass fir de Schutz vum Kand, mä och vun deene Bestueten.

De Gesetzesprojet, dee mir haut diskutéieren ass e bis-Modell vum Bestiednis, ass eng vereinfacht Fassung vum Mariage, e Mariage light, wéi en och kënnt genannt ginn a wéi en och an der Press ganz oft als solchen zitéiert gëtt. Dës Projéit huet zum Zil e Bestiednis, e Partenariat ze schafen, dat sech nëmmen op déi materiell Wäerter a Virdeeler vun enger bestueter Koppel beschränkt.

Et gëtt e puer Beispiller do vun deene Similituden, déi och gewollt si vun DP an CSV. Beispill: Et gëtt festgehalten, datt déi Célébratioun vum Partenariat gemaach gëtt vum Officier de l'état civil. Et ass ganz kloer, datt een dat kann delegéieren. Mä wie seet dann, datt de Buergermeeschter net dat doten am Mariagesall mécht, datt en herno eng Usprooch hält an datt en och de Schampes offrëiert. Alles dat ass méiglech, well et steet dran, datt e kann delegéieren, e muss awer net delegéieren. E ka maache wéi e wëllt.

Dat ass dat, wat hei am Gesetzesprojet steet an et ass déi Overture, vun där mer soen, datt op jiddfer Fall no baussen - an dat wäerte mer a manche Gemeinde gesinn - de Partenariat hei wäert engem zweete Bestiednis och no bausse gläichkommen.

Da gesäit een an aneren Texter, datt mer d'selwecht festgehalten hunn iwwert déi Flichte vu Mann a Fra oder hei genauer gesot vun deenen homosexuelle Partner: „La contribution aux charges du partenariat est faite par les deux partenaires à proportion de leurs facultés respectives.“ Artikel 7. Wann een de korrespondenten Artikel vum Code civil kuckt, da steet do dran: „Si le contrat de mariage ne règle pas la contribution des époux aux charges du mariage...“ - an da kënnt deeselwechte Wortlaut -



„...ils y contribuent à proportion de leurs facultés respectives.“

Et gesäit een, dass d'Wuert Konventioun gebraucht gëtt, déi ka gemaach ginn tëschent deenen zwee homosexuelle Partner, datt esou eng Konventioun kann ausgeschafft ginn a beim Buergermeeschter an der Märei déposéiert ginn. Datselwecht ass och beim Mariage, bei deem och e Contrat de mariage - et gëtt just en anert Wuert gebraucht - ka gemaach ginn a virum Mariage soll déposéiert ginn.

Da gesäit een nach ähnlech Similituden. Ech zitëieren se, well et ass ëmmer gutt, wann een d'Vergläicher een niewent deem anere mécht: „Les partenaires ne peuvent l'un sans l'autre disposer des droits par lesquels est assuré le logement commun ni des meubles meublants dont il est garni. Celui des deux qui n'a pas donné son consentement à l'acte peut en demander l'annulation.“ An déi Annulatioun kann innerhalb vu sechs Méint gemaach ginn. Am Artikel 215 vum Code civil ass just den Délai vun engem Joer virgesinn.

Där Beispiller do gëtt et nach méi. Och wat d'Obligatiounen, déi sech erginn aus dem ganze Gesetzesprojet, aus dem Mariage selwer, do steet bis elo nach ëmmer am Mariagenakt, wat och virgelies gëtt, datt déi bestuete Leit een deem aneren Trei, Hëllef a Bäistand schëlleg sinn. Mä d'Regierung huet ee Gesetzesprojet déposéiert iwwert d'Reform vum Divorce, wou gesot gëtt, datt an Zukunft net méi iwwer eng Faute soll diskutéiert ginn. A wa keng Sanktioun zu verschidde Flichten ass, dann ass et grad, wéi wann déi Flichten net méi géinge bestoen, well se net méi sanktionéiert ginn; an dat huet och den Order vun den Affekoten an hirem Avis bemängelt.

Esou datt een déi Ressemblancen hei tëschent dem Mariage offiziell als Institutioun an der Liewensgemeinschaft Partneriat ëmmer méi no beienaner bruecht huet op Basis vun dem Gesetzesprojet, dee mer hei virleien hunn a vun deenen, déi nach an der Diskussioun an der Chamber sinn.

Et ass dat, wat ee muss bedauern a wou net ganz kloer dobauss gesot gëtt, a wat fir eng Richtung et hei geet. Alleguerten déi aner Dispositiounen, déi mer virleien hunn, iwwert d'Wittfraen oder d'Iwwerliewensrenten, iwwert den RMG, iwwert d'Allocation familiale, iwwert d'Ierfschaftsrechter, sinn alleguerten hoergenee d'selwecht gläichgestallt tëschent der bestueter Koppel an deenen, déi gepacst sinn, also déi e Partneriat ofschléissen.

Dat eenzegt, wou et eng Differenz bei dem PACS gëtt, dat ass um steierleche Gebitt, do ass et virgesinn, datt et eng separat Besteuerung vu Mann a Fra gëtt. An dat ass jo e richtegen Attrait fir munch Leit, fir justement dowéinst e PACS anzegoen a sech net méi ze bestueden, well se domadder vun deene steierlechen Avantagé profitéieren an et ass dowéinst wou och dës Regierung ënnert der CSV higeet an och nach Propaganda mécht fir en alternative Mariage, wou se just de Mariage, dee se sollt verteidegen, ënnergrueft.

Dat ass d'Realitéit an et muss een och soen, datt d'Aart a Weis wéi de Mariage, also de PACS - d'Verviesslung ass esou grouss, d'Similitudë sinn esou grouss, datt ech déi zwee Wieder elo kënnt bal all Keiers gläichbedeiten - kann opgeleest ginn, der Divorceprozedur vun der Regierung ëmmer méi no kënnt. Et geet iwwert den Divorce par Consentement mutuel oder d'Déclaration conjointe, et ass hoergenee d'selwecht, et si just aner Wieder.

Da gëtt et eppes, dat wäert héchstwahrscheinlech am Kader vum ökonomesche Geescht vun der CSV komm sinn, dat ass, datt een

och kann d'Liewensgemeinschaft PACS duerch eng Déclaration unilatérale, déi där anerer Partei zougestallt gëtt, opléisen; dat kenne mer aus dem Koran an dat heescht Répudiatioun. Et ass ganz evident, datt dat eng Prozedur ass, wou mir mengen, datt d'CSV vläicht am ökonomesche Geescht...

■ Une voix.- Ökumenesche!

(Interruptions)

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ..., pardon, am ökumenesche Geescht op déi Iddi komm ass, mä et ass esou, an dat musse mer och hei festhalen, datt een och muss wëssen, datt wann een op dee Wee geet, dann ass natierlech och d'Méiglechkeet - an dat wäert mat Sécherheet och geschéien -, datt déi Persoun, déi esou entlooss gëtt, déi dat duerch en Dierwiechter oder duerch e recommandéierte Bréif matgedeelt kritt, jo natierlech wäert géint dee Partner op Basis vum Artikel 1382 vum Code civil „dommages et intérêts“ froen; si wäert et op jidde Fall probéieren.

An et ass gradesou wat och ons blitt wann déi Divorceprozedur vun dem Här Justizminister wäert duerchgezu ginn, esou wéi hie se proposéiert huet. Dat soen net nëmme mir als ADR, mä dat seet och de Conseil de l'Ordre an deem Kontext, et ass ganz evident, datt mer nei Weeër hei ginn.

Da stellt sech och nach e Problem iwwert déi Aart a Weis, wéi mer mat der Sécurité sociale hei ëmginn. Et ass an der Logik vun deem wat hei gesot ginn ass, datt elo de Partner dem bestuete Mann oder der bestueter Fra gläichgestallt gëtt. Mä wat kascht et, Här Minister?

Hei sinn, wann een d'Avisé vun der zoustänneger Caisse nationale des allocations familiales liest, d'Abusé virprogramméiert. Déi international Verpflichtungen iwwer verschidde Konventiounen, déi mer hunn, déi iwwert d'Similituden, iwwert déi europäesch Obligatiounen bestinn, risquéieren no den Aussoen, déi mer hei virleien hunn, zu ganz désagréabele finanzielle Schwierigkeeten ze féieren. Ech froen d'Regierung: Huet se d'Auswirkunge berechent respektiv evaluéiert, wat dat dote fir d'Pensiounsregimer, fir d'Krankekeesen, fir den RMG, fir alleguerten déi aner Bestëmmungen, déi hei virgesi sinn, kascht?

■ M. Jean Asselborn (LSAP).- Ma wa se bestuet wieren, da wier et jo d'nämlecht.

■ M. Gast Gibéryen (ADR).- Dat hei sinn déi international.

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Hei si mer an deenen internationalen Dënger dran an d'Méiglechkeete fir Abusën, déi sinn do. Ech brauch hei just nëmme den Avis vun der Caisse nationale des prestations familiales virzeliesen: „Le comité ne peut pas, dans le présent avis, analyser toutes les implications en la matière tant au niveau national qu'au niveau international. Le présent projet augmentera à coup sûr les risques d'abus déjà fort importants au niveau de la législation existante, alors que de nouveaux droits sont liés à la condition de communauté domestique et que l'expérience prouve que dans de nombreux cas, la dissolution de la communauté n'est pas signalée pour ne pas perdre le bénéfice des droits y rattachés.“

Et gëtt ganz schweier fir dat Ganzt hei ze maachen a mir riskéieren hei, doduerjer datt et net eng Institutioun ass, déi bekannt ass oder eng Situation de fait vun de Concupinë beispillsweis oder vun den Alleinerzëiern, wou mer d'Problemer zum gréissten Deel maitriséiert hunn, doduerjer datt een do eppes Neies schaaft, an eng total Inconnue mat eran ze goen. An déi ass net berechent ginn, déi ass net gekuckt ginn an et gesäit een dat dorunner, datt nach virum e puer Deeg Amendementer vun der Regierung

zu dësem Gesetzesprojet komm sinn iwwer justement déi sozial Implikatiounen.

An da gëtt och aus deemselwechten Avis ervirgestrach, datt „via le groupe familial, cette disposition crée pour ainsi dire une fratrie virtuelle entre les enfants non communs des deux partenaires.“ Doduerjer datt also zwou Familljen oder zwee Partner mat Kanner sech zesummendinn, ginn d'Avantagé wat d'Familljenzoulagen ugeet a wat soss Subsidien oder Hëllefeng ugin, natierlech verduebelt. Et gëtt also e ganz staarken Effet d'entraînement um Niveau vun de Familljenzoulage vun aneren Avantagen, well déi finanziell Avantagen hei zesummegesat ginn; an do wäerten d'Leit hir Berechnunge maachen. Och dat schéngt eng relativ Inconnue ze sinn an d'Caisse nationale des allocations familiales hat verschiden Amendementer proposéiert, leider ass deem net Rechnung gedroe ginn, sou wéi si et hei proposéiert huet an nach konnten se net alleguerten déi aner Problemer zielen.

Mir als ADR sinn der Meinung, datt mer awer munches fir déi Leit musse maachen, déi an deene Situatiounen si wéi mer se elo kennen, dat heescht déi, déi zesummeliwen. Mä dobäi wäert dëse Projet de loi déi Problemer net léisen, well mer awer nach wëssen, datt ganz vill Leit net wäerten e PACS maachen. Mir sinn dofir der Meinung, datt ee muss verschidde Reformen duerchzéien, dat ass zum Beispill, datt ee kann Inventairen iwwert déi Gidder maachen, déi jiddferengem gehéieren, esou wéi dat an der Proposition vun der Madame Err virgesinn ass.

Mir hunn als ADR an onsem Wahlprogramm, mä och schonn zënter Joren dofir plädéiert, fir eng individuell Besteuerung duerchzéieren, dat garantéiert op jidde Fall an onsen Aen, datt de Stat, vis-à-vis vun där Aart a Weis, wéi d'Leit wëllen zesummeliwen, neutral ass. An dat ass dat, wat wichteg ass, datt d'Leit sech sollen décidéieren, wéi se wëllen an datt se net duerch steierlech oder aner Mesuren an déi eng oder déi aner Richtung gezu ginn. Si sollen hir Responsabilitéiten huelen, souguer wa mir d'Bestiednis favoriséieren.

Datselwecht gëllt um Niveau vun der Ierfschaftsbesteuerung. Elo wäert een nees Differenze maachen tëschent op där enger Säit deene bestuete Koppelen an de gepacsten oder de Partneriatsliewensgemeinschaften an deenen, déi net op dee Wee do ginn. Och dat ass ongerecht, well mir mengen, datt mir hei lues erëm als Législateur ons amëschen an déi Choixen, déi d'Leit wëlle maachen. Mir solle kucken, datt mer jidder een an deem enge wéi an deem anere Fall gläichberechtigt behandelen. Datselwecht ass bien entendu och, datt bei de Sozialversécherungen...

(Interruptions diverses)

...déi Abusën, déi ech virdrun hei genannt hunn, riskéieren ze kommen an dofir wäerte mer vun der nächster Regierung op jiddfer Fall verlaangen, datt mer periodesch Opklärung kréien iwwert déi Auswirkungen, déi et do gëtt.

Den 3. Punkt, dee mer wëlle festhalen, ass, datt den ADR géint d'Adoptioun vu Kanner duerch gläichgeschlechtlech Koppelen ass. Mir wëllen net ofstreiden, datt och homosexuell Partner Kanner ugmiesen erzéie kënnen, mä mir mengen net, datt et am Intérêt vum Kand ass, wann et bekannt gëtt, datt e Kand zwee Pappen, respektiv zwou Mammen huet.

An ech erlabe mer och an déi Debatt haut e klengen Artikel, e Lieserbréif aus dem „Lëtzeburger

Wort“ virzeliese vun engem bekannten Affekot, wou ech just nëmme wëll en Extrait virlesen, well et ass wichteg: „Que ressentira le petit abandonné par ses parents naturels, adopté par un couple d'homosexuels ou de lesbiennes, quand au tout début de l'âge de la raison il constatera l'absence respectivement d'un père ou d'une mère, pourtant si présents dans le monde de ses copains? Ceux-ci durent-ils être enfants de couples désunis? Quelle amertume s'emparera de son jeune et innocent cœur quand les camarades de classe, qu'on sait brutaux et violents - cet âge est sans pitié -, s'empareront du détail pour le narquer?“ An dat ass effektiv datt wat geféierlech ass a woufir mir ons ganz kloer als ADR géint d'Adoptioun vu Kanner duerch gläichgeschlechtlech Koppelen ausschwätzen.

Deen anere Punkt, dee mer musse léisen, an dee mat dësem Gesetz net geléist gëtt, ass de Problem vum Mietrecht a vum Wunnenschutz vun deene Leit, déi zesumme wunnen. Hei ginn nëmme méi déi protégéiert, déi bestuet sinn an déi gepacst sinn. An déi aner? Dës Regierung léist d'Problemer mat dësem Gesetz nëmme zu engem klengen Deel. D'Besuchsrecht am Spidol fir déi Leit, déi zesummeliwen, gëtt och net geregelt an dësem Gesetz. Mir mengen, datt do och eng Regelung hätt misse kommen an dat kann iwwer eng separat Gesetzgebung absolut gemaach ginn.

Et ass och wichteg, datt wa mer op de Wee gi vun deem PACS hei, wann eng Majoritéit sech sollt dofir ausschwätzen, da gëtt et bluttnoutwenneg, fir d'Autorité parentale ze reforméieren. An ech si frou, datt den Här Mosar an ech zwee Gesetzesprojete fest déposéiert hunn, fir kënnen justement déi Reform duerchzehuelen, well déi imposéiert sech ëmmer méi, speziell da wann et drëm geet fir dës Gesetzgebung och nach anzeféieren, wou den Duerchenaner bei de Kanner nach méi grouss wäert ginn.

Dat wat ech och wëll festhalen hei ass d'Importenz vun der Gesetzgebung, déi mer hunn. Wéi vill Leit kënnen dovunner profitéieren oder net? D'Zuel vun de reng homosexuelle Koppele wäert héchstwahrscheinlech relativ niddreg sinn, well esou vill hu mer der awer net am Land, déi op dee Wee wëlle goen, an et kann ee sech do nëmme op déi Zuele baséieren, déi et am Frankräich oder an aneren europäesche Länner gëtt. Do gesäit een, datt den Attrait fir d'Bestiednis, respektiv fir de PACS vun den homosexuelle Koppele ganz niddreg ass. Par contre ass et ganz kloer, datt a Frankräich notament d'Fonctionnaires an aner Leit, déi sollen en Déplacement hunn, ganz frou sinn, datt et de PACS gëtt. Well deen Abléck wou ee soll vun Nice oder soss aus dem Süden iergendwou an den Norde versat ginn, da mécht ee séier e PACS, dann ass déi Affär emol ausgesat.

A wat d'Kanner hors mariage hei zu Lëtzebuerg ugeet...

(Interruptions)

Ech schwätzen elo, Här Bettel, wann Der herno nach wëllt d'Wuert huelen.

■ M. Xavier Bettel (DP).- Well ech Är Positioun kennen.

(Interruption et coups de cloche de la Présidence)

■ M. le Président.- Här Gibéryen, wann ech gelift.

■ M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wëll drop hiweisen, dass mer 1995 op 5.412 Gebueren 711 Kanner haten, dat heescht 13,1%, déi hors mariage gebuer goufen. Am Joer 2002 hu mer bal eng ähnlech Zuel vu Gebueren, 5.345. Do sinn 1.239 Kanner, dat heescht 23,2%, déi hors mariage gebuer sinn. Dat ass e Plus vun 10%.

Och op Basis vun den Donnéeën, déi de Statec ons ginn huet, ass et esou, datt mer 2.000 Mariagen am Joer 2002 haten, an dovunner waren 1.000 Divorcen, dovunner 45% Kanner. Et sinn ongeféier ronn 1.000 Kanner vun deenen Divorcen an engem Joer beträff. Et ass also wichteg, datt een hei déi eenzel Situatiounen kennt, wat theoretesch méiglech ass, mä ech maachen eng Wett, datt dës Gesetzgebung, déi e Mariage „bis“ duerstellt, op jiddfer Fall bei deenen heterosexuelle Koppelen op net vill Léift wäert stoussen. Et ass eng Gesetzgebung, déi an onsen Aen net de Bedürfnisser vum Land a vun de Leit entsprécht. Si geet an déi falsch Richtung, si ass net duerchduecht, si ass net seriö an dofir wäert och den ADR géint dëst Gesetz stëmmen.

■ M. Xavier Bettel (DP).- Här Henckes, Dir waart jo awer fir de Mariage an der Kommissioun.

■ M. le Président.- Merci, Här Henckes. Als nächst Riednerin ass elo déi honorabel Madame Renée Wagener ageschriwwen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert an Här Bettel, wann ech gelift, sidd elo roueg. D'Madame Wagener schwätzt elo.

■ Une voix.- Een, dee vill schwätzt, seet vill Dommheeten.

■ M. le Président.- Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.- Här President, merci fir d'Wuert. Ech wollt eigentlech fir d'éischt nach eng Käier Parole après ministre froen, well den Här Frieden virdrun d'Problematik vum Code civil opgeworf huet. Ech hat dat haut de Moien och schonn ugeschnidden.

Hien huet do en Artikel vum Code civil zitéiert, dee géif soen, dass dat net méiglech wär. Ech kann lech just e Kapitel vum Code civil zitëieren, wat heescht „des qualités et conditions requises pour pouvoir contracter mariage“ an an deem ganze Kapitel geet ganz vill Rieds iwwer Altersgrenzen an et geet och Rieds driwwer, datt Brudder a Schwëster sech net dierfe bestueden, a Monni an Neveu an etc., mä et geet kee Wuert driwwer Rieds, datt Leit vum selwechte Geschlecht sech net dierfe bestueden, esou datt et menger Meinung no ëmmer nach opportun wär d'Saach ze klären, ob eise Code civil dat net souwisou scho géif méiglech maachen oder net.

■ M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Et muss een de ganze Code civil liesen. Et kann een net een Artikel liesen, deen een attachéiert.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.- Dir hutt och just nëmme een Artikel gelies, Här Frieden, an ech hunn dee gelies iwwert d'Konditiounen. Dat schéngt mer awer éischter deen ze sinn, deen heibäi passt.

■ M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Mä Dir kënnt awer net einfach Abstraktioun vun deem anere maachen. Ech hunn deen Artikel net erfonnt.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.- Ech hunn lech just komplettéiert, Här Frieden!

■ M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- En Droit ass d'Situatioun kloer, mä et kann een den Droit änneren.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRENG), auteur.- Här President, dat gesot, géng ech da kuerz op der Madame Err hir Proposition de loi agoen an dann op de Partneriatsprojet, esou wéi ech dat och eigentlech vun Ufank u wëllen hat a wou ech och mengen, datt et der logescher Suite entsprécht.

Wat dat Inhaltlecht betrëfft, esou si mer eis eens, dass d'Proposition



de loi Err vun 1995 sécherlech déi eng oder aner Ajoute géif verdéngen, mä mat menger eegener zesummen iwwert d'Ouverture vum Mariage fir Homosexueller zesummegegheue, eigentlech eng ganz gutt Léisung wär. Mä mir hätten dann e gläichberechtegten Accès zum Mariage an domat eng Gläichstellung an Unerkennung vun der homosexueller Koppel a mir hätten eng light Versioun vu Regelung an Ofsécherung vun der Union libre, wat fir all déi, déi sech net wëlle bestueden, völeg a genuch wär.

Wat eis och besser gefällt un der Proposition de loi vun der Madame Err par rapport zum Partenariat vun der Regierung, dat ass, dass d'office en Inventaire des biens gemaach gëtt bei enger Déclaration de partenariat, wat beim Regierungsprojet net de Fall ass.

Politesch gesi kann ee sech am Nachhinein allerdéngs d'Fro stellen, an déi Fro ass hei och scho gestallt ginn, firwat d'Madame Err net deemools och schonn d'Ouverture vum Mariage proposéiert huet a firwat do huet missen eng Initiativ vun enger eenzelner Deputéierte geholl ginn, wou dach d'LSAP deemools an der Regierung war. An et kann ee sech och froen, firwat dass déi Proposition de loi...

#### (Interruptions diverses)

Dach, ech stelle mer déi intensiv. Här President, et kann ee sech och froen, firwat dass déi Proposition de loi an där CSV-LSAP-Regierung deemools esou wéineg Sukkurs hat.

Här President, ech kéim dann zum Partenariat. An deem extrem kuerzen Exposé des motifs vum Gesetzeprojet iwwert d'Partenariat kënn de Begrëff Choix oder choisir sechsmol vir, de Begrëff homosexuell Koppel dogéint just eng eenzeg Kéier. An enger Ausféierung driwwer, dass et Leit gëtt, déi de Choix maachen zesammenzeliwwen ouni bestuet ze sinn, gëtt dann och gesot, ech zitieren: „Certaines personnes choisissent le concubinage puisqu'elles ne peuvent se marier. C'est le cas des couples homosexuels.“ Dat ass alles wat zu deem Thema an deem Projet de loi ze fannen ass.

Hei gëtt am Fong scho camoufléiert, dass dat net wierklech e Choix mä eng Noutléisung ass. An et geet dann och am Text esou viru wéi wann déi Ausgrenzung, déi hei nach eng Kéier geschitt, guer keen Thema wär. Et gëtt pauschal gesot, dass déi Leit, déi am Concubinage liewen, dat maache well se refuséiere sech ze bestueden an dass et dofir zum Beispill och net ubruecht wär, dass se sech géifen op der Gemeng pacsen,...

#### (Coups de cloche de la Présidence)

...mä dass se dat da kéinte viru Gericht maachen, an allgemeng wär et net ubruecht, hinne Rechte ze verschafen, déi deene vum Bestiednis no kommen. De Point de vue ass also ganz kloer ëmmer dee vun der Heterokoppel.

Dat ass net esou innocent wéi een et kennt mengen. An och an den Ausféierunge vum Här Frieden iwwert de Partenariat an der Öffentlichkeet war d'Problematisierung vun der homosexueller Koppel eigentlech ëmmer en Niewenaspekt. Geregelt gi sollt duerch dësen Text fir d'alleréischte de Concubinage vun der Heterokoppelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass bedauerlech, net nëmme well dat neit Gesetz sech elo u Prämissen orientéiert, déi net déi sinn, déi deenen homosexuelle Koppelen am wichtegste sinn, wou si dach awer déi wäerte sinn, déi de PACS vläicht herno am meeschte wäerten notzen, well hinne soss guer näischt anescht iwwreg bleift, mä och well d'Regierung hei eng Geleeënheet verpasst huet fir eng Wiedereinrichtung vis-à-vis vun där Bevölkerungsgrupp unzestriewen, och par rapport zu där Diskri-

minéierung, déi ech virdrun a menger éischter Interventioun méi laang beschriwwen hunn, déi elo schonn iwwer Jorhonnerten an eiser Gesellschaft undauert.

An et ass hei wou d'Regierung wierklech un Amnesie leit, déi dann eben och am Exposé des motifs zum Ausdrock kënn. Et gëtt eng Responsabilitéit vum Stat fir d'Diskriminatioun vun den Homosexuellen. Déi gesellschaftlech Diskriminierung huet sech jo och ganz kloer um Niveau vu Gesetz nidergeschloen. D'Bestiednis ass eng vun deene leschte gesetzliche Bastionen, déi dës Diskriminierung oprechterhält, mä et ass eng vun deene ganz substanziellen. An all Regierung, Här President, all Regierung, déi dat akzeptéiert, och déi heiten, mécht sech matschëlleg un där Diskriminierung.

Dat ass ëmsou méi flagrant wéi dass et zënter dem 19. Juli 1997 e Gesetz gëtt géint d'Diskriminierung, wat, ech zitieren, „toute distinction opérée entre les personnes physiques à raison“ - an da ginn der eng ganz Rei opgezielt - „de leur orientation sexuelle“ - Zitaten de - mat enger Prisongsstroof bis zwee Joer oder mat enger Geldbous bis eng Millioun al Frang bestrooft. An d'Charte des Droits fondamentaux vun der Union vun 2000 läit op därselewechter Linn, an ech kënn nach eng ganz Rei vun anere Konventionen zitieren, déi dee Prinzip festhalen, dass Diskriminierung musse bekämpft a bestrooft ginn.

De Rapport vun der Justizkommission ass an Hisiicht Erklärungsbedürfnis awer och net vill besser. E beschreift zwar, dass et d'Revendication vun der Ouverture vum Mariage gëtt, mä en hält net Position dozou, firwat dass dat zu Lëtzebuerg net geschitt. E stellt sech och net den Aussoe vum Statsrot, deen esou en Débat ganz kloer gefuerdert huet, an ech hunn an der Kommission zwee- oder dräimol insistéiert, dass mer déi Diskussion dach sollte féieren. Dat ass net de Fall gewiescht.

Dës Diskretioun vu Regierung a Majoritéit kënn net vun ongeféier. D'DP ass hin- an hiergerappt tëschent hire Wahlversprechen an dem Koalitionswang, an d'CSV ass hin- an hiergerappt tëschent dem Drock sech als modern Partei duerzestellen a gläichzäiteg hir Lienen zur kathoulescher Kierch net ze iwwerstrapazéieren. An den Eeërdanz, deen den Här Mosar hei virdru gemaach huet, huet dat jo och ganz dättelech gemaach.

■ Une voix.- Très bien.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Dat bréngt mech dozou, zum Afloss vun der Kierch op dese Projet an iwwerhaupt iwwert dës Fro ze schwätzen.

Här President, ech hu mat Intérêt, mä och mat enger gewässer Perplexitéit d'Stellungnahm vum Erzbischof zum Thema Unerkennung vun Homopartnerschaften gelies. Et ass schonn erstaunlech wéi sech d'kathoulesch Kierch och haut ëmmer nach a Gesellschaftsdebatten amëscht a versicht se ze beaflossen. Wat aner Kierche sech wuel géifen hidden ze maachen, och wa se zur Saach vläicht net méi fortschrittlech Positionen hunn.

Erstaunlech ass awer och wéi aus dem Prinzip, dass de kierchleche Mariage fir d'kathoulesch Kierch e Sakrament duerstellt, ëmmer erëm d'Konklusioun gezu gëtt, dass een dat Konzept misst eent zu eent op den zivile Mariage iwwerdreen. Och an där Stellungnahm vum Erzbischof gëtt erëm betount, dass de Sënn vum Bestiednis d'Kannerkréie wier, obwuel dach awer och zu Lëtzebuerg d'Kontrazeptioun am Mariage zënter Jorzéngte gesetzlech erlaabt ass. Aus dëser Virstellung leet d'Kierch dann net nëmmen of, dass d'Privilegi vum Bestiednis legitiméiert

wieren, mä dass se och just fir Heteroe kéinte gëllen.

Et ass iwwregens net nëmmen den Erzbischof, deen dat esou gesäit, well genau gesinn transposéiert en am Fong heimadder eng vatikanesch Direktiv, déi am Juni 2003 erauskomm ass ënnert dem Titel „Verlautbarungen des Apostolischen Stuhls“. Déi ass ënnerzeechent vum Kardinal Ratzinger an approvéiert vum Poopst, an ech wëll lech dorauer eng Rei vun Zitater net virethalen.

■ Une voix.- Dir musst no lauschteren alleguerten!

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Och an där Verlautbarung gëtt gesot, ech zitieren: „Die Ehe ist heilig, während die homosexuellen Beziehungen gegen das natürliche Sittengesetz verstoßen.“ An et gëtt widderholl, dass no der Léier vun der Kierch homosexuell Praktiken zu deene Sënn geheieren, déi schwéier géint d'Keschtheit verstoussen.

Interessant ass an dëser Verlautbarung awer dann och, dass d'kathoulesch Politiker derzou opgeruff ginn, géint d'Unerkennung vun homosexuelle Liewenspartnerschaften Asproch ze erhiewen. Och am Parlament. Nach en Zitat, Här President: „Wird der gesetzgebenden Versammlung zum ersten Mal“ - dat ass haut zu Lëtzebuerg - „ein Gesetzentwurf zu Gunsten der rechtlichen Anerkennung homosexueller Lebensgemeinschaften vorgelegt, hat der katholische Parlamentarier die sittliche Pflicht, klar und öffentlich seinen Widerspruch zu äußern und gegen den Gesetzentwurf zu votieren. Die eigene Stimme einem für das Gemeinwohl der Gesellschaft so schädlichen Gesetzestext zu geben, ist eine schwerwiegend unsittliche Haltung.“

A wuel gemierkt, Här President, et geet hei net nëmmen ëm d'Ouverture vum Mariage, et geet ëm all d'Formé vun Unerkennung vun homosexuelle Liewensgemeinschaften. Mir si gespaant, wéi vill oprecht Katholike besonnesch aus der CSV deen dekadente Projet aus der Fieder vun engem CSV-Minister wäerten hei oflehen! An och d'CSV-Jungmänner an -frauen - dat ass virdru scho gesot ginn -, déi viru knapps zwee Méint sech offe fir d'Homobestiednis ausgeschwat hunn, ënnert hinnen den Här Patrick Santer, missten eigentlech elo exkommunizéiert ginn.

#### (Interruption)

Ech hunn och ganz interessant fonnt wat den Här Mosar virdrun ugedeit huet, dat war nämlech net méi déi rigide Haltung wéi mer se bis elo ëmmer kannt hunn, mä wéi en eigentlech an Aussicht gestallt huet, dass iergendwann deemnächst, wann all déi aner Länner dat och hunn, et vläicht och mat der CSV kënn méiglech sinn, eng Ouverture vum Mariage ze maachen.

■ M. Laurent Mosar (CSV).- Mir hunn lech iwwerrascht, Madame Wagener.

#### (Interruptions diverses)

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Absolut, Här Mosar. Ech wëll jiddefalls hei scho kloerstellen, dass eise Vote par rapport zu deem Projet aner Ursaache wäert hu wéi d'„guidelines“ vun der kathoulescher Kierch.

Leider ass dat do eng Approche, déi net nëmmen zu Lëtzebuerg existéiert, mä déi et och an europäesche Gefilde gëtt, an et gëtt dann ëmmer erëm, wann et ëm de Mariage geet, iwwert den Intérêt vum Kand geschwat - dat hu mer jo haut de Moien och schonn e puermol gehéiert - an iwwert den Dua-

lismus, dee wichteg wär, also dass e Kand muss e Papp an eng Mamm hunn.

Och den europäesche Geriichtshaff verschanzt sech ëmmer erëm hannert dem Épanouissement de l'enfant, deen duerch d'Erzéierung vun homosexuellen Elteren - an dat huet en am Arrêt Fretté och nach eng Kéier gemaach - grouse Risiken - ass gesot ginn - ausgesat wär. Interessant dobäi ass, dass den Här Fretté jo eng Einzelperson ass, deen an deem Sënn emol net dee Modell duerstellt wéi en sech normalerweis geduecht gëtt, mä datt et awer a Frankräich duerchaus méiglech ass als eenzel Persoun dem Gesetz no ze adoptéieren. E krut also déi Verweigerung vum franséische Stat just derwéinst, well en oppen zouginn huet, datt en homosexuell ass, an doropshin hunn dann all déi Theorien hei misse beméit ginn.

Wat do derhannert stécht si gewësse Konzepter, wou ee sech och muss Froen driwwer stellen, ob se haut nach gültig sinn. D'Iddi vun der Mamm a vum Papp, déi noutwendeg wäeren, fir datt e Kand eng normal a gutt Entfaltung géif hikeréien a senger Kanner- a Jugendzäit, berout natierlech och op freudianeschem Gedankgutt, wat scho relativ laang an der Gesellschaft geeschart, mä awer trotzdem eng Erscheinung vum 20. Jorhonnert ass. An dee soi-disant Ödipuskomplex, deen ass och ëmmer erëm beméit ginn an anere Situatoune a bei aneren Emanzipationsbewegungen. Et ass och deene Leit an de 60er Jore virgehale ginn, déi d'Autoritéit vum Papp an der Famill a Fro gestallt hunn, datt se dee fragil System do, dat fragil Gläichgewicht vu Mann a Fra géifen a Fro stellen, wa se fir d'Gläichheet vu Mann a Fra géife plädéieren. Dat wor ongeféier eng ähnlech Argumentatioun.

Jiddefalls, den Intérêt supérieur de l'enfant, wéi en och an der Konvention vun de Kannerrechter steet, doraus leet sech fir eis net automatesch draus of, dass et muss bei den Eltere sech ëm heterosexuell Elteren handelen an d'Situation de fait ass eigentlech och eng ganz aner. Ech ginn lech d'Beispill vu Frankräich, wou et laut der Association des parents et futurs parents gays et lesbiens ongeféier 100.000 Foyeré gëtt a Frankräich, déi haut an enger Situatoun vun Homoparentalité liewen an 11% vun de lesbesche Fraen a 7% vun de schwule Männer wieren Elteren a Frankräich. Fir Lëtzebuerg hu mer natierlech bis elo keng Zuelen. Dat misst jo dann, wann dee PACS eng Rei vu Joren do ass, vläicht och e bëssen anescht ginn.

Op alle Fall seet dës Associatioun och, déi et jo muss wëssen, datt de Problem fir d'Kanner éischter deen ass vum Entourage. An do hunn ech elo ganz interessant fonnt, dass fir d'éischt den Här Mosar an dunn och nach den Här Henckes op dee Lieserbréif do agaange sinn, wou dann d'Lous vum Kand beklot gëtt, dat well et homosexuell Elteren huet, da vun der Gesellschaft diskriminéiert a gehänselt gëtt. Déi Associatioun, déi franséisch, déi seet dat zwar och. Si seet awer, dass, an ech zitieren: „Toutefois les études menées concluent globalement que les enfants issus du couple homosexuel ne connaissent pas plus de troubles psychologiques ou psychiatriques et beaucoup moins de maltraitance que d'autres enfants.“

An dat fannen ech e ganz interessanten Aspekt, deen ee vläicht och emol misst hei uklänge loossen.

Op alle Fall, wann ee sech an déi Situatoun eraversetzt vun deene Kanner, déi, well se homosexuell Elteren hunn, am Schoulhaff gehänselt ginn, jo da muss een awer vläicht d'Saach och mol e bësse méi global a méi historesch kucken. Mir haten där Kanner och scho vun aneren Elteren, déi zum Beispill aner Reliounen haten, déi sinn och gehänselt ginn. Mir haten

och Kanner vun aneren Hautfaarwen. Dat wäert hoffentlech haut manner de Fall sinn. Mä ech sinn do och net ze vill optimistes, datt d'Entwécklung scho ganz wäit sinn. Mir haten zu menger Kannerzäit Kanner, déi net an de Reliounsunterrecht gaange sinn; wat sinn déi gehänselt ginn. An da muss ee sech vläicht éischter d'Fro stellen, wéi et ëm d'Erzéierung vun deene Kanner vun heterosexuellen Eltere steet, wann déi esou Saache maachen. Da misst ee sech vläicht méi Gedanken driwwer maachen, wéi et mat der Erzéierung zur Toleranz an eiser Gesellschaft ass.

■ Une voix.- Très bien.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Här President, ech ginn dann zu eenzelne Punkte vum Partnershiipsgesetz an ech fänken do bei der Gemeng un. Ech hat scho gesot, dass den Uert vun der Deklaratioun am Ufank am Projet de loi dee vum Tribunal wor an dass en dunn an d'Gemeng verluecht ginn ass. Ech hat iwwregens och scho virun engem Joer virausgesot, dass dat déi Zockerboun géif ginn, déi d'Regierung géif verdeelen, fir dann och haaptsächlech an der CSV hiren eegene Jugendorganisationen e bëssen nozekommen.

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Dir sidd d'Madame Soleil vun der grénger Fraktioun.

#### (Hilarité)

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- Merci, Här Bodry.

#### (Interruptions et hilarité)

Ech denken elo net weider driwwer no, ob et e Kompliment wor oder net, mä ech fannen, et kléngt exzellent.

Mat der Tatsaach, datt d'Deklaratioun vum Partenariat elo an der Gemeng stattfënn, ass awer nach net alles am Rengen, nach laang net. D'Majoritéit vun der Kommission huet sech dru gi fir déi Saach awer nach an deem Sënn ofzeschwächen, dass de professionellen Officier d'état civil d'Haaptroll dobäi spillt an net d'Leit aus dem Gemengerot, déi awer bei enger Hochzäit de Buergermeeschter kënnen verrieden. An dat hu se esou schlau gemaach, datt déi meescht Membere vun der Kommission et bis zum leschten Abléck mol guer net richtig gemierkt hunn. Wann ee sech dann d'Texter awer uliest vum Code civil, da gëtt et ganz kloer, dass de Mariage schonn esou geregelt ass, dass do de Schaffen oder de Gemengerot kënnen de Buergermeeschter verrieden. Mä dass deen heite Partenariat net an den Artikel 69, mä an den Artikel 70 stoe kënn, wou et am Fong drëms geet, wéi eng Aarbechten de Beamte kann am plaz vum Buergermeeschter maachen.

Ech hunn elo gesot, d'Majoritéit huet sech dru ginn. Wann ech d'Majoritéit soen, da misst ech vläicht erwähnen, dass ee Member vun der DP, den Här Bettel, dee sech virdrun och scho geout huet, wéinstens eng hallef Stonn laang hei ausgeschert wor, mä en huet awer dunn erëm brav kleng bäiginn. En huet sech mengen ech fir d'éischt dergéint ausgeschwat a sech dunn enthalen, wann ech mech gutt erënneren. Op alle Fall hu mer de Vote awer misse widderhuelen, fir datt erëm alles tëschent der DP an der CSV géif an d'Rengt kommen, an dobäi ass et dunn och bliwwen. Ech hunn net festgestallt, dass den Här Bettel sech dunn doropshin vun deem Projet distanzéiert hätt.

Am Klortext jiddefalls kéint dat also bedeuten, wat ech elo schonn aus dem Gesetz erausinterpretéiert hunn, dass de Partenariat net an der Salle des mariages wäert zelebriéiert ginn, mä just am Büro vum État civil notéiert gëtt, esou wéi eng Gebuert oder e Stierfall. Ech ken-



nen den État civil vun der Stad Lëtzebuerg, deen ass am Keller. Et ass net schrecklech do, mä et ass och bestëmmt kee Kader, wou sech haaptsächlech och déi homosexuell Koppele kéinte virstellen, e schéinen a feierleche Moment ze verbréngen. Do geet ee bei ee Pult an et seet ee wat ee gär hätt an da gëtt dat akteiert, an dann ass et fäerdeg.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Da musst Der Buergermeeschtesch ginn.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Här President, den Här Bettel meent och sollt Buergermeeschtesch ginn. Dat ass net onbedéngt meng Perspektiv fir d'Zukunft. Mä ech mengen awer, datt et nach genuch gréng Buergermeeschteren a Buergermeeschterinne wäert ginn, déi sech wäerten dru ginn, fir dat dooten anescht unzegoen, respektiv fir...

**(Interruption)**

...déi Gesetzter hei an eng besser Richtung ze veränneren, well op d'DP kënne si jo do net zielen.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Dat ass net wouer.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- De Rapport vun der Commission juridique geet iwwregens mat kengem Wuert drop an, dass dat nu wierklech net dat wor, wat sech vu Säite vun der Homosexuellebewegung gewünscht gi wor.

Ee Wuert zum Wunnsätz, ganz kuerz. Och hei ass weder de Projet de loi, nach d'Chamberskommission der Saach op de Fong gaangen. Eng vun de Konditiounen vum Partenariat ass jo elo déi, datt ee muss zesumme wunnen. Dat ass awer bei onbestuete Koppele guer net esou selbstverständlech wéi bei bestuetenen, a souguer bei deenen ass et net onbedéngt ëmmer de Fall. Op alle Fall, Leit, déi an enger Union libre sinn, sinn nach net noutwennegerweis an enger Cohabitioun. All dës Leit ginn awer elo hei ausgeschloss, mam Argument, soss kéinten ze vill Abusé gemaach ginn.

Op där anerer Säit kann ee sech awer froen, firwat si net och solle kënne als unerkannte Partner a gewësse Situatiounen oprieden. Ech denken zum Beispill wann et ëm Testamenter geet oder och nëmme ëm e Besuchsrecht an enger Klinik.

Dann d'Problematik vun den auslännesche Partner. Et ass ganz vill Gedeessens an der Commission juridique gemaach gi ronderëm déi sou genannte Partenariats blancs, déi mer dann elo hei géife kréien. Den Här Fayot hat intensiv nogefrot, firwat mer dann net emol géife Statistiken duergeluecht kréien iwwert d'Problematik vun dem Mariage blanc, wéi schlémm dat dee Phenomeen dann elo tatsächlech zu Lëtzebuerg wier, fir sech mol kënne an objektiv Bild och vun där Saach ze maachen. Mir waarden ëmmer nach op déi Statistiken. Et hätt eis sécherlech gehollef de Phenomeen besser ze cernéieren. Leider ass dat net geschitt.

Am Ufank hat d'Kommission och gemengt, do nach missten en Amendement anzebauen, dass Leit aus Drëttlänner missten dräi Joer waarden, iert dat se sech dierfte mat engem Lëtzeburger oder EU-Member pacsen, mä dat huet de Statsrot Gott sei Dank net duerchgelooss.

Leider gëtt et awer nach ëmmer eng Differenz - d'Madame Err huet se och scho virdru beschriwwen -, dass Leit, déi sech wëlle bestueden, keng Autorisation de séjour brauchen, mä se duerch d'Bestiednis kréien, während et bei de Leit, déi sech pacsen, genau ëmgedréint ass. Dat stellt awer eng ganz Rei vu Froen. Wéi soll dat goen, wann déi Leit, déi aus Drëttlänner kommen a soss kee Lien mat Lët-

zebuerg hu wéi hir Relatioun, wéi sollen se da beweisen, datt se eng Relatioun hunn? Et gouf gesot, dass au cas par cas géif hei gepréift ginn ob eng Relatioun sech als partenariatswürdeg géif erweisen. Wéi, dat konnt awer keen eis am Detail soen.

Wat geschitt, wann esou eng Relatioun ausenaner brécht? Verléieren déi Leit dann hir Openthaltsgenehmigung? Wat geschitt, wa se hir Openthaltsenehmigung verléieren? Geet hire Partenariat da flecten? Alles dat ass am Moment nach héchst onkloer.

De Statsrot mécht och drop opmierksam, dass déi Differenz, déi hei gemaach gëtt tëschent Bestiednis a Partenariat eng Violatioun vun der Mënscherechtskonventioun kéint sinn, eng Diskriminéierung op Grond vun der sexueller Orientéierung.

Interessant an deem Kontext ass vläicht awer och nach ze soen, dass am September 2003 eng Direktiv iwwert de Regroupement familial an Europa gestëmmt ginn ass. An déi seet leider net ganz vill. Se seet eigentlech just, dass den Droit de séjourner dans le pays d'accueil just gi wär à la condition d'être engagé dans un statut reconnaissant des droits équivalents à ceux du mariage. Dat ass alles, wat een do kann erëmfannen, sou datt och déi Direktiv net wäert hëlfen, fir déi Situatioun méi kloer ze maachen.

Dann e leschte wichtege Beräich vun deem Partenariat. Dat sinn d'Droits dérivés respektiv all déi Punkten, déi maachen, datt een hei tatsächlech vun engem Mariage „bis“ ka schwätzen. De schrëftleche Bericht vun der Kommission seet dann och op enger gewësser Plaz, datt dee Projet hei a ville Beräicher méi - ech zitieren - „protecteur“ wier wéi aner Modeller an anere Länner. An effektiv ass jo hei eng Aide matérielle mutuelle virgesinn, bei Steuerrecht a Sécurité sociale do gëtt et Droits dérivés an et sinn och an Ausnahmefäll Alimenter virgesinn.

Dat bréngt mech op den Thema vun de reelle Besoinen, déi déi Leit hunn, déi wölten oder dann ebe müssen - well se keng aner Méiglechkeet hunn - e Partenariat agoen, an zu de statistesche Grundlage fir dëst Gesetz. Wéi de Projet an der Kommission presentéiert gouf, hunn ech e puermol nogefrot, ob dann eigentlech eng Etüd gemaach gi wier iwwert dës reell Besoinen. Do krut ech ëmmer ganz auswäichend Äntwerten.

Et schéngt also esou ze sinn, dass d'Regierung dee Projet hei gemaach huet ouni iwwerhaupt genau ze wëssen, wéi d'Besoinen an der Bevölkerung wieren, wéi vill Leit iwwerhaupt un engem PACS oder Partenariat interesséiert wieren, ob et méi Homosexueller, ob et méi Heterosexueller wieren. Alles dat wësse mer net an huet d'Regierung och net interesséiert, well se einfach mol, wëll ech behapten, aus ideologesche Grënn gemengt huet, et wier am Geescht vun der Zäit fir dee Projet hei ze presentéieren.

Déi reell Bedierfnisser schéngen eis jiddefalls anerer ze si wéi d'Regierung mengt. D'Zuele vum CEPS sinn zwar leider scho vun 1999, mä si sinn awer ganz spriechend. Vun deene Leit, déi als Koppel zesummeliwien, sinn net bestuete Koppele am stärkste bei deene Jonken ënner 30 Joer vertrueeden. Do maachen se ëmmerhi bal 40% aus, an am Duerchschnëtt bei alle Koppele maachen déi onbestuete Koppele 9% aus.

Déi Jonk sinn awer och an deene meeschte Fäll déi, wou déi zwee Partner schaffe ginn. Vun deenen net bestuete Koppelen ënner 35 Joer sinn déi allermeescht bi-aktiv, also ginn allen zwee schaffen. Souguer wann ee keen Altersënnerschied mécht, wann een all déi Koppele kuckt, wou déi zwee Partner Célibataire sinn, nach ni ge-

scheet goufen, da sinn 88% vun de Koppele bi-aktiv. Dat heescht, si froen net no Ofsécherung, well si hu se scho laang. D'Regierung firt awer mat dësem Gesetz lëschteng viru fir Droits dérivés ze schafen. Dat ass absolut an der Géigerichtung vun deem, wat se och schonn e puermol selwer gesot huet, datt se wëllt méi a Richtung vun Individualiséierung goen, an ëmmerhin - de Comité du Travail féminin weist drop hin - gëtt et och e Groupe de travail vun der Tripartite, dee sech sollt ëm d'Thematik vun der Individualiséierung këmmen.

Et gëtt dann, Här President, eng ganz Rei Saachen, déi an dësem Text feelen. Ech zielen se just stéichwuerméisseg op. Vun der Adoptioun gëtt net geschwat. Vum Besuchsrecht an der Klinik gëtt net geschwat.

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Do kënnt ee mer zwar elo äntweren, et geet duer, wann ee säi Pabeier vun der Deklaratioun mat an d'Klinik hält an da wäerten déi scho fannen, datt dat duergeet. Mä gesetzlech ass dat eigentlech jo elo guer net festgehalen. Ech froe mech, ob dat eng sënnvoll Saach ass, ob een do net méi hätt misse der Saach op de Fong goen.

**(Interruption)**

Wann ee bestuet ass, huet een alt de Benefiss vum Vertrauen. Wann een als homosexuell Koppel zum Beispill an enger Klinik ass, da kann ech mer virstellen, deemno mat weem een ze dinn huet, dass dat guer net esou evident wäert sinn.

**(Interruption)**

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.**- ...an dat misst u sech an dëser Konsequenz duergoen, fir déi normal Relatiounen, wéi Dir se do hutt, ze regelen.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Här President, den Här Wiseler seet elo, d'Partenariat géif e juristesche Kader schafen. Mä Dir hutt an der Praxis mat Leit ze dinn an enger Klinik, déi keng Affekote sinn an déi vläicht guer net wëssen, datt et esou Gesetzter gëtt, an an deem Moment mengen ech wier d'Situatioun net esou evident.

Ech hätt mer kënne virstellen, datt ee fir deen heite Fall esou wéi och fir anerer - et gëtt jo aner Situatiounen, wou et wichteg ass, datt ee ka soen, dass ee Partner ass - och do ee kloren Artikel an d'Gesetz gesat hätt, a wéi enge Fäll, datt een als Partner och unerkannt gëtt.

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.**- Also, ech mengen deen Text hei fënnt geschwé seng Plaz an der Realitéit, an da léisen sech déi praktesch Problemer do am Kader vun dësem Text. Dovunner sinn ech op jidde Fall iwwerzeegt.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Dat wäerte mer da gesinn. Ech wäert dann net méi hei sinn, fir lech déi Fro nach eng Keier ze stellen, mä aner Leit wäerten dat dann a menger Plaz maachen.

**(Hilarité)**

Här President, e weidere Fall ass dee vum Mietrecht, wou zwar Saache virgesi sinn, mä eigentlech net den Transfert vum Contrat de bail am Fall, wou e Partner fortgeet oder stierft. D'Optioun fir d'Nationalitéit, do gëtt et keng Gläichsetzung vum Partenariat mam Mariage. Den Empêchement am politesche Beräich, datt ass ee Beräich, wou mer guer net driwwer geschwat hunn, do geet et eigentlech ëm d'Flichte vun de Partner oder Nodeeler, déi se vläicht kéinte

kréien. Dir wësst, datt bestuete Koppelen zum Beispill net dierfen zesummen am Gemengerot sinn oder an der Chamber. Et dierf och kee Lien ginn tëschent de Kandidaten an de Membere vun dem Bureau de vote. Esou Saachen hu mer hei net virgesinn.

Mir kruten och virun dräi Deeg nach eng Rei vun Amendementer nogeschéckt am Beräich vun der Fonctioun publique, déi ech selwer net méi gekuckt hunn, well einfach keng Zäit méi war, wou ech just wëll drop hiweisen, wéi d'Prozedur ofgelaf ass. Ech hunn nach ni a mengen zéng Joer hei am Parlament materlieft, datt een e Rapport gestëmmt huet, dass d'Kommission fäerdeg war mat hirer Aarbecht, an och net méi zesumme-komm ass, an dass dann Amendementer laanscht d'Kommission un de Statsrot geschéckt ginn, déi kee gesinn huet, wou keen driwwer diskutéiert huet a wou dann nach wa méiglech hannendrun e Rapport complémentaire kënnt, deen och kee gesinn huet.

Also, dat schléit wierklech dem Faass de Buedem aus. Dat ass quasi schonn eng illegal Prozedur, déi do duerchgezu ginn ass. Vun esou Praktike kann ech mech nëmme distanzéieren.

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.**- Et waren eng Rei Rectificatiounen vun Erreurs matérielles, déi hei...

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Erreurs matérielles, déi ëmmerhin dräi Säiten uitgemaach hunn, Här Wiseler!

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.**- Mä déi hunn dräi Säiten uitgemaach, well verschidden Zitater op en Text referéiert ginn, deen an Zwëschenzäit geännert ginn ass, an et sinn déi richteg Rectificatiounen dragesat ginn. Dat ass also einfach gewiescht, fir déi richteg Texter ze zitieren an d'Rectificatioun vun deene materiellen Erreuren.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Den Här Wiseler seet lo, dat wieren Erreurs matérielles gewiescht. Ech konnt dat net vérifiéieren, ech konnt an der Kommission net mat him doriwwer...

**(Interruption)**

Wann dat iren deen neie Stil ass, wéi et hei soll virugoen, da kann ech nëmme soen: Abee merci!

Här President, d'CSV an d'DP hu sech virun de leschte Wahlen an och an dëser Legislaturperiod gestriden, wien déi gréisste Reformpartei wier. Theme wéi duebel Nationalitéit, Euthanasie, Scheedung a schlussendlech och de Partenariat sinn ëmmer erëm do virbruecht ginn an et ass gesot ginn, dass dat alles nach géif duerchgezu ginn. De Partenariat ass schlussendlech deen eenzege Punkt, deen hei wierklech presentéiert ginn ass.

E kënnt spéit, nodeems dass eng hallef Dosen aner europäesch Länner et Lëtzebuerg scho virgemaach hunn, a längst amgaange sinn, deen nächste Schrëtt an Ugrëff ze huelen, an e kënnt nodeems schonn 1995 an 1996 zwou Propositions de loi heibanne virgeluecht gi waren, zu där iwwregens ni vun der Regierung eng Prise de position komm ass, mä wou d'Regierung et virgezunn huet einfach do derlaanscht hiren eegene Projet ze maachen.

Déi Reform geet un de reelle Bedierfnisser vun de Leit laanscht. Ech sinn iwwerzeegt, datt et wäit manner déi heterosexuell Koppele wäerte sinn, déi vun deem neie Gesetz wäerte Gebrauch maachen, well dese Partenariat hinnen ze vill wäit geet, mä déi Homosexuell, déi vun der Regierung guer net viséiert waren, mä déi awer faute de mieux e Partenariat wäerten agoen.

Dat ass fir eis den Haaptgrond, Här President, firwat mir mat dësem Projet de loi net kënne averstane

sinn. Déi Reform mécht fir d'Heterokoppelen zwar d'Dier op a schafft de Choix tëschent Mariage a Partenariat, mä net fir d'Homokoppelen. Domat zementéiert se de facto d'Ausgrenzung vu Schwulen a Lesben, déi scho vill ze vill laang undauert.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. D'Wuert huet den Här Urbany.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn an dësem Land scho grouss Reformen am Zivilrecht an der Vergaangenheet duerchgefouert ginn, mä ech mengen awer net, dass dat hei eng grouss Reform vum Zivilrecht ass, stricto sensu ass et eigentlech iwwerhaupt keng Reform vum Zivilrecht.

Mir hunn an de 70er Joren eng Periode gehat, wou ganz vill iwwert d'Zivilrecht diskutéiert ginn ass. An engem regelrechte Kraaftakt ass deemools am Code civil aus der ënnergeuerdener Roll vun der Fra déi vun enger gläichberechtigter Partnerin gemaach ginn. Déi Reformen, zum Beispill déi iwwert d'Régimes matrimoniaux, sinn deemools vun héichkarätegen Auteuren, Universitätsprofessoren aus dem Ausland, déi op d'Familienrecht spezialiséiert waren, virgeholl ginn an duerno si se enger laangwiereger parlamentarescher an ausserparlamentarescher Diskussion ënnerworf ginn.

Ech stelle just fest, dass deen heite Projet virun zwee Joer vu Beamte vum Ministère aus dem franséische Pacte civil de solidarité an aus deem belsche PACS regelrecht zesummegeschriwwen ginn ass an duerno ass dat Ganzt dann an e puer Sitzungen an der juristescher Kommission, wou anscheinend wéi ech héiere kee sech bereet fonnt hat, fir déi Charge ze iwwerhuelen, an ee vu bausse, deen net Jurist ass, huet mussen erakomme fir hei Rapporteur ze spillen, iwwert d'Bühn gezu ginn an ech mengen d'Resultat gesäit een och haut, wa mer hei driwwer diskutéieren.

Ech mengen an der Virbereedungsphas vun deem Projet hei hätt misse vill méi Berodung geschéien. Et hätt sech zum Beispill vill méi misse iwwert d'Erfahrungen, déi am Ausland an eisen Nopeschlänner mat ähnleche Systemer gemaach gi sinn, berode ginn. Et hätten onofhängeg Avisé misse erageholl ginn. Et hätt och zum Beispill - bei anere Projekte geschitt dat jo och - op den Avis vun de Justizautoritéiten zréckgegraff ginn. Ech froe mech: Firwat ass dat hei net geschitt, ëmsou méi, well jo grad a Frankräich déi hybrid, zwiespältig Natur vun deem PACS vill diskutéiert ginn ass an dee System, dee mer hei aféieren, deem vum PACS a Frankräich vill ähnelt?

Et ass gesot ginn, et soll net e Mariage „bis“ sinn. Et geet awer iwwert d'Regelung vun engem einfache Concubinage, deen et a Frankräich jo awer gëtt, wäit eraus. Et gëtt gesot, et ass en einfache Kontrakt zwësche Privatleit, mä gläichzäiteg geschitt hei awer eng onverkennbar Institutionalisierung a wesentlechen Aspekter, ähnlech wéi bei engem Bestiednis.

Mä ech stellen awer fest, de franséische Législateur huet de PACS awer op d'mannst an de Code civil gesat. Hien huet en ënnert dem Kapitel „Rechter vun de Persounen“ geregelt. De belsche Législateur huet en och an de Code civil gesat, hien huet en zwar an engem anere Kapitel geregelt, do wou iwwert d'Besetzrechter Rieds geet.

Dat hei ass e Gesetz wat anscheinend en Eegeliwien huet, onofhängeg vum Code civil an ech fannen dat prinzipiell bedenklech. Doniewent ginn nach eng ganz Partie vu



Bestimmungen an der Sécurité sociale an am Steuerrecht geännert. An der Sécurité sociale gëtt jo dëst Partenariat mat de Rechter vun de bestuete Leit gläichgestallt. Hei ginn anscheinend déi grondleeënd Schwierigkeeten net opgeworfen, déi opgeworfen gi wann et ëm d'Gläichstellung vum Mariage homosexuel mat dem Mariage geet. An der Sécurité sociale ginn d'Partner, déi esou e PACS aginn, an allen Hinsichte gläichgestallt mat bestuete Leit. Si kréien an Zukunft och eng Liewensrent wann de Partner stirft a si sinn an der Krankekeess vun hirem Partner.

Allerdéngs huet dat och seng Niewesälten, déi net esou erfreulich sinn. Et kann och zu enger Verstärkung vun Ofhängegkeete bäidroen. Et ginn ëmmerhin nei Droits dérivés geschafen; wat jo och vum Comité du Travail féminin a sengem Avis zu deem hei Gesetz kritiséiert ginn ass. Allerdéngs, wann een d'Situatioun an der Sécurité sociale kuckt, muss ee soen, et gi jo schonn op eng negativ Aart a Weis esou Bestimmungen, wou gekuckt gëtt, ob eng Communauté de vie virläit. Zum Beispill wat d'Bedingung fir den RMG ze kréien ugeet, wou jo scho laang d'Revenue vun alle Membere vun enger Communauté a Betracht gezu sinn, ob et sech elo ëm e Concubinage handelt oder ëm aner Forme vum Zesummeliwwen, ouni égard op d'Geschlecht vun deene Bedeelegten vun esou enger Communautéit.

Ech hunn nach ni héieren, dass d'CSV dat soll kritiséiert hunn. Am Géigendeel, d'CSV huet et grad do agefouert, well do ass et jo och drëm gaangen, fir eventuell Prestatiounen op esou Bestimmungen hin ze reduzéieren. Ech hunn och nach ni d'Kierch kritisches héieren eppes iwwert déi Bestimmungen an der Sécurité sociale soen, déi et scho laang gëtt. Hei gëtt also am Fong geholl eng Gerechtegkeet hergestellt: Wou op där enger Säit schonn no enger Communautéit gekuckt ginn ass, wann et ëm d'Reduzéierung oder d'Beschneiden eventuell vun Rechter geet, muss elo och op där anerer Säit gekuckt ginn, wann et ëm d'Accordeiere vu Rechter geet, dass och do d'Communauté de vie zielt.

D'Partenariat gëtt och an Zukunft bei deene verschiddene Prestatiounen vun de Familljekeese berücksichtegt an och bei de Steiere kréien d'Partner, déi esou e Vertrag aginn, an Zukunft gewësen Avantagen, souwuel bei den direkte wéi bei den indirekte Steieren och wann et net zu enger gemeinsamer Besteuerung kënnt.

Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei ass sécher eng versichten Antwort op eng gesellschaftlech Demande, déi jo, wéi mer wëssen, prioritär vun homosexuelle Koppelen ausgesteet. Mä et gëtt awer och hei festgestallt, dass et eng onzufriedenstellend Antwort ass, well jo grad vun deene Leit aus dack eng Gläichstellung mam Bestiednis verlaangt gëtt an zwar aus verständleche Gläichheitsargumenter eraus, déi ech och an där Form akzeptéieren.

Déi Gläichstellung gëtt awer hei carrément weiderhi refuséiert a mat hir refuséiert gëtt och déi geregelt zivilrechtlech Situatioun vun de Koppelen an engem Mariage wéi se am Code civil elo geléist ass an et muss ee wëssen, dass hei am Fong geholl näischt un den Zivilrechter vun deene Leit, déi an esou engem PACS sinn, geännert gëtt. Den État civil vun deene Leit bleift nach ëmmer deeselwechten. Et gëtt näischt um État civil geännert. Um Ordre de succession gëtt och näischt geännert. Et entstie keng eegesuccessoral Rechter vum Conjoint oder vum Partenaire survivant, an dat, wat en iwwer en Testament oder eng Donatioun kritt, bleift och réduciibel op déi héréditaire Reserv vun de Kanner hin.

Et ginn och hei keng Rechter op en Zesummeliwwen geschafen, wéi se awer beim Mariage besti wann e Partner zum Beispill aus engem Drëttland kënnt a keng Autorisation de séjour huet. Et ass virdrun d'Beispill genannt gi vun enger Visite an enger Klinik, wou gesot gëtt: Och bestuete Leit hunn de Moment kee verbréiften Recht, fir hire Partner an enger Klinik ze besichen. Mä éischters mol ass dat jo awer d'allgemeng Praxis an zweetens gëtt et och do en Devoir de secours et d'assistance beim Mariage, dee vill méi wäit geet, wéi dee rengen Droit d'assistance matérielle, deen an deem heite Gesetz virgesinn ass. An ech kéint mer virstellen, dass et och an där Hinsicht trotzdeem an Zukunft Schwierigkeeten an der Praxis wäert ginn, déi hei an deem Gesetz net geregelt ginn.

Ech fannen, dass dëst Gesetz awer éischter de Concubinage, d'Zesummeliwwen vu Leit, regelt. De Concubinage gëtt awer dacks vu ville Leit, déi e praktizéieren - natierlech virun allem vun esouer, déi och d'Recht hätte sech ze bestueden -, ugesinn als eng radikal Alternativ zum Bestiednis. Déi wëllen déi Formen, déi Ritualer an déi Symbolik vum Bestiednis net, duerfir liewe se an enger Liewensgemeinschaft zesummen a losse sech net op der Gemeng bestueden. An ech fannen, dass dee Projet hei mat all sengen Ambiguitéiten, mat deene Schrëtt, déi en awer a Richtung vun engem Mariage „bis“ mécht, do awer vläicht fir verschidde Leit ze wäit wäert goen.

Dat ass och hei virdrun esou vun der Madame Wagener gesot ginn, an ech mengen och, dass se Recht domadder huet. Leit, déi einfach nëmme wëllen zesummeliwwen a sech net bestueden, déi wëllen och net, dass e Richter sech amëscht an d'Enn vun hirem Zesummeliwwen, oder dass zum Beispill a gewësse Fäll Alimenter solle vun engem Gericht verhaangen ginn. An ech mengen och dofir net, dass grad vun esou Koppelen verstärkt op esou eng Form vun Zesummeliwwen zréckgegraff wäert ginn. Ech mengen och dofir net, dass et zu Abusé vun esou engem Cadre légal wäert kommen.

Wat also feststellen ass, dat ass, dass dat hei Gesetz Situatiounen a Bestriewunge regelt, oder regele soll, déi am Fong geholl ganz grondverschiede sinn, an dass et keng richtigeg Regelung fënnt weder fir déi eng Zort vu Leit, déi éischter un engem klassiches Concubinage interesséiert wieren, nach fir déi Leit, déi un engem Mariage homosexuel interesséiert wieren.

Wat elo déi verschidden Texter ugeet, déi hei virleien, wëll ech soen, dass ech d'Proposition de loi vun der Madame Err stëmme wäert. Si huet den Advantage, dass se eng Regelung fir d'Konkubinat virgesäit, an och dobäi bleift, an net d'Ambitioun huet eng Ouverture zu engem Mariage ze maachen.

Ech wäert och d'Proposition de loi vun der Madame Wagener stëmmen, well se den Advantage huet e bëssen op eng provokatoresch Manier ze weise wéi einfach et wier, an dee bestehenden Text vum Code civil - wou nëmmen e puer Wieder geännert ginn - d'Méiglechkeet vum Mariage homosexuel anzeféieren, mat alle Konsequenzen fir déi Leit, déi dat hätt, well alles am Code civil hängt jo mateneen zesummen.

Ech mengen och, dass d'Madame Wagener mat hirer Proposition de loi op eng wuessend Zoustëmmung an der Gesellschaft stéisst, déi vläicht op d'Erkenntnis zréckzeféieren ass, dass d'Essence vum Mariage déi géigesäiteg Zuneigung vun zwee Mënschen ass, onofhängeg vun hirem Geschlecht, onofhängeg vun eventuelle Filiationsfroen, déi musse gekläert ginn, menger Meinung no net onbedéngt als eng Annex vum Ma-

riage, mä eventuell als eng Institution niewent dem Mariage, déi zoutreëft op all déi Leit, déi an enger bestëmmter selwechter Situatioun sinn. An datselwecht, mengen ech, misst och komme wat d'materiell Ofsecherung ugeet, wat déi Fro vu Communautéit, vun Indivisioun, vu Copropriétéit eventuell, oder vun deene verschiddene Régimes matrimoniaux ugeet, déi och misste wäitgehend onofhängeg si vun der Institution selwer vum Mariage, an all deenen opstoen, déi en Interesse drun hätten, fir an déi Richtung ze goen.

Déi Proposition de loi vun der Madame Wagener huet den Advantage, dass se vill Saachen a Bewegung setzt an dass se net d'Institution u sech vum Mariage zementéiert op all éiweg Zäiten, mä dass se eng Partie Froen opwerft, och wat d'Selbstverständnis vum Mariage u sech ugeet. An ech mengen, dass dofir och d'Zäit komm ass an Zukunft fir nozedenken iwwer méi wäitgehend Reforme vum Droit de la famille.

Et kënnt ouni Zweifel den Drock och vu baussen, fir déi Institutionen, déi et an anere Länner gëtt, unzeerkennen, Problemer vum Droit international privé. Mir kënnen eis net deene Saachen entzéien. Dat forcéiert eis och dat weider an der Diskussioun ze halen, an och de Problem vun der Individualiséierung vun de Rechter an der Sécurité sociale, e wichtege Problem, dee muss diskutéiert ginn, ouni awer Rechter vu Leit, déi entstane sinn, ze léséieren.

Ech stëmmen also, fir ze resüméieren, déi zwou Propositions de loi esou wéi se hei virleien, an ech wäert mech enthalen bei dem Projet de loi, well ech fannen, dass et en hallefhaerzege Versuch ass, deen net deem Wandel, deen an der Gesellschaft amgaangen ass sech ze maachen, Rechnung dréit.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als lescht Diskussionsriednerin ass d'Madame Nancy Arendt agedroen. D'Madame Arendt huet d'Wuert.

**Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Claude Wiseler, villmools merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee bestëmmt net einfach war.

Dëse Projet huet mech vun Ufank un interesséiert an huet mech och op engem méi mënschleche Plang beréiert, well ech et einfach wichteg fannen, dass mir léieren ze akzeptéieren, dass et an eiser Gesellschaft verschidde Meinungen gëtt an net nëmmen eng, déi eenzeg a richtig ass. An dofir wëllt ech ganz kuerz op d'Philosophie vum virleien Text agoen.

Mäi Fraktiounskolleeg, de Laurent Mosar, huet dat schonn am Detail gemaach, an ech wëllt mech och 100%eg senger Meinung a senger Wieder uschleissen.

Als ee vun deene jéngste Membere aus der Chamber läit mir dëst Gesetz ganz besonnesch um Häerz. Wat huet d'Tatsaach méi jonk ze sinn domat ze dinn, dass mir dëse Projet esou wichteg ass? Ech menge soen ze kënnen, ouni mech ze ieren an ouni hoffentlech engem méi no ze trieden, dass dat soziaalt Umfeld vun enger Mëttdrëssegjähreger oft e bëssen aneschtens ausgesäit, wéi dat vu mengen Elteren oder menge Grousselteren zum Beispill.

A menger Klass kennen ech vill Leit, bekannte Frënn, Familljemembere, déi eng ganz aner Approche zum Bestiednis an zum Zesummeliwwen hunn, wéi déi vu méi eelere Generatiounen, fir déi nëmme just d'Bestiednis a Fro komm

ass. Et ginn awer niewent dem Bestiednis nach aner Forme vun Zesummeliwwen, wat vläicht an den Ae vun deene méi eelere Generatiounen keng gängeg Aart vum Zesummeliwwen duerstellt, ass fir meng Generatioun eng Selbstverständlechkeet. Et ass Zäit ginn, dee juristeschen a soziale Kader un dës Selbstverständlechkeet unzepassen.

Eis Gesellschaft huet sech an deene leschte Jore a Jorzéngten a Saache Liewens- a Bezéiungsforme geännert, an dës virleiende Projet dréit dës Entwicklung Rechnung. Och wann d'Bestiednis weiderhin eng besonnesch Stellung an eiser Gesellschaft huet, an nach vill Leit, och bei deene Jonken an och fir mech perséinlech, déi ideal Grondlag vun der Famill ass, ginn et ëmmer méi Leit, déi hiert Familljeliwwen op eng aner Basis wéi d'Bestiednis organiséieren wëllen.

Ech fannen all d'Liewensgemeinschaften, och déi, déi sech ausserhalb vum Bestiednis bewegen, hunn Usproch op Unerkennung a Schutz, an dat egal ob et sech ëm hetero- oder homosexuell Forme vum Zesummeliwwen handelt. Och si si frou mateneen, och si hunn e Recht op eng kontraktesch Verankerung wa se dat wënschen.

Andeems dëst Gesetz e juristesche Kader fir all Liewensgemeinschaften ausserhalb vum Bestiednis schafft, wou prezis Rechter, mä och d'Flichte vun de Partner festgehalde ginn, erlaabt de Projet och den Homosexuellen eng offiziell Relatioun geltend ze maachen. An dat ass a mengen Aen e wichtege Aspekt vum Gesetzesentwurf, och wann et den Autoren vum Projet an éischter Linn drëm gaangen ass de juristesche Vakuum ze fëllen an deem sech vill Koppelen befannen, onofhängeg vun hire sexuellen Orientéierungen. Dësse Projet spigelt de gesellschaftleche Wandel a puncto Unerkennung an Akzeptanz vu gläichgeschlechtliche Koppelen erëm, e Wandel, deen ech perséinlech ganz besonnesch begrëissen.

Eis Gesellschaft huet sech an deene leschte Jorzéngten esou entwéckelt, dass sech ëmmer méi Leit zu hirer Homosexualitéit bekannt hunn. Gläichgeschlechtlecher wëllen och ëmmer méi oppen an éierlech vis-à-vis vu sech selwer sinn, an dat och ausliewe kënnen, genaous wéi dat bei heterosexuelle Koppelen de Fall ass, an zwar ënnert der Form vun enger Liewensgemeinschaft, déi net nëmmen toleréiert, mä och virun allem akzeptéiert soll ginn.

Ech si sécher, dass dësse Projet, dee mer haut an der Chamber wäerte stëmmen, d'Toleranz an d'Akzeptanz vun anere Konzepter vum Zesummeliwwen wäert festegen, an zur Unerkennung vun alle Liewensformen als selbstverständlech, lues awer sécher, an eiser Gesellschaft bäidroen wäert.

An dësem Zesammenhang sinn ech houfrech, dass dësse Projet d'Ennerschrëft vun der CSV dréit, d'CSV, déi jo ëmmer esou duergestallt gëtt, wéi wa se an de gesellschaftleche Froen erzkonservativ wier...

**(Interruption)**

...- mä d'DP ass net erzkonservativ, dat sinn éischter mir - a viru 50 Joer verstengert stoe bliwwen war. Ech si frou, dass de Premier a senger Ried iwwert d'Lag vun der Natioun am Joer 2001 dësse Projet als ee vun deene wichtegste gesellschaftleche Projeten ugekënnegt huet. Dowéinst géif ech et och gutt fannen, wann dësse Projet, deen net ganz onëmstridde war an och net ass, trotz de verschiddenen Divergenzen, mat enger grousser Majoritéit géif gestëmmt ginn.

D'Fro, déi mir am Kader vun dësem Vote beäntwertet sollen, ass net déi fir ze wëssen ob de Projet op verschiddene Punkten ze wäit oder net wäit genuch geet. D'Fro, déi sech a mengen Ae stelle muss, ass

déi fir ze wëssen, ob de Projet d'Situatioun vun de Leit, déi vum virleienenden Text beträff sinn, wäert verbessern oder net. An do ass d'Antwort eendeiteg jo.

Ech hunn net wëlles an den Detail vum Projet anzegoen. Ech hunn dat schonn am Ufank gesot. Dat hunn anerer, virun allem de Rapporteur, viru mir gemaach. Mä et ass kloer, wann ee sech den Text ukuckt, dass en iwwert d'Unerkennung vun de Liewensformen ausserhalb vum Bestiednis eraus de konzernéierte Leit a virun allem ville Männer a Fraen, déi zesummeliwwen ouni bestuet ze sinn, bestëmmte Rechter sécherstellt, ouni déi si am Alldag diskriminéiert wäeren. Mir hunn e gudden Text virun eis, deen d'Lag vun den Zesummeliwwenden op ville Punkte verbessert, an dofir fannen ech och, datt mir dësse Text stëmme sollen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si kee Frënd vu groussen a laange Rieden, insbesondere net dann, wann zënter Stonnen hei plus ou moins mat deeneselwechten Argumenter zu dëser Problematik diskutéiert gëtt. Ech géing dofir ganz kuerz am Numm vun der Regierung nach eng kéier wëlle soen, dass mir der Meinung sinn, dass dat hei e wichtigen Dag ass fir ganz vill Koppelen hei am Land, homosexuell an heterosexuell Koppelen, déi zesummeliwwen ouni zesumme bestuet ze sinn an duerfir - an dat ass eise Souci an dat muss eise Souci sinn - ze évitéieren, dass déi an engem totalë Vide juridique liewen, esou wéi dat haut de Fall ass.

Déi gréng Deputéiert, d'Madame Wagener, huet sech opgereegt dorüwer, dass an deem Gesetzes-text, op 37 Säite mengen ech huet se gesot, iwwert d'Problemer vun der sozialer Sécherheet géing an deem Kontext geschwat ginn.

**Mme Lydie Err (LSAP), auteur.** - Dat war ech!

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Dat war d'Madame Err, Här President, déi dat da selwer hei seet. Ech si stolz dorobber, well et ass an der Iddi vun der Regierung gewiescht, dass mer grad déi Situatiounen, wou et haut an der Praxis ganz vill Problemer gëtt, wann zwee Leit zesumme wunnen ouni ënnert dee juristesche Kader vum Bestiednis ze falen, a se dann an enger schwieeiger Situatioun sinn, dass et e rechtsleere Raum gëtt, an dass dann de Stat op déi eng oder déi aner Fassong muss ad hoc asprangen, fir déi Situatioun op eng mënschlech Aart a Weis ze regelen.

Duerfir ass et d'Flicht, déi morallesch an déi politesch Flicht vum Stat, vun alle Politiker, gläich welcher Gesënnung se sinn, fir an deene Situatiounen iwwert de gesetzgeberesche Wee anzegraifen. Et ass duerfir wou mer hei Regele maachen am Zivilrecht, Regele maachen am Recht vun der sozialer Sécherheet a Regelen am Recht vun der Fiskalitéit, déi net datselwecht si wéi de Mariage, well mir sinn hei net an där Situatioun, mä déi Mindestregele vu Responsabilitéit a vu Solidaritéit asetzen tschént zwee Leit, déi zesummeliwwen ouni mateneen bestuet ze sinn.

Dat ass d'Zilsetzung vun dësem Gesetz, an duerfir ass et e grousst a wichteg Gesetz wat d'Situatioun vu ville Leit hei am Land verbessert, an duerfir ass et wierklech e Gesetz, wat och jidderee muss kënnen stëmmen. Duerfir fannen ech et interessant wann hei gemengt gëtt oder sech erstaunt gëtt,



dass och grad chrëschtlech Politiker géingen esou en Text stëmmen, oder si dierften en iwwerhaupt net stëmmen, well d'Madame Wagener mengt, si kënn an där dote Problematik Zitatiounen ervirbréngen, déi déi eng oder déi aner moralesch Schwierigkeete géifen...

■ **Mme Renée Wagener** (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Dat sinn net ech, dat ass de Poopst, deen dat seet.

■ **Une voix**.- Jo!

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Ech wëll der Madame Wagener soen, dass ech mengen, dass all Politiker, dee sech ëm seng Matmënsche bekëmmert, an dat ass d'Zil vun der Politik an dat ass d'Zil vun dëser Regierung, dee bréngt esou e Projet ervir, well e sech ëm d'Leit bekëmmert. E bekëmmert sech ëm d'Leit, déi net ënnert déi Regele falen, déi am Gesetz iwwert de Mariage virgesi sinn, e bekëmmert sech ëm déi Leit, déi an eiser Gesellschaft aus fräie Stécker, an enger fräier, pluralistescher Gesellschaft kënnen d'Leit esou zesumme wunne wéi si et fir richtig fannen, an da stellt sech d'Fro fir d'Politik: Bekëmmert ee sech dorëms oder bekëmmert ee sech net dorëms? D'Regierung ass der Meenung, contrairement zu aneren, dass ee sech ëm déi Situatioun muss bekëmmern.

Dat ënnerscheet eis och vun deem, wat hei d'Vertrieder vum ADR gesot hunn, déi déi Froen einfach wëlle lénks leie loossen. Hei ass en Text, deen eng kloer, propere...

■ **Une voix**.- Mir hu kloer Propositione gemaach, Här Minister, wat mer wëllen änneren.

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Dat hei ass en Text, deen déi Situatioun verbessert, an duerfir hoffen ech op eng breet Zoustëmmung an dësem Parlament. Dëst Gesetz huet näischt ze doe mat der Fro vum Mariage vun den Homosexuellen. Déi Fro muss a kann een an enger pluralistescher Gesellschaft diskutéieren, mä souguer wann d'Regierung op dee Wee gaange wär, wat se net...

#### (Interruptions diverses)

Bon, haut de Moien zënter néng Auer an an de Kommissiounssitzungen hu mer x-mol doriwwer diskutéiert.

#### (Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. le Président**.- Loosst den Här Minister schwätzen!

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wär frou wann ech kënn mäi Gedanken och op deem Punkt fäerdeg maachen, well ech hunn och d'Madame Wagener natierlech schwätze gelooss.

Och wann een dee Mariage agefouert hätt, da bleift d'Regierung der Meenung, dass een dëse Gesetzesprojet brauch, well dëse Gesetzesprojet regelt jo d'Situatioun vun deene Leit, déi net matenee bestuet sinn an déi och an esou enger Situatioun net onbedéngt wëlle bestuet sinn. Also soen ech, dëse Gesetzestext ass an den Ae vun der Regierung extrem noutwendeg, virun allem fir de Volet vun der sozialer Sécherheet, vun der Fiskalitéit a fir gewësse Beraicher vum Zivilrecht méi kloer ze regele wéi dat haut de Fall ass.

Déi aner Fro, an dorobber ginn ech elo net méi am Detail an, well ech dat virdrun an Zwëscheninterventiounen gemaach hunn, muss een an eisen Ae selbstverständlech virun allem am Kontext vum Intérêt vun de Kanner gesinn. An ech bieden drëm, dass, wann een esou eng Diskussioun op eng tolerant Aart a Weis féiert, d'Kand am Vierdergrond steet. D'Fro vum Intérêt vum Kand, d'Fro vun der Adoptioun, d'Fro vun den internationa-

len Adoptiounen, déi och largelement determinéiert ginn am Ursprongsland vun deene Kanner, kann een net hei duerch e Fiederstréch maachen.

Ech deelen och net d'Meenung vun deene Gréngen, déi sech hei ganz kloer fir en Adoptiounsrecht vun homosexuelle Koppelen ausgeschat hunn, well ech mengen et gëtt kee Recht op d'Adoptioun. D'Adoptioun muss ëmmer gesi gi virun allem aus der Perspektiv vun de Kanner. Doriwwer muss een eng Debatt féieren, doriwwer kann een eng Debatt féieren. An enger pluralistescher Demokratie muss ee kënnen iwwer alles diskutéieren. Mä dat huet näischt mat dësem Projet de loi ze doen. Duerfir mengen ech, dass jiddfereen, dee sech bekëmmert ëm déi Leit, déi zesumme wunnen ouni bestuet ze sinn, soll massiv dësen Text stëmmen. Mir wäerten dorunner moossen, wie sech ëm d'Leit hei am Land bekëmmert a wiem verschidde Situatiounen egal sinn.

#### (Interruptions diverses)

Duerfir bieden ech ëm d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz an ech soen all deene merci, déi hei op eng konstruktiv Aart a Weis an dëser Debatt an och an deene Kommissiounssitzungen - dat waren der ganz vill, et ware ganz vill Kommissiounssitzungen - deelgeholl hunn, virun allem och dem Rapporteur, dem Här Wiseler, deen hei duerch deen Text a villen Aarbechtssitzunge sech doduerch gewandert huet.

Ech mengen och, an domadder géing ech ofschléissen, Här President, dass zu all dësen Debatten, deene gesellschaftspoliteschen Debatten, ee muss e largen Débat féieren. Dat hu mir bei dësem Text gemaach, an et soll een eis wann ech gelift net reprochéieren, dass deen Text kuerz virum Enn vun der Legislaturperiod kënn. Déi Gréng hunn eis hei attackéiert, deen een Dag soen se déi Texter kéimen ze spéit an der Legislaturperiod, se komme spéit well och laang doriwwer diskutéiert ginn ass. Anerer kommen net, déi awer um Instanzewee sinn, wéi d'Reform vum Scheedungsrecht oder dee vum Numm vum Kand, well mer wëllen den Débat féieren.

Mir hätten déi och nach, wa se zum Deel aviséiert gewiescht wiere vum Statsrot, kënnen duerchbréngen. Ech mengen, dass dat Debatte sinn, déi ee muss féieren, onofhängeg vu Wahlen, an duerfir ass et och Zäit fir déi Debatten am Hierscht virunzeféieren. Mir hunn d'Jalonen dozou gesat, dës Regierung huet d'Texter op den Instanzewee bruecht, an déi Debatte mussen am Hierscht virugefouert ginn, och op anere gesellschaftspolitesche Felder, déi mir an dëser Legislaturperiod wesentlech vu Regierungssäit virubruucht hunn.

Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Ah, d'Madame Wagener freet Parole après ministre.

■ **Mme Renée Wagener** (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Jo, Här President, Parole après ministre. Ech wollt dem Här Frieden soen, en huet elo gesot mir hätte vun engem Recht op Adoptioun geschwat. Wann en eis Proposition de loi gelies hätt, hätt e gesinn, dass mer eis duerchaus bewosst sinn, dass et kee Recht gëtt, mä en Accès, dee geregelt ass. An domadder kënne mir och ganz gut liewen. Mir hunn ni gesot, et misst e Recht ginn, an natierlech ass fir jiddfereen heibannen, och fir déi Gréng, den Intérêt vum Kand deen, deen zielt.

Mä den Intérêt vum Kand, wann deen esou definéiert gëtt, dass d'office homosexuell Leit, ob se elo zu zwee oder eleng sinn, ausgeschloss ginn, dann ass dat menger Meenung no do de Punkt, wou et falsch leeft, da gëtt eng Diskrimina-

tioun gemaach, da gëtt net méi fräi gekuckt, ob een apte a capabel ass fir Erzéiungsaarbecht ze maachen, mä da gëtt just nach gekuckt, wéi engem seng sexuell Orientéierung ass, an et ass genau dee Punkt, dee mir wëllen ofschafen, a wou mir wëllen an eng nei Richtung goen.

■ **Une voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4946 a stëmmen doriwwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 31 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 4946.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 4946 et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4946 ass ugeholl mat 33 Jo-, 7 Nee-Stëmmen an 20 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.*

*Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Se sont abstenus: M. Jean Spautz;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par Mme Lydie Err), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Georges Wohlfart), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 4162.

#### Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ofgelehnt.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Proposition de loi vun der Madame Renée Wagener.

#### Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 4162

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de loi 4162 vun der Madame Renée Wagener ass verworf mat 40 Nee- géint 20 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Jean Asselborn), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);*

*M. Jacques-Yves Henckes;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par Mme Simone Beissel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Mer kommen dann zur Proposition de loi 4110 vun der Madame Lydie Err.

#### Lecture du texte de la proposition de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ofgelehnt.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Proposition de loi 4110 vun der Madame Lydie Err.

#### Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 4110

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

D'Proposition de loi 4110 ass verworf mat 35 Nee- géint 24 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Lydie Err), Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Georges Wohlfart);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.*

*Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Colombero et Aly Jaerling.*

Mir maachen elo d'Lecture vun den Artikelen vun dräi Projeten, wou mer gëschter d'Discussion générale ofgeschloss hunn. Wéi gesot, et bleiwen nach d'Lecture vun den Artikelen ze maachen an de Vote.

Dat betrëfft fir d'éischt de Projet de loi 5315.

2. 5315 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1<sup>er</sup> mars 1973 autorisant le Gouvernement à accorder la garantie de l'État et une aide financière au profit de la „Société des Foires Internationales de Luxembourg“, Société anonyme à Luxembourg (suite)

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen I an II si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5315.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jean Asselborn), Jean-Pierre Klein (par Mme Lydie Err), Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.